Mir gesinn och, wéi transparent an ëmweltbewosst de Buedem sanéiert gëtt. Kontaminéiert Masse ginn um Site traitéiert. An et gëtt just e klenge Prozentsaz, also dat Material, wat net méiglech ass ze dekontaminéieren, fortgefouert. An de Rescht vum Material gëtt um Site verschafft, wat natierlech erlaabt, de Camionsverkéier duerch Diddeleng wärend der Bauphas ze reduzéieren. Déi zweet Modification ponctuelle, iwwert déi mir haut ofstëmme baséiert op neien Donnéeën a Studie vun de Bureaue BEST a Schroeder & Associés. Et goufen d'Topographie aktualiséiert, d'Mobilitéitspläng besser ofgestëmmt, d'Zirkulatiounsberäicher an déi gréng Infrastruktur nei strukturéiert. D'Landschaftskonzept gouf iwwerschafft an d'Planzenaarte goufen un déi verännert klimatesch Konditiounen ugepasst, respektiv a Leeën nei opgedeelt. Mee d'Haaptlinn vum Projet, de Patrimoine, de Shared Space an nohalteg Planung gi konsequent agehalen.

Et ass wichteg ze ënnerstäichen, dass dës MOPO d'legal praktesch Grondlag schaaft, fir dass de Fonds du Logement mat den Aarbechten um Terrain kann ufänken. D'Zäit vum Pabeier ass elo eriwwer an et ka lassgoen. Dëse Projet ass ambitiéis, ëmfaassend a beispillhaft. De Projet beweist, dass nohaltegt Wuesstem a sozial Verantwortung sech net ausschléissen, mee géigesäiteg stäerken. Mir maachen e weidere Schrëtt a Richtung vun enger Stad, déi verantwortungsvoll mat hire Ressourcen ëmgeet, déi de Mënsch an de Mëttelpunkt stellt an déi och fir déi nächst Generatiounen eng Heemecht soll sinn. Dofir wäerte mir dës Konventioun am MOPO matstëmmen. Ech soe Merci fir d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, an och vu menger Säit e ganz grousse Merci fir d'Presentatioun. E grousse Problem, deen net nëmmen hei zu Diddeleng herrscht, ass, dass vill Leit op der Sich no enger Wunneng sinn an deelweis dobäi verzweifelen. Engersäits well d'Präisser vun de Wunnengen, an dëst obschonn se an de leschte Jore liicht gefall sinn, nach ëmmer enorm héich sinn, an op der anerer Säit wéinst dem Fait, dass vill Leit oft kee Prêt kréien, fir eeben dës Wunnengen ze bezuelen. Och déi aktuell kleng Offer u Wunnengen um Marché, déi fir ze lounen zur Verfügung sti mécht d'Saach net méi einfach, eng Plaz fir ze wunnen ze fannen.

Ma wéi gewosst ass, wëlle mir als DP, dass all Mënsch soll en Daach iwwert dem Kapp hunn, a begréissen et dofir enorm, dass hei zu Diddeleng, um Site vun der aler Schmelz, Wunnenge fir ronn 3.400 Persoune gebaut ginn. Gutt fannen ech et och, dass mir als Gemengerot d'Geleeënheet haten, de Site, wou direkt e ganz neien a flotte Quartier entsteet, ze besichtegen, fir eis e Bild vum Avancement vun den Aarbechten ze maachen a sur place nach déi eng oder aner Erklärung zu eeben dësen Aarbechten, wéi och dem weidere Verlaf vum Chantier, ze kréien. Ech wëll dann och hei betounen, dass mir dëse Projet, wéi dat, wat zu der Ëmsetzung vun dësem Projet benéidegt gëtt, selbstverständlech wäerten ënnerstëtzen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Den Här Goergen huet schonn e ganzen Exposé gehalen, da kënne mir eis all méi kuerz halen, da musse mir net nach eng Kéier alles widderhuelen. Ech wollt och ufänke mat engem grousse Merci un d'Servicer, un de Fonds du Logement, un d'Bureau d'études, och well mir hunn dat dote jo schonn oft diskutéiert. Mir haten och d'lescht Woch eigentlech en technesche Gemengerot sur Site, wou mer nach eng Kéier dat Ganzt virgestallt kruten. Ech mengen dowéinst wäerten haut och net esou vill Froe kommen, well dat meescht mengen ech kloer ass. Zu de Modifications ponctuelles hu mir och elo keng Remarken. Dat si jo éischter wierklech punktuell Detailsaachen. Zum PAP selwer wësst Der, dass déi Lénk dee bis elo net matgestëmmt hunn. Mir hunn eis ëmmer enthalen, net well mer net zefridde mam Projet wieren, net well et net e flotte Projet wier, net well mer keng Wunnenge wëlle schafen, mee well an eisen Aen do eng eemoleg Chance verpasst gouf, wann ee schonn eng Kéier esou e Site huet, fir awer e bësse méi dicht ze bauen a fir méi Wunnengen nach ze bauen. Well ech mengen dass mer abordabele Wunnraum batter néideg hunn. Dat huet d'DP elo vläicht eréischt entdeckt.

Mee ech mengen do si mer eis eigentlech alleguerten eens, dass mer däers brauchen. A mir hunn ëmmer geduecht, dass ee vun däser Geleeënheet kéint profitéieren, fir wierklech nach e bësse méi dicht ze bauen a méi Wunnengen ze schafen. Dat soen och net nëmmen déi Lénk. Ech hat eng Kéier an der Press gelies, d'Lëtzebuerger Land, vum September 2024, do steet : « Le projet est caractérisé par une densité assez basse et donc un volume de logement pas aussi important qu'il aurait pu être. » An d'Remark vum Responsable vum Fonds du Logement war : “C'est un choix politique”. E Choix politique, dee mir dann effektiv net gedeelt hunn. Dowéinst hu mer eis bis elo ëmmer enthalen.

Elo maache mer Neel mat Käpp. Mir stëmmen de Projet d'exécution vun den Infrastrukturen. D'Infrastrukture wäerten decidéieren, d'Reseauen decidéieren, wéi dicht ka gebaut ginn. A mir mengen, dass mer bis elo dat gemaach hunn, wat mer konnten. Mir hu probéiert Drock ze maachen. Mir hunn eis enthalen. Mëttlerweil gouf jo och eng Modification ponctuelle am Oktober d'lescht Joer gestëmmt, fir e bësse méi dicht ze bauen a fir méi Wunnengen ze bauen. Dat hu mer och begréisst. Sou dass mer awer elo, vu dass et elo eeben esou ass, wéi et ass, et ass e flotte Quartier, dass mir dat heiten dann awer elo wäerte matstëmmen, well elo ass et dat, wat et ass. An ech menge mir wëllen eis och net herno soe loossen, mir hätten dat doten net matgestëmmt a besser sou wéi nach manner.

Dann effektiv, et ass elo scho vill zu der Schoul geschwat ginn. Mir hate jo och schonn an der Diskussioun ëm de PPF kuerz iwwert d'Schoul geschwat, wou gesot ginn ass, jo, déi fäerdeg Struktur, déi muss jo net stoen, wann 2028 déi éischt Wunnengen eraplënneren. Ech mengen dat ass logesch. Elo steet an der Konventioun effektiv : « La ville s'engage à construire un site scolaire provisoire pour les habitants des premiers immeubles livrés. » An do hu mer eis just gefrot, d'Iddi ass jo, dass hoffentlech Balzeng fäerdeg gëtt a mer da kënne d'Containere vum Brill do eriwwerhuelen. Wat maache mer, wa Balzeng a Verzuch kënnt? Wësse mer schon, an där éischter Phas, wéi vill Leit ongeféier wäerten do eraplënneren? Well ech mengen, wann dat elo just eng Handvoll ass, fir déi gëtt jo warscheinlech souwisou keng eege Klasse gemaach, déi kann ee soss enzwousch ophuelen, dat hat eis nach interesséiert. Mee fir de Rescht begréisse mer de Projet mat deem klenge Bemol, dass mir e bësse méi Wunnenge gebaut hätten, mee mir stëmmen awer mat. Villmools merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Och eisersäits villmools merci fir all déi, déi hei um Projet matgewierkt hunn. D'Prozedur vun engem Konzept ausschaffen dauert natierlech immens laang. A bis deen éischte Bausteen do läit, ass et nach méi laang. A fir Leit wéi ech, déi immens houfreg sinn an immens virwëtzeg an ongedëlleg sinn, bis dat den éischte Bagger do rullt, ass et schonn eng ganz, ganz laang Zäit gewiescht. Mee dat Ganzt, muss een awer soen, ass awer och keen einfache Projet. Spéitstens wou een och alleguerten déi Dokumenter fir dëse Gemengerot kritt huet, war et fir mech, wou ech och ka soen, datt ech Fachfra sinn, huet et ausgesi wéi en endlose Labyrinth. Mee, an den Aarbechtsgruppen, wou mer ëfters eis mol gesinn hunn a wou och Memberen aus dem Gemengerot dobäi sinn, huet een dat Ganzt wierklech op eng ganz digeste an eng ganz kloer Aart a Weis presentéiert kritt, esou datt een och ganz flott konnt matschaffen. Natierlech, déi Visitten um Site hunn eis och konkreet konnte Kloerheet schafen.

Op dësen 13 Hektar vum PAP Centre gouf all Raum, all Deel mat Intelligenz a Verantwortung geplangt, wäit ewech vun enger klassescher urbaner Zersiidlung, sou wéi mer se bis elo kennen. D'Gebaier sinn net nëmmen do fir dran ze wunnen, mee si ginn zu Inkubatore vun neie Forme vun Zesummeliewen. D'Cohabitatioun erlaben de Generatioune sech ze begéinen, auszetauschen an zesumme mat enger neier Form vun Noperschaft ze experimentéieren. Schaffen a Wunne réckelt hei ëmmer méi no uneneen, duerch Multifunktionalitéit a Vernetzung vun de Räim, déi d'Kreativitéit an d'kollektiv Dynamik fërderen. Och wann d'Unzuel vun den Awunner sensibel eropgaangen ass par rapport zu ganz am Ufank - ech hunn Zuelen am Kapp, wou mer ganz am Ufank 900 Leit virgesinn haten, elo si mer jo ronn bei 1.600 - hate mir eis, sou wéi déi Lénk och, gewënscht, datt mer awer vläicht e bësse méi eng héich Densitéit gebaut hätten. Well an dësem Kontext ass et och esou, datt déi urban a Liewensqualitéit sech éischter am ëffentleche Raum ofspillen an esou hätt ee roueg kéinten nach e puer Stéck op deene Gebaier opstocken.

D'Ëmwelt steet am Zentrum vun dësem Projet. Hei huet all Waasserdrëps, all Sonnestral an all Meter Gréngs seng Funktioun a säi Wäert. Begréngt Diecher, Gemeinschaftsgäert an Energieréckgewënnungssystemer maachen aus dësem Quartier en nohaltege Modell, deen och fir d'Zukunft bereet ass. Et ass och flott ze gesinn, datt ee kann d'Natur an d'Biodiversitéit mat an engem Konzept aplangen an net ausschléissen. Ech schwätzen hei natierlech vun der Servitude écologique an d'Continuité bio-aquatique, déi ënner anerem den natierlechen Habitat vun de Fliedermais schützen.

De Punkt Mobilitéit ass hei ee vun deenen Highlights am Projet. An et kann een elo kloer erkennen, datt déi aktiv Mobilitéit an d'Verkéiersberouegung de Mobilitéitskonzept regéieren. Esou zum Beispill déi Verbindung aus dem neie Quartier bis an den Diddelenger Zentrum, déi fir eng aktiv Mobilitéit suergen Esou ass och déi intern Weeër fir d'Foussgänger, fir d'Cyclisten, déi et erlaben, sech einfach awer och sécher am Quartier ze beweegen. Wann een dann erauszoomt, ass et hei wichteg ze betounen, datt dank dësem Quartier eis zwee Deeler vun Diddeleng, wat u sech virdrun esou e Schnatt an der Diddelenger Landschaft war, zwëschent deem engen Deel, wou d'Spidol an d'Rue de la Libération waren, an de Quartier Italien, déi komplett getrennt waren, déi wuessen elo ëmmer méi zesummen.
Eng kleng Parenthèse. An der selwechter Etüd kann een och liesen, datt déi Benotzung vun de Materialien sech soll an enger Kreeslafwirtschaft, déi sougenannt Economie circulaire, aschreiwen. E konkret Beispill konnte mer um Terrain gesinn, datt een am Fong vum Laminoir all déi kleng Zille wäerte benotzt ginn, all déi, déi nach a guddem Zoustand si fir ëffentlech Plazen domadder ze beleeën. An dat ass wierklech historesch bedéngt an einfach vun der Iwwerleeung immens pertinent an immens wichteg.

Am Urbanismus seet een dacks, datt d'Foussgänger eng flott a variabel Ëmgéigend brauchen, fir datt d'Spadséiergäng oder sech einfach vun A op B ze beweegen einfach eng flott Erfarung gëtt. Eng Reegel seet, datt een ongeféier all 5 bis 7 Minutten als Foussgänger, dat sinn ronn 300 bis 500 Meter, en anert Bild, eng aner Landschaft, en anert Visuell brauch, fir datt et och agreabel ass. An dës Iddi kënnt vun der Fuerschung am Beräich vu Städteplanung an d'Psychologie. E gutt Beispill mat deenen Zuele spillt den däneschen Urbanist, de Jan Gehl. Firwat ech dat soen? Well ech war immens frou, dat och an der Etüd vum TR Engineering kënnen ze liesen, datt een hei eebe probéiert

huet, wierklech all 300 Meter en anert Bild ze schafen. De Contraire, d'Géigebeispill, wat am Fong guer net flott ass, ass eise Kierchbierg, mat dem Boulevard John F. Kennedy. Heiansdo wann ee fiert, an et ass ee bëssen a Gedanken oder et trëppelt een, weess ee mol net, wou een drun ass op deem Boulevard. An dat wäerte mer hei net hunn, eeben, wat ganz positiv ass.

E weidere wichtege Punkt vun der Modification ponctuelle ass, datt mer fir déi bestoend Gebaier eng Derogatioun kréien, fir net onbedéngt eng ganz héich energeetesch Klass ze verlaangen, esou wéi et am Moment eeben an all deene Reglementer virgesinn ass. Mir fannen, et soll een ëmmer déi richteg Mooss fannen tëschent enger sënnvoller energeetescher Sanéierung an dem Erhalen an der Mise en Valeur vun historesche Gebaier. Ech kommen elo méi konkreet zu e puer Froen. Déi éischt Fro wier an der Convention d'exécution. Do hate mer op der Säit 8, ech liesen net dat Ganzt duerch, mee : « La non-disponibilité au 31 décembre 2026 du terrain à aménager … il sera nécessaire de procéder un déplacement de la structure modulaire provisoire sur le lot à définir. »

Am Moment hu mer do eis Danzschoul. An déi Fro stellt sech, wat ass am Fong virgesinn? An déi Fro ass, firwat ass déi Danzschoul iwwerhaapt ursprénglech do placéiert ginn? Well et ass jo net esou laang hir, wou mer d'Opportunitéit haten och déi Danzschoul ze besichen. An et sinn elo erëm Ëmstänn, awer trotzdeem en attendant, datt déi definitiv gebaut gëtt, fir déi nach eng Kéier ze réckelen. An dat ass natierlech och bestëmmt mat Käschte verbonnen. Voilà. Eis Fro, firwat hu mer dann déi Schoul net direkt op der richteger Plaz gebaut? Well am Moment, do wou se steet, och wéi de Skaterpark an den Urban Garden, déi hënneren, fir richteg d'Avancementer vun den Aarbechte kënnen duerchzeféieren. Eng weider Fro wier: Wat ass mat der Vëlospist, déi elo am Moment do derduerchgeet? Gëtt déi en attendant datt déi definitiv gëtt och deviéiert? Oder wat ass do vläicht virgesinn? Dunn am Tableau de répartition des coûts, ouni wëllen direkt an den Detail ze goen, muss ech soen, war et immens interessant ze gesinn, wéi de Phasage awer och d'Aarbechten ausgesinn an och d'Käschten opgedeelt ginn zwëschent dem Fonds du Logement, Ponts et Chaussées, CFL an der Diddelenger Gemeng.

An dann direkt zu der Zeil 36, do mengen ech ass e Feeler geschitt, well et steet, wann ee richteg kuckt, PAP au nord du PAP Sud. A vu que datt dee Punkt iergendwéi awer zesummenhänkt mat dem Deel Passerellen, hunn ech mech gefrot, ob do net am Fong „Passerelle au nord du PAP Sud" soll stoen. Einfach eng Fro. Verbessert mech, wéi gesot, dat war net ganz kloer fir eis, wat domadder gemengt war. An domadder kommen ech dann zu där nächster Fro. Dat ass eng Ergänzung. Wann ee kuckt, de Punkt 35, Passerelle du sud, 36 PAP au nord, wéi gesot, fir mech Passerelle, 38, Passerelle Arrêt Gare-Usine an 39, Passerelle au nord. D'Fro ass, ech wëll elo net all déi Passerellen opzielen, mee dat heescht insgesamt hate mer der 4 Stéck. An dovunner ginn der 3 vum Fonds du Logement bezuelt an 1 vun CFL? Jo, dat ass richteg. Okay, dat ass och ganz flott. Merci villmools fir déi Informatioun. Neen, mee et war einfach net kloer, ech mengen et ass en Tippfeeler bestëmmt am Tableau. An domadder kommen ech dann zum Schluss. Dir héiert, mir si schonn immens frou mat dësem Projet, virun allem well mer och abordabel Wunnenge schafen. En Deel dovunner gëtt verkaf an en Deel gëtt natierlech an der Locatioun fräiginn.

An hei ass oft déi Buedemfro. Déi Buedemfro ass eng Fro, déi sech iwwerall stellt, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, wou mer eng Logementskris hunn, mee iwwerall. An et muss ee soen, oft bezilt ee vu sengem Kredit 70 % gi fir den Terrain bezuelt a ronn 30 % fir konkreet wat herno dodrop steet, dat heescht konkreet fir déi eege Wunneng. An hei ass déi Tendenz eeben ëmgekippt, well de Buedem gehéiert jo der Gemeng an och dem Fonds du Logement. An domadder konnt een och, an deem Sënn méi abordabel Wunnenge bauen a zu méi abordabele Präisser och ubidden. An elo wierklech de leschte Punkt. Et ass schued, datt wierklech de ganze Chantier mat Par-planchen zougemaach ginn ass, well ech si schonn do op der Strooss, déi ganz laang Strooss gefuer an ech hu wierklech Leit erlieft, déi amgaange waren ze probéieren, fir eranzekucken. Et ass richteg, datt een op deenen zwou Extremitéiten do den Iwwerbléck huet. Mee et wier vläicht interessant, fir punktuell awer e puer Fënsteren opzemaachen, well och déi aner Säit, Rue de la Libération, fir déi Leit aus dem Quartier, mengen ech, ass et net onwichteg an oninteressant ze gesinn, wéi déi Aarbechten do viruginn. An an deem Sënn involvéiert een och e bëssi déi Leit, déi do scho wunnen an deem ganze Projet, mat.

Dir héiert et eraus. Mir stëmmen dës Modification ponctuelle natierlech mat. Mir haten eis och déi lescht Kéier enthalen. Mee dat war éischter, well ganz am Ufank huet et geheescht, datt wierklech grouss zentral Achse mat Verkéier duerch de Quartier ginn. En attendant ass jo de Konzept ëmgeplangt ginn. An elo ass, wéi ech virdru betount hunn, aktiv Mobilitéit a Verkéiersberouegung wierklech den Haaptpunkt. An dofir kënne mir dës Kéier och ganz roueg a ganz houfreg frou de Projet matstëmmen. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir soen och villmools Merci fir déi ganz gutt Presentatioun an all deene Leit, déi un dësem Projet schaffen. Mir begréissen natierlech och de Projet NeiSchmelz, datt e sech lues a lues weiderentwéckelt an datt déi Friches industrielles elo genotzt gi fir neien a bezuelbare Wunnraum ze schafen, fir datt d'Attraktivitéit vun Diddeleng sech kann doduerch verbesseren. Ech soe villmools Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Mir sinn hei an engem Quartier vun héijem historeschem industrielle Wäert. A mir plangen do ganz vill flott gréng Plaze mat méiglechst wéineg Autosverkéier. Mir verbanne d'Quartieren, Zentrum, Italien a Schmelz. Et ass also e ganz flotte Projet. An entgéint deem, wat bis elo iwwerall gesot ginn ass, si mir awer der Meenung, mir hunn awer vill Logement. Et ass awer net näischt, wat mer do gemaach hunn. Et muss een och bedenken, mir hu ronderëm dee Logement awer e ganz flotte Quartier mat héijem Liewensniveau geplangt. A méi Wunnenge bréngen noutgedrongen och méi Parkplazen, déi néideg sinn. An ech mengen

d'Parkplazkonzept ass elo scho relativ knapps. A wa mer nach méi Wunnengen hätten do wëllen era forcéieren, hätte mer nach méi un deem Parkplazkonzept misse schaffen. D'CSV huet sech ëmmer scho Gedanken hei gemaach iwwert ënner anerem d'energeetescht Konzept. Mir wëssen nach ëmmer net wou d'Geothermie drun ass. Mir hunn eis ëmmer ganz vill Gedanken iwwert d'Mobilitéitskonzept gemaach. Mir gesinn, dass mer do zimmlech à la Merci vun CFL a Ponts et Chaussées sinn.

An dann eng Fro: Op deem Plang do war ze gesinn, et war och eng kleng Remark am Text vun der Bushaltestell. Do wollt ech froen, ass an deem Konzept do och dat fréiert Konzept vum Bus à haut niveau de service nach virgesinn oder gëtt dat heiten einfach e Linnebus, dee just nëmme laanscht de Quartier fiert amplaz derduerch? Mir hunn eis natierlech och Gedanke gemaach iwwert d'Spidolsstruktur, déi eng Kéier kéint dohinner kommen, a mir ware frou bei der Visitt vu leschte Freiden ze héieren, dass do effektiv eng Plaz virgesi gëtt an dass do kann eppes an där Richtung geschafe ginn. Mir hunn eis och Gedanke gemaach iwwert d'Schoul. Mir hunn ëmmer scho gesot, wann do schonn 2028 Leit erakommen, musse mer awer un der Schoul schaffen. Elo gi mer gewuer, dass et eng provisoresch Struktur gëtt. A grad wéi déi Lénk hate mir dann och d'Iwwerleeung; sollen dat da vläicht déi Containere sinn, déi nach fir Balzeng sollen déngen? Dat soll jo eventuell opgoen. 2028 soll Balzeng fäerdeg ginn an da kéinten déi eventuell virun déngen uewen op NeiSchmelz.

An am grousse Ganze kënne mir soen, d'CSV huet hei ëmmer alles matgestëmmt, mir hunn eis ni enthalen, mir sti voll hannert deem Quartier NeiSchmelz. An, dat wäert Iech net wonneren, mir maachen dat och haut, mir stëmmen dat heite mat. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. Merci och fir alleguerten Är Stellungnamen. Ech mengen et waren eng Rei Froen, déi sécherlech méi technescher Natur waren. Do kann dann d'Audrey Vit respektiv Schroeder & Associés respektiv TR Engineering drop agoen. Respektiv déi e bësse méi politesch Consideratiounen, do wäerten dann hei d'Kolleegen aus dem Schäfferot drop agoen. Voilà. Ech ginn d'Wuert dann zréck un Audrey Vit.

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT : OK. Bon, je vais peut-être redémarrer par le sujet école de danse que vous avez abordé. L'école de danse provisoire a été positionnée dans un périmètre qu'on avait identifié comme étant possible, ce qui était possible, mais à quelques mètres près. Bon, bref, donc on s'accorde et on s'est organisé pour qu'on puisse quand même opérer les réseaux. On s'est dit que ça faisait sens de continuer à mettre du provisoire là où déjà du provisoire était actif parce que les cheminements etc. étaient là. Donc évidemment, il y aura un repli vers une infrastructure définitive qui sera développée et on va vivre avec, et c'est ce qui explique en fait la longueur sur laquelle s'étirent les travaux, parce que c'est en fait une vraie chance. Bon, ça nous crée des difficultés si vous voulez travailler dans un site qui n'est plus totalement disponible, c'est clair. Mais le fait est que c'est une vraie chance d'avoir des accroches de dynamique sociale qui sont là, y inclus l'école de danse. Donc on travaillera autour. Et elle sera déplacée sur un calendrier que je ne peux pas encore véritablement vous donner.

Mais en tout cas on fait avec, parce qu'on sait qu'en étant promoteur du site, on est promoteur et aussi partenaire de la Ville. Et le fait qu'il y ait une dynamique sociale à cet endroit-là, c'est effectivement positif. Donc on va tout faire pour qu'elle perdure et elle perdure jusqu'à ce qu'elle s'installe ailleurs et on travaillera autour. Voilà, vraiment, c'est un peu dans cette direction là qu'on s'oriente et on fait avec. Peut-être peur d'avoir zappé certaines choses. On va regarder cette question de dénomination passerelle dans le tableau financier, s'il y a vraiment une compréhension qui était, ou de terminologie qui n'était pas adaptée, mais c'est, voilà.

CATHY MAMBOURG, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES : Oui mais comme c'est un document qu'on vote, moi je propose qu'on le corrige. Donc ce n'est pas PAP, c'est passerelle. Il faudra juste changer ce mot-là. C'est un détail. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir d'Remark.

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT : Les arrêts de bus, le bus à haut niveau de service qui a été évoqué. Oui, il a changé de nom, la dénomination n'est plus BHNS, comme c'était le cas à l'époque, mais dans le concept de mobilité développé par le Ministère de la Mobilité, qui est sorti l'année passée, c'est un couloir à haut niveau de service qui a changé de dénomination. Mais l'accueil en fait de cette ligne est toujours maintenu dans la desserte du quartier NeiSchmelz et les dispositions sont toujours maintenues dans ce sens-là.

Si j'ai oublié des sujets... Les premiers logements sont attendus fin 2028, début 2029. On a pour le moment à l'étude, puisque c'étaient quand même également les questions posées autour de : Quand est-ce que les premiers locataires peuvent s'inscrire ? Question les premiers acquéreurs. Quelles sont les communications auprès du public vis-à-vis de ça ? Aujourd'hui, on a deux projets qui sont en cours de planification, qui représentent 109 logements par deux groupements de maîtrise d'œuvre différentes qui se situent donc au cœur du quartier PAP Centre. On ne voit plus le plan.

Et donc, aujourd'hui, on en est au stade des APS. Les APD seront finalisés. Les premières autorisations de bâtir seront sans doute introduites fin de cette année, début de l'année prochaine. Donc j'aurais tendance à dire qu'en termes de communication, même du Fonds du Logement vis-à-vis de ces premiers lots à exploiter etc., ce serait tôt. Je pense qu'on a déjà sans doute des demandes qui arrivent auprès de nos services qui gèrent la liste des demandeurs, etc. Je pense que ça va susciter de l'intérêt. On a le Salon qui va s'installer en octobre, c'est fin ou début octobre. On a décidé en 2025 de ne pas parler encore de NeiSchmelz de façon efficace pour, comment dire, communiquer en vue des

premières mises en service, etc. Mais on le fera en 2026 en ayant une vue très claire, en pouvant faire même un listing du type de logement qui va être mis en commercialisation, tant en location qu'en vente. Et on a fait le choix de créer de la mixité de propositions de logement dans ces 100 premiers logements en mettant quand même l'accent sur le locatif, mais il y aura quand même de la vente.

C'est-à-dire que là on s'est orienté avec 60 à 70 % de locatif parce qu'on s'est dit qu'il y a un tel besoin, une telle attente, qu'on a fait cette balance-là, sachant qu'on rééquilibre ensuite dans la globalité du site. 50 % de logements seront mis en location, 45 % seront mis en vente. Mais la communication, je dirais, au public, elle est prématurée aujourd'hui. On préfère assurer les autorisations de bâtir avant de pouvoir communiquer au public plutôt fin 2026.
Et donc le repérage des premiers lots à développer se situe dans ce cœur de quartier du PAP Centre.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Et war nach d'Fro vun der Geothermie, Audrey, vläicht de leschte Stand vun den Diskussiounen.

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT : Alors sur la géothermie, c'est vrai que le sujet est passé maintenant dans les mains, on va dire, du Ministère de la Mobilité, avec le service de géologie qui prend le lead pour faire le forage exploratoire à plus de 2.000 mètres de profondeur. Et nous sommes en ce moment en contact avec eux. Ils préfigurent un forage de reconnaissance plutôt l'année passée. Et ils se sont mis en contact avec nous, évidemment, pour réserver les terrains pour pouvoir opérer ce forage, évidemment, sur le site du PAP Sud, du site NeiSchmelz. Avec tout ce qui a trait à base vie, organisation logistique associée. On n'a pas encore d'éléments précis à ce sujet, mais on sait que des choses se préparent pour l'année prochaine. En tout cas, nous, en termes de planification du concept de réseau de chaleur, on est en préparation des installations, on va dire provisoires, mais qui ne sont pas perdues en investissement, qui seront des stratégies de repli.

C'est-à-dire que si la géothermie se fait, ce que l'on installe aujourd'hui comme équipement de chaleur pour les premiers besoins, sera la redondance et le relais en cas de travaux sur la géothermie. Vous voyez donc en fait que les investissements qu'on fait sont capitalisables à l'avenir et se porteront sur des pompes à chaleur. Je pense qu'on a dû vous le dire lorsqu'on s'est vu sur site la semaine passée, on va installer des pompes à chaleur de très grande envergure sur le bâtiment de l'aciérie et qui vont permettre de générer, on va dire, les besoins en production de chaleur de pratiquement plus de la moitié du site du PAP Centre. C'est ça notre première installation d'équipements de chaleur. Le réseau de chauffage ne change pas s'il y a la géothermie qui vient. On a un réseau qui est cohérent avec les sources géothermiques, mais aussi les sources qu'on va mettre en installation provisoire.

Merci de revenir sur les ouvertures dans les clôtures. Ce que je voulais dire par rapport aux petites ouvertures-fenêtres qu'on peut créer dans les clôtures. En fait on l'a fait sur toutes les clôtures que nous avions réalisées autour de la zone laminoir, parce qu'on s'est dit que les curieux allaient pouvoir passer la tête à différentes hauteurs, hauteur d'enfant, hauteur d'adulte. Et on avait créé des percements dans le leader du laminoir. C'est vrai que c'est une zone qui est un peu moins fréquentée, qui du coup, je suis certaine que ces hublots qu'on a créés sont utiles, mais évidemment on va les mettre en place autour des clôtures du PAP Centre, parce qu'il y aura un intérêt. Déjà, il y a un passage plus fréquent à cet endroit-là et il y aura un intérêt plus fréquent de voir ce qui s'y passe. Voilà. Donc ce sera fait. C'est une belle suggestion de le relayer. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools merci. An d'Madamm Thoma huet d'Fro gestallt, wéi geet et viru mat der Schoul? A wéi vill Kanner kommen do? Also mir wëssen, wéi vill Kanner herno um Site, um ganze Site wäerte sinn. Dat dauert awer nach e bëssen. Dat wäerten eng 550 Kanner sinn, déi op dee Site do an deenen nächste Jore kommen. Jo, mir wëlle schonn d'Containere vum Brill benotzen. Ech muss awer soen, mir wëssen awer net, ob dat zäitlech erausgeet. Dofir ass et gutt, datt mer ëmmer déi Quartiersschoulen hunn. Dat heescht, mir kënnen am Fong och mam Däich kucken op mer auswäichen och nach Quartier. Gutt wäert et awer wa mer nei Containeren dohinner géife setzen, déi mer kënnen och benotzen, well mir maache jo och eng Mise en conformité vum Däich. Dat heescht, dat spillt och nach mat. An duerfir wär et gutt, wa mer do eng provisoresch Struktur hätten. Ech muss awer soen, de Brill ass net verluer. Also déi Containeren, wann ech kucke wéi vill Plaz mer do kréien, fir eng Maison Relais dran ze maachen, ass dat kee Frang zur Fënster erausgehäit, wa mer se net géife réckelen. Mee wéi gesot, mir probéieren. Awer zäitlech kucke mer nach wéi dat iwwertenee geet. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och hei dem Josiane. Da géif ech och nach op e puer Punkten agoen, vu Remarke respektiv Froen, déi hei gemaach goufen. Ech mengen, wann e bëssen den Historique vum Projet NeiSchmelz mécht, wéi 2005 déi éischt Auslobung respektiv Concours war, do ware mer am Fong bei enger Densifikatioun vu liicht iwwer 900 Wunnunitéiten. Déi ass nach eng Kéier eropgeschrauft ginn op 1200, fir elo bei 1575 ze sinn. Also ech mengen en cours de route, huet eng successiv Densifikatioun deementspriechend stattfonnt. An ech mengen, dass mer hei awer herno eng urbanistesch Gestaltung insgesamt vun deem ganze Quartier hunn. Et ass jo e komplett neie Quartier, deen hei entsteet an der Stad Diddeleng, deen och multifunktionell ass, deen och eng sozial Mixitéit wäert kréien. Ech mengen, dass deen och an deem Sënn sech gutt abett an déi besteeënd Quartieren.

An, jo, et war eng Prämisse vun Ufank un, 2005, wéi de Concours lancéiert gouf un d'Architektebüroen, déi sech bedeelegen, dass och eng Verbindung geschafe gëtt têschent dem Quartier Schmelz, tëschent dem Quartier Italien an och dem Zentrum. Dat war 2005 Partie intégrante vun de Prämissen, déi fir den Architekteconcours deemools gemaach goufen. Well et eis och deemools scho wichteg war, dass Verbindungen och deementspriechend gemaach ginn. Et ass awer och grad esou wichteg, an et

ass virdru gesot ginn, par rapport zu der Danzschoul: Firwat net direkt op der richteger Plaz? Do war eis och vun Ufank un am Projet nei Schmelz wichteg, dass mer, contrairement zu aner Projeten, déi och scho mol stattfonnt hunn op Frichen, dass mer direkt provisoresch Notzungen um Site kënnen hunn. An eng vun den éischte Moossnamen, déi gëtt et zwar haut elo net méi, dat war d'Passerelle tëschent dem Quartier Schmelz an dem Site selwer Verbindunge maache vun der duusser Mobilitéit. Elo ass weider effektiv vum Parking vum Centre culturel CNA de Vëlo an Trëppelweeër. Also et sinn hei provisoresch Notzungen, oder provisoresch, respektiv definitiv Notzungen.

Ech hu scho virdru vum Lokomotiv-Atelier geschwat, wou e Gastronomiebetrib dran ass, respektiv de VeWa. Ech mengen dat waren déi zwee éischt Zäitzeien, déi definitive Charakter um Site hunn. A vun der Danzschoul. Ech mengen Dir wësst, dass mer virun e puer Joer hei en Danzdepartement geschafen hunn, deen natierlech och eng ganz staark Nofro huet, deen eng gewëssen Zäit och am Centre sportif René Hartmann effektiv Coursë gemaach huet. An hei war et eis wichteg, firwat do an net op eng anerer Plaz, an der direkter Proximitéit, och vum Centre culturel régional Opderschmelz respektiv vun der Museksschoul och eng provisoresch Struktur ze hunn, en attendant dass mer déi definitiv och um Site plangen. An et weess een natierlech, wann ee provisoresch Notzungen huet, dann huet een natierlech um Site schonn e gewëssent Liewen, an dat hu mer jo och erreecht, de Site lieft mat Leit, déi dohinner gi fir kulturell Aktivitéiten am VeWa, respektiv ronderëm d'Gastronomie, respektiv einfach esou als Notzung, fir duerchzetrëppelen, duerchzefueren. Ech mengen, dass dat um Niveau vun der Mobilitéit och gutt ass.

Mee et weess een awer och, dass all provisoresch Notzung iergendwann eng Kéier muss wäiche well de Projet successiv entwéckelt gëtt. Dat ass, mengen ech, Partie intégrante vun der Entwécklung vun NeiSchmelz. An dofir mengen ech, ass et awer wichteg, dass mer déi Akzenter deementspriechend och hei setze konnten. Ech hat et virdru kuerz ugedeit, an den Här Gangler hat et gesot, ech si frou, dass effektiv dann och eng Structure hospitalière respektiv éischter eng Maison médicale kann dohinner kommen. Ech mengen do déi Méiglechkeet besteet, dass eng Optioun déi op ass. Mee et sinn och nach aner Optiounen. Also wéi gesot, et ass jo och d'Méiglechkeet dohinner, an dat hu mer jo och ausgewisen, dass e Familljenhotel dohinner kënnt oder en Zentrum fir Jonker. Dass generell en Hotel dohinner ka kommen. Dass natierlech och nieft der Schoul a Maison relais och eng Crèche kann dohinner kommen.

Et ass e sozialen Hub, dee mer amgaange sinn auszeschaffen, respektiv wou d'Aarbechten amgaange sinn, op der Plaz Thierry Van Werveke, wou och e soziale Charakter wäert hunn. Mee do wäerten awer och Commerces de proximité kommen. Do wäerten awer och sech aner Servicer kënnen usidelen am PAP Zentrum. Also mengen ech, hei ass wierklech eng Haaptplaz, wou ganz, ganz vill Aktivitéite wäerte kënnen an der Entwécklung vum PAP Zentrum stattfannen, wat och wichteg ass a wat och der Diversitéit an der Diversifikatioun vum Quartier deementspriechend wäert Rechnung droen. An ech mengen, dat ass jo och dat, wat e ganz, ganz wichtege Volet ass. Dat sin nach e puer Ausféierunge par rapport zu verschidde Remarken a Froen, déi komm sinn.

An da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ech géif vläicht ufänke mat der Modification ponctuelle vum PAP Nouveau Quartier NeiSchmelz, PAP Zentrum. Wien ass mat där Modification ponctuelle averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An da géife mer iwwergoen op d'Convention du projet d'exécution vum PAP Zentrum. Wien ass mat deem averstanen? ***Dat ass och unanime.*** An da soen ech Iech villmools Merci. An och villmools Merci eise Gäscht fir hir Presenz an hir Ausféierungen haut de Mueren.

**2.3. Approbatioun vum Projet de modification ponctuelle vum Plan d'Aménagement Général (PAG) vun der Stad Diddeleng – Partie écrite, e puer Artikele fir Habitatiouns légères ze erméiglechen a vum Projet de modification ponctuelle vum Plan d'Aménagement Particulier « Quartier existant » (PAP QE) – Partie écrite, e puer Artikele fir Habitatiouns légères ze erméiglechen**

**2.4. Approbatioun vun der Modification ponctuelle vum Bautereglement (Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites) (Dossier de modification II)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Modification ponctuelle vum PAG an d'Modification ponctuelle vum PAP Quartier existant fir d'Habitations légères, an anere Wierder fir eis Tiny Haiser, an awer och d'Modification ponctuelle vum Bautereglement, déi zwee sinn zesummen. Dir wësst, dass mer net virun allze laanger Zäit effektiv déi Modifikatiounen an d'Prozedur geschéckt hunn. An um Niveau vun der Modification ponctuelle vum PAP Quartier existant an och vum PAG, wat d'Modification ponctuelle vum PAG ugeet, do hate mer jo d'lescht Joer, dat war den 11. November 2024, wou mer deen an d'Prozedur geschéckt hunn. Mir haten de 27. November 2024 hei eng Informatiounsreunioun, esou wéi dat och obligatoresch ass. A si war jo och ganz gutt besicht, do war och ganz vill Interêt. Mir haten och eng Enquête publique. A wat, wéi gesot, de PAG ugeet, do gouf et elo keng Reklamatioun. Wat de PAP ugeet, do gouf et och schrëftlech Remarken, déi eis eragereecht goufe vum Här Tritz.

Bon, mir haten an eiser Commission PAL och déi lescht Modifikatioune beschwat. Mir haten och do eng Presentatioun, sou dass mer haut, mengen ech, kënnen de Wee och fräi maachen, wa mer déi zwee Voleten hei unhuelen, fir dass dann och d'Tiny Haiser hei zu Diddeleng eng Realitéit ginn. Den Interieur huet eis eng Rei Remarken och gemaach, déi mer an eiser Kommissioun och beschwat hunn, op déi mer elo eng Kéier kuerz kënnen drop agoen. Deenen hu mer Rechnung gedroen. Verschiddener méi, verschiddener manner. Dat wäerte mer Iech elo kuerz presentéieren. An da wäert ech herno nach, no der Presentatioun, awer och déi eng oder déi aner Info ginn, well mer eis jo och scho Gedanke gemaach hunn, wou hei zu Diddeleng och op Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, och schonn Tiny Haiser kéinte gebaut ginn, déi een natierlech

nach muss budgetiséieren. Mee mir hunn awer déi Aufgab intern op de Leescht geholl. An ech kann Iech do vläicht nach e puer Beispiller ginn. Dofir begréissen ech awer hei an eiser Ronn vun eisem Planerbüro, Zeyen + Bauman d'Madamm Dutriaux an awer och den Här Carreira an den Här Bernard vun eisem Service Architecture et domaines. A wa mer elo d'Presentatioun um Schierm hunn, da kënne mer op déi verschidde Punkten agoen. An ech géif och hei proposéieren, dass mer souwuel d'Modifikatioune wéi och d'Bautereglement an enger Kéier zesummenhuele well et zesummenhängend ass. Madamm Dutriaux, Dir hutt d'Wuert.

TANJA DUTRIAUX, URBANISTE-AMÉNAGEUR (ZEYEN + BAUMANN) : Bonjour, donc on va vous présenter les adaptations qui ont été faites suite aux différents avis et réclamations reçues suite à la mise en procédure des modifications. Juste un petit rappel au point de vue procédure. Donc les dossiers ont été mis en procédure en novembre dernier. Depuis, on a reçu les différents avis, commission d'aménagement, cellule d'évaluation et réclamations. Ok, donc on va passer d'abord aux modifications PAG. Donc là, on fait le suivi de l'avis de la commission d'aménagement et l'avis du ministère de la Santé. Donc la première remarque qu'il y avait dans l'avis de la commission d'aménagement était pour préciser qu'un logement intégré est admis d'office. En fait, nous, dans les propositions qu'on avait faites dans les parties écrites, on avait précisé à chaque fois une maison unifamiliale plus un logement intégré. Mais il y a une jurisprudence qui avait été faite récemment, et donc la commission a suggéré de supprimer un logement intégré.

La précision qu'aucun logement intégré était admis en plus d'une maison unifamiliale, puisque d'office une maison unifamiliale inclut un logement intégré. Donc voilà, le premier commentaire de la commission d'aménagement, donc ça visait la précision des logements intégrés pour les maisons unifamiliales. Donc on a décidé de suivre cette recommandation, et dans les zones où on avait ajouté la précision qu'un logement intégré était autorisé, on a supprimé, puisque d'office, une maison unifamiliale inclut un logement intégré. Donc ça, ça a été retiré de la zone d'habitation 1 et de la zone d'habitation 2. Ensuite, il n'y a eu aucun changement dans les articles mixtes urbaines et zones de bâtiments publics par rapport à ce qui a été mis en procédure en décembre. Concernant l'article 25 relatif au Plan d'Aménagement Particulier Nouveau Quartier, là ici la commission a indiqué que le terme « temporairement » était à supprimer. En fait, on avait indiqué, je vais vous montrer tout de suite après, on avait indiqué « des habitations légères réalisées par la Ville ou un promoteur public sont autorisées temporairement en attendant qu'un projet de PAP NQ y soit réalisé. »

Donc là, ça voulait dire que la commune ou autre promoteur public pouvait réaliser des habitations légères dans une zone qui était soumise à un PAP Nouveau Quartier, de manière temporaire. Mais c'est vrai que temporaire, en fait, il n'y a pas d'autorisation de construire qui peut être donnée à titre temporaire, donc il vaut mieux supprimer le terme, puisqu'il n'y a pas de valeur juridique derrière. Donc là, on a suivi aussi la recommandation. La commission, elle, suggérait aussi de prévoir des prescriptions dimensionnelles spécifiques pour ces habitations légères qui seraient autorisées dans les zones soumises à un PAP Nouveau Quartier, donc réalisées par la ville ou promoteur public. Et là, on trouve que ce n'est pas forcément nécessaire, puisqu'il est préférable de garder une certaine flexibilité, sachant que ce sont des projets qui seront portés par la commune ou autres porteurs publics. Donc sur ce point-là, on ne suit pas la recommandation de la commission.

Autre point, donc l'article 27 qui délimite les PAP particuliers approuvés, donc là il y a une liste dans la partie écrite du PAG. La commission, elle précise qu'un alinéa doit être supprimé, parce qu'il est contradictoire avec la loi relative à l'aménagement communal. Et elle précise aussi, elle demande de revoir un alinéa qui était déjà existant. Donc là c'est actuellement la proposition qui avait été faite pour la mise en procédure, pour la saisine, donc la commission demande de supprimer le dernier alinéa. Donc là on avait, on avait juste noté que des habitations légères sont autorisées sur les terrains viabilisés ouverts au développement, dans les PAP particuliers approuvés à maintenir, numérotés 1, 5, 8 et 16, donc en fait on avait sélectionné certains PAP, des PAP déjà approuvés dans lesquels des habitations légères pouvaient être réalisées. Donc la commission, elle demande de supprimer ça, ça on est d'accord pour le supprimer. Et par la suite, en fait, il faudra juste faire, s'il y a une demande particulière dans ces PAP-là, de faire une procédure de modification directement du PAP ou des PAP, mais à la demande. Donc ça, c'est suivi.

La commission, elle s'interrogeait sur le deuxième alinéa, mais sachant qu'il était existant et qu'il n'a pas fait l'objet de modification, on a décidé de maintenir le texte tel quel. Ensuite, donc l'avis de la commission d'aménagement s'arrête là, par rapport aux autres articles qui étaient déjà modifiés lors de la saisine. Donc, je vous les ai juste remis ici pour rappel. Donc, on avait modifié quand même l'article des emplacements de stationnement pour fixer aussi une clef de stationnement pour les habitations légères. On avait aussi rétabli une petite erreur matérielle avec un renvoi à la loi dans le texte. On avait précisé aussi que les dispositions des secteurs protégés ne s'appliquaient pas pour les habitations légères. Donc ça, il n'y a eu aucun retour de l'avis de la commission sur ces points-là. Donc ils sont maintenant tels qu'elles. Pareil pour la définition d'habitations légères, elle reste telle qu'elle a été présentée lors de la saisine. Ensuite, on a reçu aussi l'avis du Ministère de la Santé, donc il n'y a pas lieu d'objections d'un point de vue sanitaire. Il y a quelques recommandations qui ont été formulées, mais ça c'est plus pour la mise en œuvre des projets. C'est quelque chose qui est régulièrement écrit dans les avis, donc il n'y a pas lieu de s'arrêter sur ces points-là. Voilà, donc c'est tout pour les modifications PAG. N'hésitez pas à m'interrompre si vous avez déjà des questions.

Là, on va passer aux modifications PAP QE, donc là, c'est l'avis de la cellule d'évaluation de la santé et des réclamations. Donc la première recommandation de la cellule était de remplacer OU par ET, donc en fait le principe était d'autoriser un logement intégré ou/une tiny house, mais

donc là la cellule recommande plutôt d'autoriser les deux. Donc c'est quelque chose qu'on a suivi aussi, donc là on a adapté le texte en fonction. Donc maintenant, si on a une maison unifamiliale, un logement intégré, on peut quand-même, si les prescriptions dimensionnelles le permettent, si on respecte les reculs, aménager une habitation légère sur son terrain. Les autres points pour les articles HAB1, HAB2 et MixU, BEP, sont maintenus. Donc c'étaient juste des précisions pour permettre l'installation des habitations légères.

La cellule, elle proposait aussi de supprimer l'interdiction. Nous, on avait interdit de faire des balcons et des terrasses dans les habitations légères, mais elle ne met aucune justification, donc on a décidé quand même de maintenir cette interdiction, parce que ça ne nous semble pas forcément adapté qu'il y ait des balcons, des terrasses dans ce genre de logement. Donc là, on laisse de côté. Donc tout cet article-là qui avait été ajouté, qui fixe les prescriptions pour les habitations légères, est maintenu tel qu'il était proposé lors de la mise en procédure. Ensuite, la cellule a fait aussi une remarque concernant l'article des emplacements de stationnement. Elle préconise de régler tout ce qui est prescription dimensionnelle plutôt dans le RBVS. Et elle s'interroge aussi sur la plus-value du point D. Donc le point D, c'est en cas de construction de deux habitations légères sur une seule parcelle cadastrale, les deux emplacements de stationnement soient aménagés en mitoyenneté dans la mesure du possible. Donc ça, en fait, on l'avait ajouté pour permettre une meilleure utilisation, plus rationnelle des espaces. Ça permet aussi de préserver au maximum le stationnement sur rue, parce que si on mutualise les emplacements pour les tiny house, on garde de la place pour les stationnements qui sont existants sur rue. Donc ça, on a décidé quand même de le maintenir. Et par contre, le point par rapport aux prescriptions dimensionnelles, ça se sera déplacé dans le RBVS. Vous allez voir par après.

Et pour le reste, il n'y a aucun changement par rapport à ce qui a été mis en procédure en décembre. L'avis du Ministère de la Santé ne donne aucune objection, donc il n'y a rien à signaler. Il y a une réclamation qui a été reçue aussi par rapport aux prescriptions dimensionnelles. Donc la réclamation, elle comportait surtout des recommandations diverses, assez génériques, qui n'étaient pas spécifiquement liées au projet de modification en tant que tel. Il y avait une demande de plus de flexibilité par rapport aux réseaux techniques. Donc ça, ça a été discuté aussi en aparté avec le Ministère de l'Intérieur. Pour l'instant, c'est laissé de côté parce que ce n'est pas réglé non plus au niveau national. Et le réclamant est demandé de supprimer l'obligation d'avoir un accès piéton spécifique pour les habitations légères dans le recul postérieur. Ça, on l'a maintenu parce qu'en fait, c'est quand-même aussi une sécurité d'avoir une voie de fuite au cas où. Donc c'est clair que ça limite les habitations légères dans les maisons en bande. Mais il y a quand-même d'autres possibilités d'en installer ailleurs. Donc voilà. Donc ce n'est pas quelque chose qu'on a suivi. Voilà, pour le PAP-QE.

Donc, ensuite, on profite aujourd'hui de mettre, de voter les modifications du RBVS. Donc la plupart des modifications qui vont vous être présentées, elles sont en lien avec les habitations légères. Il y a certaines recommandations qui viennent aussi des différents avis de Ministère de la Santé qu'on avait reçus dans le cadre d'autres procédures et qui avaient jusque-là été mis en attente. Donc on a profité de cette modif pour les intégrer. Donc, le premier article qui est modifié, c'est l'article relatif aux accès carrossables. Donc là, c'est juste pour préciser que l'obligation d'avoir un accès carrossable relié à la voie desservante ne s'applique pas pour les habitations légères. On a ajouté aussi des prescriptions par rapport à l'implantation des constructions vis-à-vis des lignes à haute tension, donc ça c'est vraiment pour suivre les recommandations du Ministère de la Santé, donc on a repris telle quelle leur prescription, donc on les a intégrées dans votre RBVS.

On a également modifié l'article 34 relatif aux stationnements pour voitures, donc là pour préciser les stationnements pour les habitations légères. Donc là, ce sont les prescriptions qui étaient dans le PAP-QE, qui maintenant sont ici dans le RBVS. Ensuite, on a modifié l'article 37, donc « pièce destinée au séjour prolongé de personnes », pour préciser que la hauteur libre sous plafond pour les habitations légères, elle est d'au moins 2,30 m, et non 2,50 m pour les habitations classiques. Donc, ça, c'est juste pour se conformer à la spécificité des tiny house.  La même chose pour l'article 39 relatif aux mezzanines, donc là, pareil, la hauteur libre sous plafond à mise pour les mezzanines, elle est de 1,50 m sur au moins 50 % de la surface totale au lieu des 2,20 m dans les habitations classiques. Ensuite, on a modifié aussi l'article 44, protection contre le froid, pour préciser certains coefficients de transmission thermique pour les habitations légères. Donc là, c'est des valeurs qu'on a prises et qui existent, qui ont été recommandées aussi dans le Guide pour les tiny houses. Donc voilà, ça c'est pour les habitations légères. Spécifiquement, on a modifié l'article 53 escalier dégagement pour préciser que ces dispositions ne s'appliquent pas pour les habitations légères. Donc c'est juste des précisions.

Ensuite, ça c'est anodin, on a modifié l'article 60, alimentation en eau potable. Juste pour préciser que c'est bien l'avis favorable du médecin inspecteur de la division de l'inspection sanitaire qui fait foi, parce que jusque-là ça s'est arrêté juste à l'avis du médecin inspecteur. Donc ça, c'était une demande du Ministère de la Santé. On a également modifié l'article 65 relatif aux WC pour préciser que le deuxième alinéa qui stipule qu'il faut avoir au moins deux WC ne s'applique pas en matière d'habitation légère. On a également modifié l'article 69 qui traite des formes d'habitation pour intégrer la nouvelle forme d'habitation « habitation légère », donc on définit un peu ce que c'est. Il y a une surface constructive brute minimale et ce que cette habitation légère doit comporter. On a également modifié l'article 70 « espaces extérieurs des logements ». Donc là c'est juste pour préciser que les essences choisies pour agrémenter les espaces extérieurs, elles ne doivent pas être dangereuses pour les enfants et les animaux, ça c'est aussi une recommandation du Ministère de la Santé, donc on l'a intégré dans le cadre de cette modification.

On a adapté l'article 71 relatif aux différentes surfaces nettes des logements, donc on a ajouté une surface, une SCB de 50 m² maximum pour les habitations légères. On a précisé aussi certains alinéas qui ne s'appliquaient pas pour les habitations légères, puisqu'ils ne sont pas applicables. On a modifié l'article 74, donc qui est relatif aux espaces fonctionnels pour les immeubles collectifs, pour satisfaire les recommandations du Ministère de la Santé. Donc pour les locaux de nettoyage, il faut au moins qu'il y ait un lavabo à eau chaude et froide dans les locaux. Et il est recommandé aussi d'établir un plan d'hygiène, pour formaliser les différentes procédures. Donc ça, c'est vraiment pour les logements collectifs. Pareil donc pour les buanderies, on a précisé que cet article ne s'appliquait pas en matière d'habitations légères, donc il n'est pas obligé d'avoir une buanderie dans les habitations légères.

Ensuite, on a modifié l'article 92, donc c'est « demande d'autorisation de bâtir », pour préciser, une fois encore, qu'une autorisation bâtir est à demander pour l'installation d'une habitation légère. On a également modifié l'article 93, « contenu du dossier relatif à la demande d'autorisation de bâtir », pour préciser les modalités et le contenu que doit contenir ce dossier de demande d'autorisation de bâtir pour les habitations légères notamment. Et dans la même idée on a modifié l'article 94, relatif au contenu des plans de construction, pour préciser aussi ce qu'on attend dans les plans pour les habitations légères qui sont soumises à autorisation. Et ensuite, on a juste mis à jour des renvois dans les différents articles Police des bâtisses, mise en demeure au logement, puisque comme on ajoute des articles, forcément les renvois ne sont plus à jour. Et on a ajouté enfin une définition d'habitation légère dans le règlement pour être en phase avec le PAG et le PAP-QE. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools merci fir déi doten Explikatiounen a Prezisiounen och als Reaktioun op den Avis vum Ministère de l'Interieur. Just nach eng Kéier fir de Kader jo och ze setzen. Ech mengen Dir wësst, dass mer schonn Enn 2022 hei an der Gemeng ugefaangen hunn eis Gedanken ze maachen, wat d'Implantatioun respektiv de Kader kéint si vun der Ëmsetzung vun Tiny Haiser hei zu Diddeleng. An et war jo och am September 2023 déi Circulaire komm vum Inneministère, e bësse mat engem Guide vun der Mise en oeuvre un deem mer eis och largement inspiréiert hunn an och am Groupe de travail hu mer eis domadder beschäftegt. Mir hunn och Visitte gemaach, notamment Stroossen, waren awer och e private Projet kucke fir eis e bëssen ze inspiréieren, wéi ee Wee  een hei zu Diddeleng kéint och goen, wou mer dat dann och deementspriechend verdéift hunn. An haut jo dann e bëssen den Aboutissement ass vun där ganzer Prozedur, déi mer d'lescht Joer an d'Weeër geleet hunn. Mam Vott och vum haut kënne mer dann och de Wee fräi maachen, dass deementspriechend Tiny Haiser hei kënne gebaut ginn.

Ech géif Iech nach e puer Infoe ginn, wou en Terrain, déi mer identifizéiert hunn, wou mer, mengen ech, wa mer hei de Kader schafen, fir dass Tiny Haiser kënnen op privat Proprietéit a verschiddene Rahmen ëmgesat ginn, awer och d'Gemeng Responsabilitéit kann huelen op sengen eegenen Terrainen, wou se dat ka maachen. Et ass een Terrain, dee mer identifizéiert hunn, dat ass am Bujel. Bon, do misst een eng MOPO maache vum PAG. Ech mengen dee kéim ouni Problem an eisem leschte Gemengerot, virunn der Summervakanz, dat ass jo den 18. Juli, wäerte mer de Gemengerot domadder befaassen. An do soll den Terrain vun enger REG an enger HAB1 eeben halt ëmklasséiert ginn, sou wéi mer et och hei elo virgesinn hunn. An do kéinten zwee Tiny Haiser am Fong och hikommen.

Dann ass am Schmelzer Quartier, am Eecherdall, wou mer jo och e Projet vu Logement abordable amgaange sinn ze maachen. Och do kéint en Tiny House kommen. A mir hu beim neie Kierfecht och Terrain identifizéiert, wou awer net esou evident ass, well do mussen, wat de Kadaster ugeet, eng Rei Upassunge gemaach ginn. Terraine mussen och getosch gi mat private Proprietären. Dee wär esou direkt net disponibel, oder e bësse méi schwiereg. Mee op alle Fall hu mer am Fong, allez, dräi Parzellen, wou een effektiv eppes ëmsetze kéint. Bon fir eis ass et awer och kloer, dat wëll ech hei betounen, ech weess, dass d'Gemengen dee Wee net beschratt hunn, well dat och eng Saach da vu politescher Volontéit ass oder eeben halt net ass, deemno wéi een et dann och deementspriechend dréit, dass et fir eis awer och an déi Richtung soll goen vu Logementer, déi abordabel sinn, wou mer dann och Subside solle kréie vum Ministère. Ech mengen et ass fir eis och wichteg an déi dote Richtung ze goen.

Et gi rezent Beispiller, déi net an déi dote Richtung gaange sinn, mee wéi gesot, et ass e Choix politique, deen een dann operéiert, fir an déi eng oder an déi aner Richtung ze goen. Dass et subventionabel och deementspriechend ass. Dat muss een dann ofstëmmen, wéi gesot, mam Logementsministère. An natierlech, an ech mengen do kann ee gären och nach eng Kéier an der Kommissioun eng Ronn dréien, sou dass an enger zweeter Phas och schonn d'Iwwerleeunge gemaach ginn, wien d'Beneficiaire vun den Tiny Haiser hei zu Diddeleng kéinte sinn.

Natierlech schéngt mer evident ze sinn, dass jonk Diddelenger hei eng Prioritéit hunn. Ech mengen et ass och wichteg einfach esou e Katalog vu Krittären opzestellen. Diddelenger, Jonker, Logements dédiés aux jeunes. Also, wéi gesot, ech mengen et ass eng Diskussioun, déi een och nach an eiser zoustänneger Kommissioun féiere kann. Et sinn eng Rei Iddien, déi um Dësch leien, déi nach net a Stee gemeesselt sinn, mee déi een an der nächster Kommissioun, mengen ech, zesumme kéint dann och thematiséieren. Ech wollt Iech dat einfach hei net virenthalen, well dat e bëssen déi nächst Suitte kënnen a solle sinn nom Vott hei am Gemengerot. Voilà. Dëst gesot, d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir waren effektiv och mat der CSV scho ganz am Ufank derfir, dass ee sollt op déi Demande vu Leit agoen, déi soen, mir wëllen eppes Klenges, eppes Einfaches, wat net eventuell e Liewe laang definitiv soll sinn, mee mir wëllen awer op deene Leit hir Demande agoen. Duerfir ware mer och deemools direkt mat deem Projet hei hannendrun. A mir haten eis och deemools scho gesot, dat heite

wäert elo net dee grousse Rush ginn. Mir gesi jo och elo mol net esou vill Plazen hei zu Diddeleng ausgewisen, déi do a Fro kéimen. Ech mengen op Privatterraine sinn der vill méi, mee vun der Gemeng aus ass do net vill méiglech. A mir haten eis och gesot, mir maachen de Projet awer mat, och wa mer fannen, dass dat heite bestëmmt net eng Risendemande gëtt.

An do wier och meng Fro: Ass zoufälleg schonn eng Demande d'autorisatioun erakomm an der Tëschenzäit? Mee ech menge mer hu jo hei de Projet nach net finaliséiert, duerfir kann nach keng erakomm sinn. Dann ass och keng autoriséiert ginn. Mee ech mengen et gesäit een, mir haten deemools gesot, okay, fir déi Leit, déi wëllen esou eng kleng Wunneng hunn, da maache mir dat, do hu mer dat heite lafe gelooss. Wann een awer elo kuckt, wat dat hei schonn alles en Opwand ass, wéi laang mer elo schonn amgaange si mat plangen an ëmplangen a finaliséieren a méi genee detailléieren an esou, also do ka keen eis virwerfen, mir hätten eis där Iddi do verschloss. An dofir, mir stëmmen dat heiten natierlech mat. Dat wat elo nach nogestëmmt gëtt, dat ass alles an der Rei, dat huet Kapp a Fouss. An da waarde mer mol of, wéi do de groussen Echo wäert sinn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Just wierklech ganz kuerz, well et ass wierklech alles gesot ginn. Also zu de Modifikatiounen stëmme mir dat natierlech mat. An et ass, wéi Der gesot hutt, haut ass souzesoen déi endgülteg Phas, wou dat Ganzt wäert ganz offiziell ginn. An ab elo kann een hei zu Diddeleng och Tiny Haiser bauen, respektiv an 3D printen oder a modulabelweis opstellen. Här Buergermeeschter, Dir hutt scho wierklech immens vill Saache gesot, déi ech och wollt proposéieren. Mir si frou dat héieren ze hunn, datt mer scho Plazen definéiert hunn, wou mer kéinten esou Pilotprojeten ausschaffen. Dat, wat ech awer wollt nach soen, an, wéi gesot, et ass vläicht gesot ginn, mee et läit eis um Häerzen, Dir hutt vun der Bautekommissioun geschwat, wou mer dat kéinten effektiv presentéiert kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): PAL. Plan d'Action Logement

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Am Plan d'action, okay, effektiv, dat ass net d'Bautekommissioun. Ech wollt soen, kéinte mer net en Aarbechtsgrupp maachen, wou mer effektiv iwwert déi Saache kéinten diskutéieren? Mee et ass jo am PAL, et ass gutt, jo, Aarbechtsgrupp, pardon, ech hat Bautekommissioun gemengt. Neen, well an der Bautekommissioun kann ee sou Sujeten net ausschaffe bis an den Detail, an do kann ee keng richteg Diskussioun a keen Dialog. Et ass éischter méi, wéi soll ech soen, méi rigid, komm. An dofir de PAL ass eng gutt Plaz, well et ginn awer Méiglechkeeten, wou ee kann och verschidden Zenarien duerchspillen, wou d'Gemeng vläicht Proprietär vun engem Tiny House ass oder wou d'Gemeng eebe Proprietär vum Terrain ass an dee gëtt zur Verfügung gestallt an da kënnen anere Leit vläicht drop en Tiny House bauen, fir dann eng gewëssen Zäit. Also et ginn nach Punkten, wou mer kéinten, dat ass net reglementaire, mee wou mer kéinten nach do schaffen.

A jo, mir sinn eng vun deenen éischte Gemengen, déi dat wäerten am Bautereglement elo definitiv hunn. A leider si mer awer net déi éischt Gemeng, déi en Tiny House wäerte bauen, dat ass schued. Mee dofir kënne mer awer vläicht den een oder den anere Pilotprojet ausschaffen. Neen, et ass keng Course. Mee mir schwätze scho jorelaang iwwert dëse Projet, dofir et wier flott gewiescht, och wa mer do kéinten schonn direkt eppes maachen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An och e grousse Merci, fir déi detailléiert Explikatiounen zu den diverse Modifikatiounen. Jo, de Punkt vun den Tiny Haiser hate mir an eisem leschte Walprogramm stoen, well mir der Meenung sinn, dass dës zousätzlech Wunnméiglechkeet och ee vun de ville Schrëtt ka sinn, déi ee maache muss, fir eeben aus der Wunnengskris iergendeng Kéier erauszekommen. An et ass schéin ze gesinn, dass scho Plazen definéiert gi si wou de Bau vun Tiny Haiser méiglech ass. Mir wäerten dës Ännerung dann och selbstverständlech matdroen an et freet eis, dass dann hei zu Diddeleng elo hoffentlech och geschwënn déi éischt Tiny Haiser entstoe wäerten. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Zu enger Zäit, wou de Wunnraum ëmmer méi knapp a méi deier gëtt sinn natierlech esou Léisunge vu Virdeel. Tiny Haiser, kleng flexibel Wunneenheeten. Mir begréissen och, dass schonn Terraine fonnt gi sinn, an dass mer als Gemeng selwer dozou kënne bäidroe fir weideren abordabele Wunnraum. Perséinlech hoffen ech awer, dass mer och nach eng Kéier kéinten debattéieren iwwert den Accès vun Tiny Haiser, déi hannert den Haiser, bestoenden Haiser sinn, fir datt déi kéinten ugeschloss ginn un d'Haus, wat vir ass. Ech weess net, ob dat elo gutt erkläert ass. Ech selwer wunnen eeben an esou engem Haus, wou awer eng Servitude huet, mee ech kéint elo keen Tiny House a mäi Gaart maachen, well ech kee säitleche Passage hunn. Dat heescht, vläicht kann een dat nach eng Kéier debattéieren, ob esou eppes awer eng Kéier méiglech ass. Mee, mat dëse weidere Modifikatioune maache mir e kloer Engagement fir eng Gemeng, wou d'Liewensqualitéit, Innovatioun an Nohaltegkeet Hand an Hand ginn, a fir en Diddeleng, wat och fir déi nächst Generatioune liewenswäert ass. Ech soe Merci. A mir stëmmen dëse Modifikatiounen natierlech zou.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Also mir hate jo och dat dote schonn erëm gutt an der Kommissioun PAL diskutéiert. Also déi funktionéiert wierklech gutt, wéi d'Madamm Ahmedova och seet, fir am Detail iwwert d'Saachen ze diskutéieren. Mir hu jo schonn och e puermol virun der Saisine am November wierklech am Detail dorobber geschafft. An ech muss soen, dat klappt wierklech ganz gutt. Dowéinst kann ech mech och kuerz halen, well mir jo och schonn am November bei der Saisine eigentlech eise Point de vue an deem Dossier expliziéiert hunn. Ech wollt och just nach eng Kéier erënneren, dass Tiny Haiser, mir wëllen natierlech déi Méiglechkeet schafe fir déi Leit, déi dat interesséiert, déi dat wëlle maachen. Et däerf awer op kee Fall, ech mengen do si mer eis alleguerten eens, en Ersatz si fir wierklech abordabel Wunnengen ze bauen a fir de Wunnengsbau.

An ech mengen et ass och wichteg ze soen, dass dat ass schonn e Choix, wann een a sou engem Tiny Haus lieft. Dowéinst fanne mer et och elo flott, dass d'Gemeng elo schonn op de Wee gaangen ass, fir schonn ze kucke wou een dat kéint maachen. Ech fannen et och gutt, dass d'Gemeng dat wëll eeben abordabel a subventionabel maachen an eebe keng Luxuswunnengen dorausser maachen. Ech mengen dat ass net d'Aufgab un der Gemeng. Wann d'Gemeng esou Saache schaaft, da muss et ëmmer abordabel sinn. Mir begréissen natierlech och, dass dann an der Kommissioun soll iwwert d'Beneficiairen an iwwert d'Prioriséierung geschwat ginn.

Mee och do erëm, voilà, mir däerfen elo net soen, d'Gemeng stellt Iech dat jo jonk Familjen oder esou, stellt Iech dat jo zur Verfügung dann, et ass dat oder näischt. Also ech mengen, mir musse ganz sécher soen, Tiny Haiser ass e Choix an dat passt schonn och bei e gewëssene Liewenschoix. An dat kann och net jiddereen einfach maachen. Also eleng fir Familljen ass et natierlech näischt. Dofir ass et e bëssen enk. Gutt, dass mer dat kucke waren. Ech wollt der Madamm Dimmer nach äntwerten, dass dat natierlech schwiereg ass, well mir wësse jo awer, dass, mee et kann ee jo net decidéiere wien dohinner wunnt. Et ass natierlech verständlech, wann d'Kanner an de Gaart vun den Elteren sou eppes bauen, wann déi natierlech um Grouss- um Elterenhaus hänken, ass dat mengen ech wéineg problematesch. Mee dat kann ee jo net steieren als Gemeng. Dat heescht, do kënnen och einfach friem Leit dra wunne kommen. An da schaaft een awer Ofhängegkeetsverhältnisser, jee nodeem. An ech mengen dat ass, dat ass an deem Sënn dann einfach net méiglech.

Ech mengen do brauch een awer wierklech e separaten Accès, fir och do awer ze verhënneren, dass Abus bedriwwe gëtt, well mir wësse wat méi Méiglechkeete bestinn. Virun allem gëtt et awer ëmmer Leit, déi vun der Logementskris profitéieren an do muss een awer gewësse Garde-fouen anhalen. Ceci dit, freeë mer eis dann op déi zukünfteg Diskussiouen an der Commission PAL. A mir si mol gespaant, souwuel ëffentlech wéi och privat, wéi grouss dann den Interêt wäert ginn. A wéi et wäert weidergoen. Villmools merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech hunn nach just eng kleng Zousazfro. Et ass ee Moment ugeklonge vu jonke Leit, déi dat haaptsächlech elo uschwätzt, dee Liewensmodell. Mee mech hätt elo just interesséiert, ob déi Kategorie vu Leit favoriséiert ginn elo, fir an déi Haiser ze goen oder ob dat awer am Prinzip op ass? Well ech denken, datt awer och, soen ech mol, en eelere Mënsch, deen eleng ass an deen sech vläicht e bësse wëll reduzéieren a sengem Wunnen, grad sou interesséiert kéint sinn u sou engem Modell. An dat géif mech just interesséieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech mengen et ware keng technesch Froen. Da géif ech vläicht e bëssen de Resümmee maachen. Bon, nach eng Kéier och merci, dass Der hei déi Modifikatioune matdrot. Bon, et gëtt gesot, dass mer laang gebraucht hunn. Ech sinn der Meenung, dass mer hei zimmlech schnell geschafft hunn ab deem Moment, wou och am Ministère de l'Interieur kloer war, wat de Kader ka si fir Tiny Haiser och am Kader vun enger MOP, am vum Kader vum PAG oder am Kader vu PAPen ëmzesetzen. Do hu mir eis drugehaangen, aktiv ginn, hunn eis Kommissioun mobiliséiert. Ech fannen, dass mer hei a ganz schnellen Delaien agéiert hunn. Wëssend, dass verschidde Projeten nach méi laang dauere wat d'Delaien ugeet. Dat heescht de prozedurale Kader ass deen, deen en ass. Ech mengen d'Gesetz schreift deen och vir. Ech fannen awer, dass, ab deem Moment, wou och kloer Texter virlouchen, säitens vum Interieur, wat de Kader ugeet, dass mer hei mengen ech ganz schnell geschafft hunn. Dat ass dat eent.

Dat anert ass, et kann ee soen, d'Gemeng weist net genuch Terrainen aus. Ech fannen, dass mer schonn dräi Parzellen identifizéiert hunn. Den Här Gangler hat dat virdrun opgeworf, dat fannen ech schonn net schlecht. An ech sinn och gespaant, wéi vill dann Initiativen privater Natur och wäerte kommen. Ech mengen, wéi mer dat heite lancéiert hunn d'lescht Joer, wéi mer d'Informatiouns-versammlung haten, do ware schonn eng Rei Leit, déi un eis erugetruede si mat Iwwerleeungen, mat Iddien. Bon, elo gëllt et dann dat dann och ëmzesetzen, wa se wierklech, wéi gesot, dat wëlle maachen. Well och fir si bedeit dat jo dann, wa se am Fong de Kader, dee mer eis hei ginn, och respektéieren och en Invest, fir effektiv déi Tiny Haiser dann op Privatproprietéit deementspriechend ze maachen.

Par rapport zu der Remark vun der Madamm Dimmer, do huet och d'Madamm Thoma drop geäntwert, mam Accès. Ech mengen, dass dat och eng Prescriptioun ass vum Ministère de l'Interieur. An dat heiten ass jo eppes, wat muss vum Ministère de l'Interieur approuvéiert ginn. Wéi gesot, mir mussen hei de Kader suivéiere vun de Recommandatioune vum Interieur, an ech mengen et ass och wichteg, dass dat heiten och autoriséiert gëtt. An dat heiten ass jo och en Dossier, dee sécherlech och evolutiv ass, wéi vill Dossieren um Niveau vu PAG a PAP, wéi gesot, da muss ee kucke wéi dat deementspriechend weidergeet. Dann, par rapport, jo, wat sinn Tiny Haiser, wat si se net? Effektiv si se sécherlech keng Äntwert direkt op d'Wunnengskris an och kee Remplacement vum abordabele Wunnraum. Well ech mengen do hu mer aner Instrumenter, do hu mer aner Projeten, déi mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn, Richtung abordabele Wunnraum, wou éischter d'Aide à la Pierre ass, wéi gesot, do si mer an enger ganz anerer Logik. An och fir vill Leit kann dat heiten e Choix de vie sinn.

Et soll ee keen ausschléissen, ob e jonk oder manner jonk ass. Mee et muss een awer an der Kategorisatioun, déi ee sech gëtt, och eng Rei Prioritéite setzen. An ech fannen, wéi gesot da fir ofzeschléissen, dass eis Kommissioun PAL, mengen ech, déi richteg ass, fir déi doten Diskussiounen dann ze féieren. A wéi mer dat bis elo och ëmmer gemaach hunn, dann och eng Kéier an de Gemengerot zréckzekommen an Iech dann do och déi Krittäre virzestellen. A voilà, déi aner Fro, dat ass mat engem Fragezeichen. Ech weess net, ob den 3D-Print abordabel ass. Voilà. Dëst, fir ofzeschléissen, géif ech proposéieren op de Vott eriwwerzegoen, wat dës zwee Voleten ugeet.

Dofir stellen ech zum Vott d'Modification ponctuelle vum PAG, also d'Modifikatioun vum PAG a vum PAP Quartier existant. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An dann d'Adaptatioun, respektiv d'Modification ponctuelle vun eisem Règlement sur les bâtisses. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci. An ech soen och eise Gäscht Merci fir hir Presenz.

**2.5. Approbatioun vun engem Projet de Lotissement/ Morcellement vun enger Kadasterparzell op der Rue de Lauenburg an 2 Kadasterparzellen**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, an dat ass d'Approbatioun vun engem Projet de Lotissement, respektiv Morcellement, vun enger Parcelle cadastrale op 2, Rue Lauenburg, an d'Proprietäre sinn do, d'Consorts Rausch, d'Demande gëtt gemaach vun der Société Active Invest S.à.r.l. Dat ass een Terrain, 8,25 Ar, zwee Lots distincts, do gëllt et am Fong zwee Maisons bifamilliales jumelées ze maachen. Mir sinn do an enger HAB1B2. Am Abrëll 2025 ass d'Demande de principe erakomm. Mir haten den 8. Mee den Avant-projet an der Bautekommissioun, déi huet och de Projet guttgeheescht. Doropshin ass och den 20. Mee e favorabelen Avis gemaach gi vum Service Architecture et domaines. Et sinn och weider keng Reklamatiounen haut am Gemengerot, voilà, dofir wollt ech och hei de Gemengerot froen, d'Zoustëmmung fir deen dote Morcellement vum Lotissement ze maachen.

Ass dat fir Iech okay? Kënne mer driwwer ofstëmmen? ***Dat ass unanime.*** Merci. Voilà, da soen ech och dem Christophe Carreira an dem Tom Bernard Merci fir hir Presenz an da gi mer nahtlos iwwer vun Urbanismus an d'Musekschoul an den Enseignement musical.

# 3. MUSEKSSCHOUL-ORGANISATIOUN

**Approbatioun vun der Museksschoulorganisatioun fir d'Joer 2025/2026 - 1. Deliberatioun**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):Ech begréissen do den Direkter, de Bob Morhard. An do geet et ëm d'Schoulorganisatioun. An do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol haut d'Wuert, eis zoustänneg Schäffin.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Bon, u mir ass et dann Iech déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2025-2026, wéi se den 23. Mee dëst Joer arrêtéiert gouf ze presentéieren. Ech soen et all Joers, wann ech soe presentéieren, dann ass dat vläicht e bëssen héich gegraff, well eigentlech sinn déi Chifferen ëmmer nëmmen eng Momentopnam. Dat heescht, déi kënne 5 Minutten, nodeems mer se arrêtéiert hunn, schonns erëm anescht sinn. A wann ech Iech soen den 23.5. si se arrêtéiert ginn, da géif ech eng Wett mat Iech maachen, datt do schonn esou munches geännert huet. A bis zur Rentrée, bis et dann esou wäit ass, wäerte sécherlech do och nach erëm



eng Kéier e puer Schwankungen dra sinn. Nichtsdestotrotz si mer awer ëmmer gehalen, déi provisoresch Schoulorganisatioun, a wéi gesot d'Betounung läit wéi all Joers op provisoresch, hei am Gemengerot ze stëmmen. Ech ka mech also just op Chiffere baséieren, déi, wéi gesot, provisoresch sinn. An ech maachen dann dofir och de Verglach mat der leschter provisorescher Schoulorganisatioun. An och dee Verglach maachen ech relativ kuerz, well, wéi gesot, nach munches ka bis zur Rentrée änneren. D'Unzuel u Minutes hebdomadaires, dat ass déi wéchentlech Enseignementsdauer, déi estiméiere mer fir d'nächst Joer bei 66.546 Minutten. Dat si ronn 10 % méi wéi mer d'lescht Joer an der provisorescher Schoulorganisatioun deemools virgesinn haten. Vu datt et hei haaptsächlech drëms geet, eng Enveloppe budgétaire fir dem Staat seng Subsiden ze definéieren, ginn déi Chifferen all Joers gewollt zimmlech héich ugesat.

En aneren Aspekt ass awer och d'Aféiere vun der Division Moyenne an deenen dräi Danzparten. Generell erkläre sech d'Zuelen awer och duerch d'Attraktivitéit natierlech vun eiser regionaler Struktur, dann natierlech der demografescher Entwécklung a virun allem awer och eng verbessert dynamesch Kommunikatioun an och Visibilitéit no baussen, entre autres och duerch d'Campagne vum Educatiounsministère am Kader eebe vun der Gratuitéit vum Enseignement musical. Am selwechte Konzept soll awer och gesot ginn, dass mer ëmmer méi un eis Kapazitéitsgrenzen natierlech vun eisen Infrastrukture kommen, wat also e weidere Wuesstem ëmmer méi schwéier wäert maachen an Zukunft. Eraushiewe kann een engersäits an deem Kontext vläicht och eisen Danzdepartement mat aktuell ronn 170 Schüler. Dëst ass d'Zuel virun der Porte ouverte, déi jo leschte Samsdeg war, also wäert dës Zuel sécherlech nach an d'Luucht goen. An hei mierkt een och, datt dat dann och eng reell Demande ass. An ech ginn dovunner aus, datt de Bob och déi ganz aktuell Zuelen no der Porte ouverte ka soen, wann dat gewënscht ass. Anerersäits wëll ech awer och vläicht de Projet Karussell eraushiewen, eng Offer fir Enfants à besoins spécifiques, deen elo och a seng fënnefte Saison scho kënnt. A wat mengen ech och eng ganz wichteg Aufgab ass vun eiser Musekschoul.

Dann zum Modell vun der provisorescher Organisatioun, deen der virleien hutt, deen ass och all Joers d'selwecht opgebaut. E baséiert op den Donnéeën, déi mer am Portail informatique vum Staat, dee Programm, iwwert deen hate mer d'lescht Joer schonn hei geschwat, dem EDUMUS mussen androen. Et ass wéi ëmmer keng exakt Wëssenschaft, an dat kann et jo och zu dësem Zäitpunkt net sinn, soss kéinte mer jo eigentlech direkt déi definitiv Schoulorgani-

satioun hei stëmmen, déi mer méi spéit am Joer dann hei um Ordre du jour wäerten hunn. Voilà, dat gesot, mengen ech géif ech Iech bieden, déi provisoresch Musekschoulorganisatioun ze stëmmen, déi mer leschten Dënschden och an der Musekschoulskommissioun virgestallt haten. Well ech menge mir kënnen alleguerten heibanne ganz houfreg drop sinn, eng gutt organiséiert, eng gutt funktionéierend Musekschoul ze hunn. An déi och vun eise Partnergemengen appreciéiert gëtt. Wann elo nach weider Froe sinn, ass de Bob natierlech hei. An och wann ech elo eppes sollt vergiess hunn oder de Bob mengt et wär nach wichteg Iech dat hei ze soen, respektiv fir den Analyteschen. Dofir ass hien haut hei. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, pardon, merci fir d'Wuert. Merci och dem Bob a senger ganzer Mannschaft fir déi exzellent Aarbecht an der Musekschoul. Ech menge mir hunn immense Succès. A wann d'Claudia Dall'Agnol geet, mir hunn eng Steigerung vun 10 % vun de Stonnen, déi mer eise Schüler zegutt komme loossen, dat ass jo schonn impressionnant. A wéi gesot, d'Gratuitéit huet sécher derzou bäigedroen, dass eebe vill Kanner bei eis kommen. A mir haten d'lescht Joer scho rieds gehat, wéi mer déi definitiv Schoulorganisatioun beschwat hunn, dass awer och doduerjer d'Leit sech net méi esou verflicht fillen, bei der Staang ze bleiwen. Do nach eng Kéier meng Fro. Mir haten déi Diskussioun am November schonn, wéi et war mat den Abandonen? Well mer jo och am November musse clôturéieren, wéi vill dann déi definitiv Stonne sinn, déi mer ubidden. An dann, wann Abandone sinn, da ginn dat deier Stonne fir d'Gemeng. Well dann ass jo net de Staat, deen dann d'Fraisen iwwerhëlt, wa keng Schüler méi do sinn, wann déi keng Loscht hu méi ze kommen, da verléiere mer eeben déi Subventioun vum Staat. Dofir meng Fro, wéi war et gaange mat den Abandonen no där definitiver Schoul-organisatioun, déi mer erageschéckt hunn?

Ech hat mam Bob des lescht rieds, deen huet gesot gehat, wat se awer maachen, dass se eng Waardeléscht féieren, dass Kanner sech kënnen op eng Waardeléscht setzen, a wann Abandone sinn, dass se kënnen eventuell déi da rekrutéieren, fir dann awer déi fräi Plazen opzemaachen. Do ass meng Fro, dat ass natierlech dann och e bëssen tricky. Wann et gratis ass, wann d'Leit sech net verflicht fillen dohinner ze kommen, da kommen se oder se kommen net. Hutt Dir do eng, wéi soll ech soen, eng Guideline, wann d'Kanner zum Beispill dräi Mol net komm sinn oder non excusé net méi erschine sinn, dass mer se dann ecartéieren? Hutt Der do eng Procédure? Ech mengen dat ass jo och ëmmer wichteg, datt een den Elteren dat matgëtt. Well wa se dann eng Kéier kommen, da kommen se fënnef Mol net an da kommen se erëm eng Kéier, jo da komme mer och net virun. Da kënne mer och d'Waardeléscht net gutt ofschafen.

Eng aner Fro hunn ech nach eng Kéier. Am November, ech hat nach eng Kéier nogelies, wat mer do rieds haten, do war de Problem och e bësselche mat de Remplaçanten, fir do de Statut eventuell am Dialog mam Ministère kënnen e bëssen ze vereinfachen. Wa mer Remplaçante sichen, fir, soe mer e Congé de maternité oder sou, do huet et geheescht, mir däerfen do och nëmme Leit huelen, déi och d'Sproochkompetenzen an och den Diplom hunn. An do war ugeklongen, dass een eventuell do kéint eng Ouverture kréien. Do ass meng Fro wéi dat da konkreet och ausgesäit? Jo, d'Kapazitéitsbegrenzung. Ech menge mir ware bei der Aweiung vun deem flotte Container wou d'Danzen ofgehale gëtt. A wann ech kucke wéi ee Succès eis Danzcoursen hunn, da wäerte mer do schonn erëm vir bäi an hanne widder si mat den Infrastrukturen. Ech mengen do musse mer eis dann och eng Kéier all zesummen doen, fir ze kucke wéi et weidergeet. Mir hunn elo rieds gehat, op NeiSchmelz kënnt iergendwann eng Kéier, iergendwann eng Kéier eng Struktur. Dat dauert jo och nach e bësselchen.

Wou gesitt Dir als Musekschoul do den Haaptproblem? Ass et haaptsächlech d'Danzen, wa mer elo och nach do zwee nei Coursen ubidden, wat eis Schüler och méi laang bei eis léisst? Ass dat déi Haaptkapazitéitslimitt, déi mer hunn, ass dat duerch d'Danzen? Oder sinn och aner Problemer nach vun der oder Gebailechkeeten oder esou? Ech mengen et ass jo wichteg, dass mir als Gemeng dat och wëssen, dass mer do och kënne reagéieren, wann do Besoine sinn. Voilà. Also wéi gesot, vun der CSV aus e Bravo un all Intervenanten, wierklech all Intervenanten an der Direktioun, am Sekretariat, déi Leit, déi Coursë ginn an all Är Representatioune sinn ëmmer immens flott. An et mierkt een och déi héich Qualitéit vun de Coursen, déi gi ginn. Et ass net nëmmen, dass mer déi Kanner versuerge fir näischt, an dass déi dohinner esou eng Aart Garderie kréien. Mee déi kréien en exzellenten Enseignement an dorobber si mer ganz stolz. A wéi gesot, weider esou. A vun der Gemeng aus, also virun allem och vun eis alleguerten heibanne vum Gemengerot, hutt Der sécher eise ganze Support. A mir als CSV, mir ënnerstëtzen och ëmmer all Projete vun der Musekschoul. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Jo, ech schléisse mech deene Mercien natierlech un, vun der Madamm Kayser och vun eiser Säit aus, fir déi exzellent Organisatioun a Gestioun vun eiser regionaler Musekschoul an och fir dee flotten Echange ëmmer an oppen Diskussioun. Ech menge wéi d'Madamm Dall'Agnol scho gesot hat, mir haten d'lescht Woch an der Kommissioun, krute mer scho ganz explizitt de Rapport gemaach, en vue och vum Gemengerot hei. An do sinn eeben dann och déi Tauxen nach eng Kéier zur Sprooch komm, déi ëmmer e bësse problematesch sinn, wéi d'Madamm Kayser och elo grad gesot huet, déi, jo, et feelt heiansdo e bëssen un Disziplin an Ausdauer, wann een dann esou ee Schouljoer ufänkt. An datt dat oft esou e bësse gekuckt gëtt, oh gi mer mol schnupperen an da kucke mer mol. An dat ass natierlech vun där enger Säit, vun den Elteren, vläicht esou heiansdo gesinn. Fir d'Gemeng a fir d'Musekschoul ass dat e Problem, well mer, wéi dat elo schonn ugeklongen ass, alles wat nom November sech zréckzitt, net méi ka subventionéiert ginn, net méi rembourséiert. An dat ass dann natierlech e Problem fir d'Gemeng an och natierlech fir d'Musekschoul selwer. Och e klengen Hic, dat ass, jo, déi Gestion informatique, déi EDUMUS. Et géifen och vläicht besser Methode gi fir déi Saach ze handhaben, soen ech emol esou. Mee dat si souwuel dat eent vun dem Remboursement vun de Subventiounen, wéi och d'Gesti-

on informatique vun der Musekschoul, dat gëtt vu baussen octroyéiert, dat kënnt vum Ministère an do kann och d'Musekschoul selwer elo net vill maachen. Dat bedauere mir awer, an do si mer ganz op der Säit och vun der Musekschoul, datt dat sou ass.

Wat mer awer begréissen, dat ass och ugeklongen an der Musekschoul, dat ass, datt d'Kontrakter, d'Situatioune vun de Proffen, vun de Chargé de coursen, datt elo ëmmer méi vun engem CDD op en CDI iwwergaange gëtt. Wat mir begréissen, dat gëtt awer eng aner Situatioun am Liewen, och eng Stabilitéit, mengen ech, fir déi, déi betraff sinn. An do si mer och ganz op där Säit. Voilà, dat just vu menger Säit gesot. Merci nach eng Kéier, fir déi konstruktiv Kommunikatioun, Echange ëmmer, déi mer hunn a wou mer ëmmer op alles eng Äntwert kréien a fir déi exzellent Aarbecht, déi do geleescht gëtt. An och vun eiser Säit wäre mer nach interesséiert, eeben och, wat elo déi Capacitéit, wéini komme mer dohinner, wat kënne mer maachen als Gemeng, fir datt mer e bëssen do antizipéiere kënnen? Dat interesséiert eis och. Also nach eng Kéier villmools merci, Bob, a gëff eise Merci weider un d'ganz Ekipp. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ee grousse Merci, merci fir d'Wuert, fir d'éischt emol, an e grousse Merci och vun eiser Säit aus un Iech, Här Morhard, an och Ärer ganzer Ekipp fir déi wierklech exzellent Aarbecht, et ass schonn e puermol ugeklongen, déi Der leescht. Net méi spéit wéi de leschte Samsden hate mer erëm eng super Porte ouverte gehat, déi Grouss a Kleng begeeschtere konnt. Ech hunn och kee gesinn do erausgoen, deen net voller Motivatioun war. Déi Musekschoul ass och en zentrale Punkt fir déi kulturell Offer hei zu Diddeleng. An all déi Eventer, wéi zum Beispill de Feel Like Dancing oder den Drumming, fir der nëmmen e puer ze nennen, sinn ëmmer immens gutt besicht. Wann een einfach als Aussestoenden oder souguer als Schüler sech déi Musekschoul ukuckt, gesäit alles immens koordinéiert a professionell aus. A wann ee sech och de Schoulorganisatiounsprogramm einfach esou ukuckt, ouni weider Detailer hannendrun, maache mer eis absolutt keng Suergen. An dat wollt ech awer och betounen.

Dat Eenzegt ass, mir hate vläicht e puer Verständnisfroen zu deem Ganzen. Zu där kommen ech awer nach e bësse méi spéit. Wann ee bei deene Klengen ufänkt, den Elteren-Kanner-Grupp, do fonctionéiert, mengen ech, alles reibungslos an et ass och ëmmer eng ganz grouss Demande. An ech erliewen och mat, datt d'Leit wierklech vum ganz Wäitem och fueren, fir kënne bei eis an deene Course matzemaachen. Wann ee sech d'Unzuel vun de Schüler ukuckt, schéngt et och permanent eropzegoen. Mir hu virdru vun 10% geschwat. Dat heescht, dat confirméiert sech. Wat u sech immens gutt ass, virun allem wann ee weess, datt Musek, Gesang an Danze Mënschen a Kulture verbannen.
Duerch d'Gratuitéit vun den Disziplinne kann een och net méi behaapten, datt dëst elitär Hobbye sinn. Déi sozial Schichten, aus deenen ee kënnt spillen hei keng Roll, well u sech all Kand all Instrument fir e puer Euro am Joer geléint kritt. Sou kann een net soen, ech ka mer dat net leeschten. Vläicht den eenzegen Nodeel bei där ganzer Saach ass, vu datt et gratis ass, ass och, mengen ech ze verstoen, eng gewëss Volatilitéit an deene Saachen. Dat heescht, heiansdo komme se, heiansdo komme se net. Dat ass, mengen ech, den eenzegen Hoken. Ech weess awer net, ob een elo direkt dogéint eppes ka maachen.

An et ass, wéi d'Madamm Kayser dat virdrun och gesot huet, et ass schued eebe fir déi, déi vläicht iergendwéini en cours de route net méi interesséiert sinn, datt do déi Waarderleschten net méi séier kënnen ofgehaakt ginn, soen ech elo mol. Do wou mer eis éischter Gedanke maachen ass effektiv d'Previsibilitéit vun der wuessender Unzuel. Nach eng Kéier, 10%, dat ass net wéineg. Wéi gesäit et aus, punkto personalméisseg, punkto Infrastrukturen? Mir konnten eis och den Organigramm ukucken, vun alleguerten den Enseignanten, déi do sinn. Also sou gesäit et wierklech no ganz vill Enseignanten aus. Ech sinn awer absolut keen Expert an et ass schwéier fir eis anzeschätzen, ob dat duergeet oder net duergeet.

Punkto Infrastrukturen: Packe mir dat alles? Hu mer do net ze vill Schüler? Ech soen emol Stéchwuert Sécherheetsmoossnamen, Brandschutz. Dann hu mer eis och gefrot, firwat een net ka fir déi Kleng ab véier Joer sech scho fir en Instrument entscheeden? Et kann een, ech solle mol, entre parenthèses, just am Corpsgesang ugemellt sinn oder eebe bei d'Joffer Catherine. Ech sinn do och keen Expert, kann dofir och net soen, mécht et Sënn engem Kand vu véier Joer schonn en Instrument an de Grapp ze ginn? Ass et einfach vun der Pedagogik wichteg, méi fréi unzefänken oder ass et net esou schlëmm wa si mat 5, 6, 7, 8 ufänken? Mir haten och als Gemengerot déi Opportunitéit, eis déi provisoresch Danzschoul unzekucken. An dat war en immens flotte Moment, well et konnt een un de Gesiichter vun de Kanner gesinn, datt si glécklech a frou waren, sech do kënnen ze treffen an zesummen danzen ze léieren. Just a punkto Danz-Sektioun hate mer do och duerch déi Musekskommissioun e Retour kritt, datt do Onkloerheete waren.
D'Diskussioun war nämlech, an et ass keen onwichtege Punkt, iwwer déi Konditioun, fir sech fir Danze kënnen unzemellen, muss een och de Solfège gemaach hunn oder sech och fir de Solfège umellen. Et ass elo sécher hei net déi richteg Plaz, dat wëll ech soen, fir eng Léisung ze fannen oder dat auszediskutéieren. Mee mir wiere frou, wa mer deemnächst vläicht méi Kloerheet a méi Kohärenz zu dëser Fro kéinte kréien. Domadder kommen ech och zum Schluss. Et konnt een, ech hu wierklech déi ganz Säit duerchgekuckt an auserneegeholl an et huet mech immens gefreet, wou ech Är Missioun konnt liesen. Garantir un enseignement d'excellence. An ech mengen dat mat Dir och. Net méi spéit wéi virgëschter op dem Diddelenger Kulturpräis konnt ee grouss international Museker erliewen, déi hiert Talent hei zu Diddeleng entdeckt an och ausgebaut hunn. Duerfir, mir freeën eis driwwer a wëssen ze schätzen, datt mir mat dëser Schoulorganisatioun och d'nächst Joer erëm vun enger qualitativ héijer regional Musekschoul zu Diddeleng kënne profitéieren. Nach eng Kéier Merci un Iech.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Eis Musekschoul ass gutt organiséiert, gutt gefouert an huet grousse Succès, dat gesäit een un den Zuelen u Schüler, déi an eiser Musekschoul ageschriwwe

sinn. Ech selwer hunn och hei zu Diddeleng dräi Joer Solfège gemaach an en Instrument geléiert. Ech muss awer gestoen, dass ech net grad dee begaabteste Museker war, ma ech lauschteren awer ëmmer erëm gär no, wann aner Leit Musek spillen. Wat fir schéin Téin verschidde Museker aus hiren Instrumenter erauskëddele kënnen, dat hu mir net méi spéit wéi dëse Mëttwoch op der Verdeelung vum Kulturpräis gesinn, wou de Romano Tomasini eis op senger Gei eppes Schéines gezaubert huet.

Ech profitéieren dann och hei, fir der Direktioun vun der Musekschoul, hirem Personal wéi och alle Musekenseignanten Merci ze soen, fir hir gutt Aarbecht, déi si leeschten, fir eise Schüler Nouten an d'Instrumenter méi no ze bréngen. Ech géif dann awer och nach gär wëssen, wéi et mam Fanne vu Personal, spréch Enseignanten, ausgesäit. Och wa vill Leit en Instrument wëlle léieren, war ech awer der Meenung, dass déi, déi hiert Instrument op ganz héijem Niveau beherrschen a sech och nach weider an der Musek wëllen engagéieren, erofgeet. Ech soen dat, well ech weess, dass verschidde Museke Suergen hunn, fir Nowuess ze fannen. A besteet dann och hei déi Suerg? A wa mir weider Musekenseignante géife fannen, kéint een dann och d'Capacitéit vun der Musekschoul eropsetzen, also nach méi Schüler unhuelen oder feelt et dann hei u Raimlechkeeten? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter. Villmools merci och dem Bob, an och dem Laurent, wann en haut net do ass, an iwwerhaapt all den Enseignanten. Ehm, ech wëll fir d'éischt op den Här Meyer äntwerten, dee seet, e wär net ganz begaabt gewiescht. Also ech war jo och Schülerin. An Här Meyer, Talent ass dat eent, Disziplin ass dat anert. Dat soen ech aus Erfarung. Ech sinn haut richteg frou. Jo, Dir gesitt, ech sinn haut richteg gutt gelaunt, well nodeems ech déi lescht Joren ëmmer hu missen hei meckeren a mech beschwéieren, huet dëst Joer einfach alles geklappt. Mir waren an der Kommissioun, d'Organisatioun, déi éischt Deliberatioun louch vir an der Kommissioun, mir krute ganz séier de Rapport, dowéinst villmools Merci, e grousse Merci, dat huet alles geklappt dës Kéier. Ech hat mer scho virun der Kommissioun e bësse probéiert e Verglach ze maache vun dëser Organisatioun zu där leschter. Dat ass guer net esou einfach, well ëmmer Bezeechnungen änneren an ëmmer d'Reiefolleg ännert, dowéinst, ech weess net a wéifern dat an Ärer Kompetenz ass.

Mee dës Kéier war fir d'éischte Kéier alles alphabetesch geuerdent, dat war scho mol gutt, well dat huet d'Lieserlechkeet e bësse verbessert. An do hat ech erausfonnt, dass relativ méi héich Zuele sinn, an dass mer global bei bal 13 % méi Schüler respektiv Stonne wiere par rapport zum leschte Joer. Mee do krute mer an der Kommissioun d'Erklärung, dass dat wierklech eng Momentopnam ass, an dass elo mol e Maximum virgesinn ass, wat mer kënne maachen, an dass déi Zuel warscheinlech nach éischter wäert erofgoen, elo an der zweeter Deliberatioun, par rapport zu elo. Sou dass mer héchstwarscheinlech plus ou moins wäerte konstant sinn, dat kënnt Dir vläicht herno confirméieren oder och net. Wat jo gutt wier, well mir wëlle jo net, dass d'Zuelen erofginn.

Mee d'Capacitéit ass elo schonn oft ugeschwat ginn, ech mengen d'Musekschoul ass e bësse Affer vun hirem eegenen Erfolleg. Et ass einfach immens vill Succès do, an d'Gebai ass dat, wat et ass. Ech mengen, dass et net just am Danzen ass, mee iwwerhaapt, dass einfach d'Raimlechkeeten do sinn. Dat heescht, mir wëlle jo, dass esou vill wéi méiglech Schüler d'Méiglechkeet kréien an der Musekschoul ageschriwwen ze sinn an deem Hobby nozegoen. Mee voilà, d'Capacitéite sinn dat, wat se sinn. Wat natierlech immens vill wiisst, dat ass do schonn ugeschwat ginn, dat ass d'Danzdepartement. Ech war och “I feel like dancing” kucken. Dat war wierklech richteg flott. Also déi Grouss, déi hu scho wierklech awer e gudden Niveau, souwäit ech dat kann aschätzen. Mee, also d'Helde sinn natierlech déi kleng Butzen, déi och nach haart matzielen awer an déi ganz konzentréiert do optrieden. Also dat war wierklech richteg flott.

Lo gëtt et natierlech spannend ze kucken, wa mer an d'Division moyenne ginn an déi och nei Coursen a méi Theorie musse maachen, wou mer dann hoffen, dass se dann awer och mat Begeeschterung dobäi bleiwen. Well dat ass jo immens flott am Danze bis elo gewiescht, dass se wierklech, an Anführungszeichen, “nëmme” kënnen danzen, wann ech dat richteg verstanen hunn. An elo musse mer da kucke wéi d'Motivatioun do bleift. Allgemeng ass den Abandon e Problem. Dat ass och elo scho vu jidderengem ugeschwat ginn. Wou mer och eis gefrot hunn, ob, ech weess awer och net, ob dat Sënn mécht, ob een d'Schüler freet, firwat ze ophalen. Bon, meeschtens ass et warscheinlech einfach dass se soen: Ech hu keng Loscht méi. Mee vläicht kann een och do aus dem Gespréich e bëssen erausfannen, wat d'Grënn sinn, ëmmer mam Zil natierlech, deen Taux vum Abandon e bëssen erofzekréien.

Dat mat der Waardelëscht ass natierlech eng gutt Iddi. Mee dat geet jo warscheinlech och elo net iwwert dat ganzt Joer. Well wann een, wann een zwee Drëttel vum Joer verpasst huet, dann ass et natierlech och schwéier nach eranzekommen iergendwann eng Kéier. Mir wëllen awer op kee Fall, dass elo, also dat läit jo och net an eiser Verantwortung, mee dat soll awer och net d'Iddi vun der Gratuitéit a Fro stellen, well ech mengen, dass dat awer ganz wichteg ass, d'Madamm Ahmedova huet och scho gesot, wéi wichteg et ass. Inklusioun, dat spillt zum engen op de Präisser, dass eebe jidderee sech ka leeschten do matzemaachen, Inklusioun natierlech och an anere Beräicher. D'Madamm Dall'Agnol huet vum Projet Karussell geschwat, wat natierlech och ganz flott ass. Ech mengen alles dat si jo och Aufgabe vun enger regionaler Musekschoul. Eis huet och gefreet, dass beim Personal keen CDD méi ass, dat begréisse mer. Anscheinend, wa mer dat richteg verstanen hunn, ginn d'Leit elo direkt mat CDI agestallt. Dat ass jo och eng gutt Saach.

An dann zum Schluss wëll ech Iech nach felicitéiere fir deen neien Internetsite. Ech hu mech do e bëssen amuséiert. Deen ass wierklech flott. Do kann een da kucken a soen ech si sou al an ech wunnen do an do. Wat kann ech alles maachen? Also dat ass wierklech flott fir Leit, déi wëllen eppes maachen oder Kanner, déi vläicht nach net wësse wat se wëlle maachen, da kënnen d'Eltere scho mol kucke wat

vläicht e bësse méi einfach ze organiséieren ass, wéi eppes aneres. Dat ass wierklech flott ginn. An zum Schluss, ech freeë mech schonn op den Drumming a villmools merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Et gouf also scho villes gesot. Mee vun eiser Säit dann dem Här Bob Morhard, dem Direkter vun der Musekschoul, a senger ganzer Ekipp och e grousse Merci. Mir begréissen natierlech och d'Organisatioun vun der regionaler Musekschoul a soe Merci fir déi exzellent Aarbecht, déi am Beräich vun der Éducation musicale geleescht gëtt. Villmools merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Also ech wollt och just nëmmen dee ganz grousse Respekt ausdrécke fir eis Musekschoul, fir déi Leit, déi dat do féieren. Dat ass jo eng Risenorganisatioun an et klappt alles wonnerbar. Mir sinn, wéi gesot, en Enseignement d'excellence, dat gesäit een zum Beispill och bei deene Manifestatiounen, dee Prix Jeunes Talents mam Orchestre de Chambre, wou da Jonker kommen, déi weisen dass se wierklech awer net nëmmen talentéiert, mee och disziplinéiert sinn an dofir dann ausgezeechent ginn. An dat ass ëmmer flott, dat ze gesinn. Duerch den Internetsite lo hu mer och eng flott Visibilitéit. Eis Harmonien si frou, dass se eng gewëss Kontinuitéit kréien.

Also an alles an allem, mir si wierklech eppes hei mat Topniveau, wou Diddeleng sech wierklech ka bretzen. An dat hänkt alles un där super Organisatiounskraaft vun deene Leit, déi dat do leeden an um Gemengerot, deen natierlech hëlleft, dat e bëssen an d'Rei ze kréien. An dann hunn ech just eng Fro zu deem Projet Karussell fir Enfants à besoins spécifiques. Meng Fra seet ëmmer, ech hätt zwee Defauten. Deen een ass, ech lauschteren ni no. Deen zweete weess ech emol net méi. An ech weess elo net, hu mer dat schonn eng Kéier virgestallt kritt? A wann net, da géif ech froen, dass mer dat eng Kéier virgestallt kréien, well dat schéngt eppes ganz Interessantes ze sinn. Villmools merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, vläicht ganz kuerz vu mir éier ech dem Bob d'Wuert ginn. Also ob de Projet Karussell elo hei am Gemengerot virgestallt ginn ass, weess ech lo net sécher. An der Kommissioun ass natierlech schonn driwwer rieds gaangen. An ech ka mech och erënneren, souguer ier ech Presidentin vun där Kommissioun war, respektiv ganz am Ufank krut ech dann och Invitatiounen, wa se opgetratt sinn. An et konnt een dat dann och kucke goen. An ech ginn dovunner aus, datt dann natierlech och déi aner Membere vun der Kommissioun dat och kruten. Mee nichtsdestotrotz mengen ech kann de Bob awer herno e puer Wuert doriwwer soen an och vläicht nach eng Kéier kucken, datt de Gemengerot mat invitéiert gëtt, falls en Optrëtt sollt sinn, respektiv natierlech d'Kommissiounsmembere souwisou. D'Capacitéit an den Abandon, dat ass esou eppes, dat zitt sech wéi e roude Fuedem duerch all Musekschoulskommissioun an och all Kéiers, wa mer hei am Gemengerot driwwer schwätzen.

Ech mengen d'Capacitéiten, dofir hunn ech virdru mech och relativ vague ausgedréckt, well een dat net esou kann am viraus virausgesinn, well mer jo net onbedéngt genau wësse wie sech firwat an den nächste Jore wäert interesséieren oder vläicht net méi. Dofir ass dat relativ vague.
Ech sot just, wa mer all Joers 10 % wëllen steigen, dann ass et natierlech kloer, datt mer iergendwann eng Kéier un eis Grenze stoussen. A vu datt dat ëmmer Theema ass an all Musekschoulskommissioun, an och hei wollt ech dat och nach eng Kéier betounen, a vläicht huet de Bob och do nach méi genau Infoen.

Dann zum Abandon, dat sech och ëmmer wéi e roude Fuedem duerch d'Diskussiounen zitt. A wou ech och schonn e puermol gesot hunn, an ech mengen d'Madamm Thoma sot et och elo nach eng Kéier, dat läit eigentlech net an eiser Hand, fir ze änneren, datt mer déi Suen erëmkréien. Ech sot awer och schonn d'leschte Kéier, ech weess awer, datt ganz vill aner Gemengen och net domadder d'accord sinn. An do muss natierlech eppes op legislativen Niveau passéieren. Mee wéi gesot, wann eng Partie Gemenge sech zesummendinn, déi onzefridde sinn, da wäert dat sécherlech séier kënne geschéien. Ech muss awer och soen, Dir kënnt Iech alleguerten un eis Präisser erënneren. Ech schwätze lo vun der Diddelenger Musekschoul, well ech weess, datt aner Musekschoule ganz aner Präisser haten.

Eis Präisser waren ëmmer ganz, ganz sozial. Bob, du kanns mech verbesseren. Ech mengen, mat 50 Euro konnt een dobäi sinn. 50 Euro si fir déi eng Leit guer näischt, a fir déi aner Leit warscheinlech ganz vill Geld. Trotzdeem muss ech awer soen, wann een decidéiert, just well et keng 50 Euro méi kascht, opzehalen, oder méi einfach opzehalen, da kann ech dat perséinlech net novollzéien. Wann dat elo méi en héije Montant gewiescht wär bei eis, wéi et an anere Musekschoulen dacks de Fall war, da kann ech mer virstellen, datt d'Elteren alt emol soen: Ech hunn elo esou vill bezuelt an du bleifs elo bei der Staang. Mee ech muss Iech ganz éierlech soen, datt ech dat bei eise Montanten elo net onbedéngt kann novollzéien.

Dann ass gesot ginn, datt d'Bezeechnungen, d'Reiefolleg ëmmer ännert. Jo, do hu mir net vill Afloss drop. Mir sinn d'leschte Kéier en long et en large op deen Edumus-Programm vum Staat agaangen, alles wat Der elo gesinn hutt, déi Schoulorganisatioun, do gëtt ee Knäppche gedréckt an da späizt dee Programm dat eraus, an dee Programm, dee späizt natierlech dat eraus, wat déi, ech soen elo mol an der Stad, an dee Programm aprogramméiert hunn. Ech vergläichen et ëmmer mat der Steiererklärung vum Joer virdrun, do ännert och ëmmer all Case an all Betitelung, an dat heiten ass ee gutt Beispill, datt et och do kann de Fall sinn. An da just nach, ech menge wann Iech Fäll bekannt si vu Kanner, déi net onbedéngt ugeholl gi sinn, an dat ass Iech net kloer, dat gëtt natierlech net hei thematiséiert, wéi dat och ugeklongen ass, mee ech mengen d'Diere vum Direkter an och vum Sous-Direkter, vum Sekretariat, déi stinn ëmmer op, fir déi néideg Erklärungen ze kréien. Iech an natierlech och de betraffenen Elteren. An ech mengen da kann de Bob nach méi op d'Detailfroen an op déi technesch Froe vun Iech agoen.

BOB MORHARD, DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSCHOUL: Ee grousse Merci dem Gemengerot fir Äert Vertrauen a Mercien. Ech probéieren eng kleng Synthees ze maachen, dat gëtt net esou einfach. Ech probéieren ze separéieren tëschent national Sujeten a kommunal Sujeten. Abandonen ass sécher en nationale Sujet. Ech kann Iech just versécheren, dass mer en bon Père de famille probéieren, dat fir d'Gemeng Diddeleng an ons Partnergemengen ze optimiséieren. Sief et duerch d'Waardeléschte wierklech effizient ofschafen oder och emol vläicht deen een oder aneren Abandon vergiessen, dee keen Impakt op d'Scolaritéit vum Schüler huet. Dat heescht, do ginn et e puer Mëttelen, fir dat ze optimiséieren an dat notze mer sou gutt wéi méiglech. Dat anert wat ugeschwat ass um nationale Sujet, ass de Contrat vun de Remplaçanten. Do ass legislativ eppes ënnerwee, wat fir déi nächst Rentrée en place ass, wou mer e Remplaçant à courte durée kréien, wou d'Konditioune ganz, ganz favorabel si fir een ze fannen an e Remplacement à moyenne durée, dat si manner wéi sechs Méint, wou mer dann awer, soe mer, besser eens gi wéi bis elo. Dat sinn déi national Sujeten.

E Sujet, wou all Sensibilitéit eng Kéier drop agaangen ass, ass d'Capacitéit. Dat ass sécher e Sujet iwwerall. Mir sinn 2007 an e Gebai geplënnert, wat fir plus minus 750 Schüler ausgeluecht ass. Mir sinn elo bei iwwer 1.500. Mir hunn natierlech eng nei Struktur krut elo fir d'Danzcoursen. Also de Capacitéitsproblem ass net nëmmen an Zukunft beim Departement Danse, mee ass och sécher beim Enseignement musical général. Mir hu virdru geschwat, ech si lo e bësse méi fréi hei iwwert de Quartier NeiSchmelz, do kommen esou vill Logementer bäi, et muss een e bësse plangen am Virfeld. Also mir probéieren am Fong, am Moment deem entgéintzewierken, dass mer ons Partnergemeng e bëssen an d'Gebiet huelen an eng Regionalisatioun fuerderen. Dat heescht wenn een ëm sechs Auer vu Beetebuerg op Diddeleng muss kommen, dat ka spannend sinn. Dat heescht, mir probéieren ëmmer méi an onse Partnergemenge méi Coursen ze implementéieren. Dat heescht, mir hunn nei Strukture krut. An der Gemeng Beetebuerg entsteet e ganz neie Schoulkomplex um Bëschel, wou mer 4 Säll zur Verfügung hunn. D'Gemeng Réiser huet eng ganz nei Infrastruktur gebaut mat 4 Säll. Mir probéieren am Moment, wou et nëmme méiglech ass, an déi Richtung ze goen, méi Coursen do unzebidden, wou d'Kanner sinn. Fir de Rescht, fir dass d'Schüler bei der Staang bleiwen. Mir iwwerpréiwen hir Absencen. Mir sinn amgaangen e Guide du parent auszeschaffen, fir eeben den Elteren och e bëssen ze erklären: Wat ass eng Musekschoul?

Dat heescht, wann ee kuckt, wann ee vergläicht viru 50-60 Joer, wien ass an d'Musekschoul komm? D'Kanner vun deenen, wou d'Eltere schonn an der Musekschoul waren. Dat ass historesch esou gewuess. Hautdesdaags ka Gott sei Dank jiddwereen an d'Musekschoul. An et kennt net jiddwereen d'Engagement, wat ee muss hunn als, ech soen ëmmer, wann een am Fussball dräimol um Training war, däerf ee samsdes de Match spillen. An der Musek ass et net esou. E kënnt een an d'Musekschoul, an da kritt een am Fong op de Wee, wat een doheem autonom soll schaffen. An dat ass schwiereg ze erklären. An do brauch een och d'Elteren ze responsabiliséiere mat engem Guide du parent, wou eeben e bëssen erkläert, wat ass d'Ëmfeld, wat ech doheem brauch? Ech brauch en Noutepult. Ech brauch e Raum, wou ech eleng ka prouwen. Ech brauch Encouragement. Ech muss e bëssen nogelauschtert kréien. Einfach dat si Saachen, déi mer do en place gesat hunn.
D'Regionalisatiounen, do sinn ech drop schonn drop agaangen.

Mir waren als Employeur, et ass d'Fro komm vun de CDDen a vun de CDIen a mir waren ëmmer eng Musekschoul, déi dat ganz, ganz korrekt gehandhaabt huet. Mir hunn ëmmer zwee Joer CDD ginn an direkt duerno een CDI. Aner Schoulen, haaptsächlech déi ganz grouss, hunn dat net esou gemaach. Mir hunn dat nach ëmmer esou gemaach. Mir sinn awer lo zënter der leschter Rentrée zesumme mam Service RH op de Wee gaangen, dass mer automatesch en CDI ginn, mat engem Stage, deen drunhänkt wéi an aner Funktioune jo och. Éischtens, mir sinn e ganz attraktiven Employeur an der Food Chain. D'Fro ass och opkomm vun den Enseignanten, ob mer der fannen. Mir sinn do ganz attraktiv. Éischtens, well mer eng flott Infrastruktur hunn. Mir hu flott Projeten. Mir hunn eng Schoul, déi aktiv ass mat ganz villen Aktivitéiten, sief et Reesen, sief et separat Kollaboratioune mat anere Schoulen oder mat europäesche Partner. Dat heescht, do si mer am Fong ganz gutt opgestallt. D'Enseignanten, déi fanne mer am Moment nach zimmlech gutt, par rapport zu anere Schoulen. Et ass e bësse besser gi wéi d'lescht Joer. Mee mir sichen dëst Joer och manner, dat heescht, dat mécht d'Saach méi einfach.

Wou mer manner gutt opgestallt sinn, ass bei der Administratioun, wou mer wierklech definitiv un ons Grenze komm. Mir haten elo ganz vill Krankheetsfäll a wou dann op eemol, wa méi wéi een Drëttel vun der, méi wéi zwee Drëttel vun der Administratioun feelt, da gëtt et bei 1500 Schüler kuerz virun enger Porte ouverte ganz, ganz spannend. Den Astigsalter ass definéiert duerch de Règlement grand-ducal. Deen Alter, wou ee ka Coursen ubidde vum Ministère ass 5 Joer. Mir hunn ons virun zwee Joer decidéiert, fir op 6 Joer ze goen, éischtens aus pädagogesche Grënn, an zweetens awer och aus Capacitéitsgrënn, fir eeben e bëssen ze probéieren, dass mer esou vill wéi méiglech Schüler kënnen d'Méiglechkeete gi fir eranzekommen. Aner Schoulen, hunn zum Beispill ab 7, ab 8. Och dee gréisste Player an der Stad zum Beispill, do kann ee prinzipiell ouni Concours d'entrée eréischt mat 7 ufänken.

Bei Fächer, wou mer ganz vill Ufroen hunn, sief et dëst Joer zum Beispill Batterie oder Chant moderne, gi mer lues a lues op de Wee, dass mer Concours d'entrée maachen, wou mer am Fong e bëssen d'Motivatioun vun de Schüler testen, wou mer e bësse froen, firwat méchs de dat? Bei dem Chant moderne si ganz vill Adulten, do froe mer déi einfach mol, wat ass deng Motivatioun? An dass mer do e bëssen en Tri maachen, dass mer déi Kandidaten an d'Schoul kréie wou mer mengen, dass se zu ons passen. Wat den Accès vum Danze mat der Formation musicale war, do war eng ganz konkreet Fro. Mir hunn e Règlement grand-ducal, deen all Joers ännert. Dat ass wéi an der Grondschoul oder wéi am Lycée. Dat heescht, wann op Septième net méi dat eent Buch um Programm steet, da steet dat anere Buch um Programm. Bei ons ass et d'selwecht. Heiansdo muss ee

Sol-major kënnen. Heiansdo muss een Do-major kënnen. Heiansdo muss een de normale Solfège maachen. Heiansdo muss een de Solfège fir Danseurs maachen. Do ginn et ganz verschidde Reglementer, déi national gereegelt sinn. An dee Moment, dee konkrete Fall do, wou ech och Rendez-vous hunn an zwou Wochen a mengem Büro, dat léise mer an do ass entre-temps de Règlement grand-ducal geännert, wou et och méi einfach ass.

De Formulaire, dat ass scho gesot ginn, ass automatiséiert. Mir hu keen Afloss op d'Reiefolleg, op et ABC oder d'Reiefolleg ass. Eng Ëmfro fir d'Abandonen hu mer nach net gemaach. Dat ass eng gutt Iddi. An de Karussell kann ech gär eng Kéier virstellen. Mir hunn do e bëssen d'Konzept geännert. Soll ech dat an der Musekschoulkommissioun eng Kéier maachen? Oder soll ech ganz kuerz? Bis elo waren et éischter Gruppecoursen. Mir hunn awer gemierkt, dass déi Gruppe ganz heterogen waren, mat verschiddene Besoinen. Mir hate Kanner, déi éischter motoresch Problemer haten, mir haten awer och Kanner, déi aus dem Beräich Autismus komm sinn. An dat sinn, dat ass net ganz kompatibel. An dowéinst si mer elo op de Wee gaangen, dass mer elo éischter déi Kanner 1 zu 1 betreien an deenen eng Offer an där Aart a Weis zegutt komme loossen. Ech hoffen, ech hunn näischt vergiess. Wa jo, da kënnt Der mech gären drop hiweisen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Claudia Dall'Agnol an dem Bob Mohard fir déi verschidden Erklärungen an Äntwerten. Ech géif proposéieren, dass mer dann elo zu Vott géifen iwwergoen. Wien ass hei mat der Schoulorganisatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 4. FINANZEN

**4.1. Approbatioun vum 1. Avenant fir d'Conventioun « SHPT Dudelang 10 » iwwert d'Mise à disposition vun enger Struktur fir de provisoreschen Hebergement vun Demandeurs de protection temporaire tëschent dem ONA, dem Hotel Cottage an der Stad Diddeleng**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei hu mer den éischten Avenant zu der Konventioun virleien tëschent dem ONA, dem Hotel-Restaurant Cottage an der Stad Diddeleng. Bon, Dir wësst, dass mer och als Stad Diddeleng, wat den Accueil vu Flüchtlingen aus der Ukrain ugeet, och do eis international Solidaritéit ëmmer héichgehalen hunn. An hei hu mer jo eng Konventioun tëschent dem ONA, dem Hotel-Restaurant Cottage an der Stad Diddeleng wat den Hebergement ugeet vu Beneficiaire vun der Protection internationale.

Hei ass den Avenant zum Kontrakt, dee geet vum 1. Abrëll 2024 op den 31. Mäerz 2026. Et ginn am Fong keng Changementer fir d'Stad Diddeleng. Eis Contribution financière, déi bleift bei 3.000 Euro. Mee hei ass am Fong eng Adaptatioun virun allem tëschent dem ONA an dem Cottage. Wéi gesot, eng Präisadaptatioun, wat den Hebergement ugeet. Ech mengen, wou si sech am Fong eens gi sinn. Wéi gesot, eis Contributioun bleift déi selwecht, déi 3.000 Euro de Mount. A just fir Iech de Moment d'Situatioun ze soen, op den 10. Juni, wéi gesot, am Cottage, do si 40 Erwuessener an 1 Mineur. An insgesamt sinn um Territoire vun der Stad Diddeleng 74 Persounen, déi de Statut hu vum Beneficiaire de Protection internationale, déi, wéi gesot, aus der Ukrain kommen. Voilà. Ech mengen dat e bëssen déi aktuell Situatioun. Also, wéi gesot, hei e klengen Avenant, wat d'Gemeng direkt net betrëfft. An awer, wéi gesot, den Accueil vun den DPIen aus der Ukrain. Voilà. Froen?



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Och wann et nëmmen, entre guillemets, eng Adaptatioun ass, en Avenant ass vun enger Konventioun. Ech mengen, nach ëmmer hänkt de Fändel vun der Ukrain virun eiser Dier hei vun der Gemeng, nieft dem lëtzebuergesche Fändel an dem Europa-Fändel. A wien hätt dat geduecht virun dräi Joer, wéi mer hei eis Solidaritéit ausgesprach hunn, no deem schockanten Iwwerfall vu Russland u säin Nopeschland, dass mer haut ëmmer nach mussen iwwer Konventioune schwätzen déi d'Protektioun maache vun Ukrainer, déi geflücht sinn aus hirem Heemechtsland. An déi Solidaritéit mat der Ukrain, ech mengen dat ass eng Selbstverständlechkeet fir eis all heibannen. Mir hunn alleguerten ëmmer déi Solidaritéit ënnerstrach. An ech mengen et kann een et net oft genuch widderhuelen, dass mir, déi Solidaritéit mat der Ukrain, dat heescht, si verteidegen d'Ukrain, d'Ukrainer an hirem Krich, si verteidegen Europa, si verteidegen eis. An et muss een och kloer soen, dass mir et absolut schockant fannen, dass déi Aggressioun vu Russland nach ëmmer unhält.

An ech denken dee klenge Mini-Statement kann een och ëmmer erëm eng Kéier widderhuelen, well et grad an dësen Zäite ganz wichteg ass, dass dat och kloer ausgesprach gëtt, dass mir absolutt schockéiert si vun deem Iwwerfall. An an der Hoffnung, déi Hoffnung soe mer elo och schonn zënter e puer Joer, dass awer dee Krich iergendwann eng Kéier op en Enn kënnt an awer mat enger, entre guillemets, gudder Solutioun fir d'Ukrain, dass mer dann natierlech selbstverständlech duerno och eis Solidaritéit wäerte mat hinnen ausdrécken, andeem mer och beim Wideropbau hëllefen. Ech mengen, wien hätt geduecht virun e puer Joer, dass mer eis komplett mussen ëmdenken an eiser Verdeedegungspolitik, dass mer e Budget militaire mussen héijen, dass mer musse Waffe liwweren als Lëtzebuerger, dass mir mussen iwwert en Ofwiersystem verhandelen an der Chamber, an der NATO. A wéi gesot, et ass net e just e Fait divers. An ech denken dofir ass et grad wichteg och haut nach eng Kéier ze ënnersträichen, Diddeleng, mir heibannen, an ech denken och jiddweree perséinlech,

ënnerstëtzt hei déi Populatioun, déi ganz vill Misär huet. Dann zu deene Leit, déi bei eis komm sinn. Se si mat offenen Äerm hei opgeholl ginn. Et sinn och Privatleit, déi ukrainesch Demandeuren de protection nationale hei opgeholl hunn. Den Turnover, dat ass eng Fro vläit. Dir hutt et grad gesot, Här Buergermeeschter, et si 40 Adulten, ee Mineur am Cottage hebergéiert. Wéi ass den Turnover? Hu mir do mam ONA en Austausch? Kënne mer deene Leit och weiderhëllefen, vläit och fir eng aner Wunneng ze fannen?

Ech weess vu verschiddenen, och aus menger Aarbecht als Kannerdokter, vu Familllen, déi heihinner komm sinn, déi sech ganz gutt hei druginn hu fir Franséisch ze schwätzen, déi och eng Aarbecht fonnt hunn, déi och sech integréieren, déi och, nodeems se an enger Struktur waren, wéi de Cottage, och eng Wunneng fonnt hunn um Marché, oft natierlech iwwert d'Hëllef vun den Office-sociauxen. Bravo deene Leit, déi dee Courage hunn, hir Heemecht ze verloossen aus widdregen Ëmstänn a sech awer probéieren iergendwéi awer derduerchzeschloen an och Fouss ze faassen an eiser Gesellschaft, e grousse Respekt vis-à-vis vun hinnen. Wéi gesot, déi konkreet Fro, déi ech just hätt ass, wéi ass den Turnover? Wéi vill Leit hate mer zum Beispill insgesamt, déi am leschte Joer hei hebergéiert waren? Wéi vill verschidde Leit? Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Et ass flott, dass d'Madamm Kayser de Solidaritéitsgedanken nach eng Kéier ënnerstrach huet. Da muss ech et net maachen. Do sti mir och natierlech derhannert. Ech hat just eng Fro zu der Konventioun selwer, wann ech et richteg verstanen hunn, well déi ass jo da viru menger Zäit hei och ënnerschriwwe ginn, géing déi just bis 03-2026 lafen? Dat heescht, dat hei wier jo u sech dee leschte Vott heiriwwer. Do wier meng Fro, wéi geet et duerno weider? Kuckt den ONA da mat de Leit an zesumme mam Cottage Hotel an der Gemeng ? A stinn d'Chancen do awer gutt, dass wann et nach gebraucht gëtt, dass d'Gemeng och do nach weider kann hëllefen oder ass dat nach ze fréi fir ze soen? Mir fannen nämlech nach ëmmer, dass dat hei e ganz wichtege Bäitrag ass an dass et eebe grad vu Solidaritéit weist a mer och dat heiten ënnerstëtzen an och all weider Ënnerstëtzung, déi do gebraucht gëtt, dass dat ka weidergefouert ginn, esou laang wéi et gebraucht gëtt. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Mir begréissen och natierlech dës Konventioun. An net méi spéit wéi gëschter si mer gewuer ginn, dass mer 122 Millioune Leit hunn, déi déplacé si vun hirem Land, op der Flucht. Dat heescht, et ass zwou Milliounen an d'Luucht gaange vum leschte Joer. Si sinn 2 Millioune manner an d'Luucht gaangen, well si hate mat 4 Millioune gerechent, well iwwer 2 Milliounen erëm zréck an hiert Land gaange sinn. Just einfach fir och emol dat Bild viru Kapp ze halen, dass mer 122 Millioune Leit hunn, déi komplett deplacéiert sinn. An dofir begréisse mer, dass mir als Gemeng Diddeleng ëmmer erëm mat derbäi sinn, wann et heescht, Solidaritéit ze weisen. An och an dësem Fall. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Nach weider Stellungnamen? Dass ass net de Fall. Da soen ech Iech villmools Merci fir Är Zoustëmmung. Ma vläicht e puer Elementer. Ech mengen, nieft dem Volet vun der internationaler Solidaritéit, zu där mer stinn, an déi mer och als Stad Diddeleng vun Ufank un hei ganz kloer walte gelooss hunn. D'ailleurs spillt déi international Solidaritéit vun 2016 un, vun do un, wou mer och e Foyer d'hébergement hunn, vun der Croix-Rouge, wou bis 1990 d'Demandeurs de protection internationale kënnen ënnerkommen am Schmelzer Quartier. Ech mengen do huet et konkreet ugefaang. Dat hei ass den zweete Volet dovunner.

Wéi gesot, vun deene Leit, déi de Moment am Cottage sinn, do sinn der och reegelméisseg a Kontakt mat de Gemengeservicer. Sief dat den Office social, sief dat de Service Logement, sief dat awer och de Service de l'Emploi. Ech mengen do sinn am Fong gutt Kontakter, wou mer probéieren ze hëllefen, do wou et geet, respektiv eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter. Et muss ee soen, dass den Deel, deen am Cottage ass zimmlech stabel ass vun do un, wou se komm sinn. Dee genauen Unzuel vum Turnover kann ech Iech elo net soen. Ech kann dat eng Kéier nokucken, nofroe loossen, da kann ech Iech dat ganz gären ouni Problem och noliwweren. A wéi gesot, par rapport zur Fro déi méi juristescher Natur ass, par rapport zum Kontrakt selwer, dat heiten ass den éischten Avenant. Et ass net ausgeschloss, mir wëssen net wéi den 31. Mäerz 2026 d'Situatioun ass, dass en zweeten Avenant gemaach gëtt. Da kënnt en erëm hei an de Gemengerot an da gëtt eng Verlängerung gestëmmt.

Ech mengen, dass dat heiten och e bëssen tributär ass, wéi et virdrun och diskutéiert gouf, wéi de Verlaf eeben och vun de ganzen Diskussiounen oder eventuellen Diskussioune ronderëm Fridden, deen an der Ukrain soll antrieden an och rëm mam Opbau. Mir mussen och wëssen, dass och wa Fridden antrëtt an den Opbau gemaach gëtt, dass natierlech och déi Leit, déi am Moment hei sinn, net alleguerten direkt wäerten zréckgoen. Verschiddener wäerten zréckgoen an anerer wäerten hei bleiwen. Also, wéi gesot, mir sinn hei nach eng Zäitchen, och mat deenen Engagementer, déi mer ginn, an déi huele mer jo och ganz gären, a mir sti jo och zu deenen doten Engagementer, nach eng Zäit laang awer hu mer eis gebonnen. Dëst gesot, géife mer iwwert dësen Avenant ofstëmmen. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.2. Approbatioun vun der Konventioun iwwer de Service d'accompagnement scolaire « Super Senior » déi mat der Associatioun « Mouvement pour l'Egalité des Chances pour Tous (MEC) a.s.b.l. » ofgeschloss gouf**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass de Projet Super Senior. An do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ier Iech op d'Konventioun komme wëll ech awer zwee Sätz nach am Virfeld soen. Opgrond vun engem Zeitungsartikel an der Press de Januar 2025, deen och den Diddelenger Schäfferot intensiivst gelies huet an de Ressortschäffen doropshin den Telefon och gegraff huet an

déi ASBL ugeruff huet fir e Kontakt opzehuelen, fir e Rendez-vous ze fixéieren. An dunn och am Februar 2025 hate mer dann eng Motioun vun der CSV-Fraktioun zu deem selwechte Sujet, wou se dann och de Schäfferot invitéieren, mat deene Kontakt opzehuelen an ze kucken, ob ee kéint dee Projet och hei zu Diddeleng realiséieren. An do hu mer natierlech déi Motioun jo och ugeholl.

An am Mäerz war dann och dee Rendez-vous, wou och dann de Member vun der CSV-Fraktioun, dee jo Initiator war vun der Motioun, och konnt dobäi sinn, hu mer déi Leit empfaangen. A mir hunn eis och iwwerzeege gelooss, dass dat do eng gutt Saach wär fir hei zu Diddeleng. Vu dass se schreiwen, oben das halbe Land, de Süde war op der Landkaart am Fong war dann net esou richteg present. A mat Diddeleng wäerte mer dat dann elo nohuelen. Mir hunn dat bei d'Finanzen och gesat gehat, well effektiv och dat Engagement, wat mer hei wëllen huelen, och eppes Klenges kascht. Dir gesitt an der Konventioun, et geet emol lass, fir dat alles en route ze setzen. Et bezilt ee 26.900 Euro, dass mer kënnen dee Projet realiséieren. An dann nach e Subsid vun 0,82 Euro pro Habitant, dat kënnt dann nach dobäi. Da wäre mer esou e bëssen iwwer 50.000 Euro, wou eis dat géif kaschten. Mee dat ass awer an der Rei esou.

Et ass zwar dëst Joer nach net budgetiséiert, vu dass dat jo och e Projet ass, deen aus dem Nichts komm ass, praktesch. Dofir musse mer dat dann op d'Joer 2026 maachen. Mat de Finanzen, dat ass mat hinnen awer esou gereegelt, mer kënnen awer de Projet dëst Joer ufänken. A wann ech soen dëst Joer ufänken, wëll ech och soen, konkreet, Mëtt September-Oktober 2025 wäerte mer dann dann den Depliant Recrutement realiséiere fir déi Leit. An da gëtt deen och an der Woch vum 29. September dann och ausgedeelt, à tous les ménages, natierlech. An dann ass och en Delais de reception vun deene Kandidature virgesi bis den 29. Oktober 2025. Wann dat dann iwwert d'Bün ass, am November, Dezember ginn dann och Teste mat deene Leit gemaach, déi sech gemellt hunn.

An duerno gëtt dann erëm en Depliant ausgedeelt fir d'Elteren, dass déi wëssen, hei, do ass e Service en vigueur. An da gëtt och en Entretien an deem Mount gemaach mat de Senioren, déi sech gemellt hu fir kënnen herno mat der Kanner ze léieren. An dann am Januar, Februar, wéi gesot, gëtt dann den Depliant un d'Elteren ausgedeelt. An da ginn och dann d'Demanden ugeholl. An da ginn och Rendezvouse gemaach mat den Elteren, mat de Senioren zesummen, fir d'Detailer ze klären, wéi dat iwwert d'Bün geet. An dann, wéi gesot, am Mäerz 2026 wäert dann dat Ganzt offiziell en vigueur sinn.

Ëm wat geet et hei? Et ass ganz einfach ze erklären. Hei geet et drëms, dass eeler Leit, Senioren, hiert Wëssen an den Déngscht vun der Jugend setzen. Dat heescht, déi Leit hëllefen deene Jugendleche bei den Hausaufgaben éierenamtlech. Se kréien zwar eppes Klenges fir de Bensinn, awer, wéi gesot, et ass éierenamtlech. An et geet drëms, dass mer déi Valeur vun deenen eelere Leit e bësse valoriséieren, andeem se dann effektiv nach kënnen awer eppes Gudde maachen. Och Kontakter hu mat der Jugend an dobäi mat hinne léieren, dass d'Kontakter, dass dat eng Win-win-Situatioun gëtt. A wéi gesot, d'Kanner kréien dann och iwwert dee Wee och eng kleng Stäip, wa se an der Schoul net esou eens ginn. Dat wär am kuerze Modus alles, wat ech dozou ze soen hunn. Ech wier awer frou, wa mer géifen deem zoustëmmen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, natierlech ënnerstëtze mer dee Projet hei. Ech mengen dat war eng ganz gutt Iddi. A mir gesinn och an deem, den Här Manderscheid hat elo grad gesot, eng Win-win-Situatioun. Also Hausaufgabenhëllef fir Grondschoulschüler déi vu Senioren ugebuede gëtt, dat huet vill Virdeeler fir jiddweree, mengen ech. An éischtens mol gesi mir doranner eng, wéi et elo scho gesot ginn ass, eng Wäertschätzung vu Kompetenzen, vu Liewenserfarung, déi déi Leit mat sech bréngen. An dat ass hei e feste Bestanddeel an deem Projet. Et wär och eng Verschwendung u Wëssen an u Wëssensvermëttlung, mengen ech, wann dat einfach esou broochläit. Vläicht fir een, dee wéi ech méi no beim Pensiounsalter ass, fänkt een un ze spieren, datt een eigentlech nach iwwerhaapt net zum Alten Eise gehéiert awer séier esou gesi gëtt. Jo, mee ech mengen, datt awer Senioren oder Leit, déi an der Pensioun sinn, well se och e bësse méi Zäit hunn an déi awer iwwer ganz, ganz vill Kompetenze verfügen an déi kënnen hei mat esou engem Projet kënne weidervermëttelen, ass dat, mengen ech, eppes immens Flottes a Wäertvolles. Niewneffekter sinn dann och, datt zum Beispill d'Kommunikatioun tëschent de Generatiounen héichgehale gëtt, datt een en Echange hei ënnerstëtzt, datt een och Empathie entwéckelt, déi méi Jonk fir déi méi Eeler, déi méi Eeler fir déi méi Jonk, einfach, datt een do sech mat aneren Aen e bësse gesäit.

Wat mir och natierlech immens flott fannen, an dat ass och erwäänt an der Konventioun, datt eeben dat Ganzt begleet gëtt. Datt dat elo net einfach ass, hei elo melle sech der e puer an da setze mer déi zesumme mat Jonken. Neen, hei gëtt ee ganz professionellen Encadrement ugebueden am Beräich vun der Égalité des chances. Also d'Kanner, déi gi begleet, déi eeler Leit, oder d'Seniore soen ech dann elo mol hei, déi gi forméiert, si ginn encadréiert, si kréien eng Formatioun, si ginn och am Kader, am Laf vun deem Projet gi se vun Zäit zu Zäit superviséiert, datt dat ëmmer sou op de Leescht geholl gëtt, datt och eng gewësse Qualitéit hei séchergestallt gëtt vun där Aarbecht zesummen. An da sinn och nach Saache wéi, den Numm seet et jo och schonn, et ass e Mouvement pour l'Egalité des Chances pour tous, dat heescht, hei gëtt och séchergestallt, datt och Kanner, wéi soll ech soen, Chancë kréien, déi et vläicht vun doheem net ëmmer esou, wéi soll ech soen, net ëmmer alles esou einfach ass.

Ech wëll awer domadder elo net ëmmer alles esou an en Tirang geheien. Ech menge Kanner deenen d'Elteren net an all Domaine hëllefe kënnen. Dat ass jo hei de Fall. An et muss een och als Eltere mengen ech net an allem gutt sinn. Et muss een net ëmmer gutt sinn an der Mathé oder all Friemsprooche kënnen oder an der Geschicht oder esou. An dofir mengen ech ass et wichteg, datt een hei iwwer esou e Wee zum Beispill gehollef kritt. An da sinn och natierlech d'Elteren oft am Fall, datt se net onendlech vill Zäit

hunn, besonnesch denken ech hei och u Monoparentauxen, déi schonn et net einfach hu fir ëmmer hire Kanner de beschtméiglech Suivi ze gi wat d'Schoul ubelaangt. An dat hei ass e wichtege Baustee, mengen ech, fir deene Kanner ze hëllefen. A ganz op natierlech Aart a Weis ginn dann och esou Valeure vermëttelt wéi Fläiss, Disziplin, Ausdauer, net nëmmen an der Musekschoul, mee och dann an der Schoul, mee awer virun allem och, wat hei vermëttelt sollt ginn, mengen ech, dat ass d'Freed, de Spaass um Léieren, kann esou vermëttelt ginn. An heiansdo, ech weess, wann ech nach u meng Kanner denken, et ass elo d'Klammer op an et ass eng kleng Metapher, mee d'Fritte bei deenen anere Mammen doheem, déi waren ëmmer vill besser wéi meng. Dat heescht, heiansdo léisst ee sech och eppes soen, méi vun engem Aussesteeënde wéi doheem, wann et da geet, elo musst de erëm léieren, sëtz dech dohin an esou virun an esou weider. An dofir mengen ech dass och esou e Projet ka ganz flott Nieweneffekter hunn. Spaass um Léieren, Echange zwëschent Generatiounen an dann och nach e professionelle Suivi. Ech mengen et ass en top Projet an dofir stëmme mir dat natierlech mat. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech ginn elo net nach eng Kéier op all déi Atoute vun deem Projet an, well dat hate mer de 14. Februar schonn eng Kéier, wou mer et matgestëmmt hunn, alles fir richteg a gülteg empfonnt. An dorun huet sech och weider näischt geännert. Och wa sech elo erausstellt, dass et net bei deene 16.000 Euro bleift, wou mer deemools de Projet an der Motioun u sech verkaf kritt hunn, fanne mer awer elo, mat den Erklärunge vum Här Manderscheid, vum Timing hier, dass de Projet awer relativ flott an an Accord mat engem Schouljoer am Fong stattfënnt, well en ulafe gelooss gëtt am Ufank vum Joer. Wat ëmmer interessant ass, fir sech ze mellen, fir sech ausbilden ze loossen an zum Schluss vum Schouljoer, do wou de Besoin vläicht fir eppes opzeschaffen oder fir vläicht awer iergendwéi engem klenge Retard nozelafe ginn ass, ass Hausaufgabenhëllef, déi gebraucht gëtt. An dat fannen ech relativ gudden Timing.

E puer Froe géifen eis awer bleiwen, wisou ech och d'Wuertmeldung wollt hunn. Dat ass haaptsächlech ëm de Montant. Wann ech et richteg verstanen hunn, handelt et sech beim dee Montant unique vun deene ronn 27.000 Euro fir dëst Joer jo fir déi Installatioun vun deem Projet, wéi do stoung. Dat ass dann déi eemoleg Promotioun an och d'Ausbildung, déi eemoleg elo vun de Seniore stattfënnt, wann ech dat richteg verstanen hunn. An duerno muss sech d'Gemeng, laut Konventioun, selwer drëms këmmeren. Oder hunn ech do eppes falsch verstanen? Dofir froen ech et. Da wier nämlech d'Fro, ob eventuell bei deem dote Käschtepunkt eng Evaluatioun vun engem Besoin schonn iergendwou besteet op ee Wee sou, okay, wa mer dat doten elo eemol duerchféieren, dann ass de Besoin ofgedeckt. Da kréie mer genuch Leit, déi wëllen Hausaufgabenhëllef ubidden a ginn enger eventueller Demande och gerecht. Ass do mat deenen Acteure geschwat ginn? Ech denken do un d'Schoulen, un d'Maison Relaisen, déi jo och e bëssen e Bild hu vun deem, wat awer doruechter esou leeft.

D'Fro, déi ech de 14. Februar gestallt hat am Kader vum Vott a wou sollt gekläert ginn am Kader vun den Negociatiounen ëm d'Modalitéiten, wou ech awer elo och net an der Konventioun erëmfonnt hunn, wollt ech nach eng Kéier stellen. Ech wollt wëssen, wien d'Responsabilitéit huet, wann et am Dräiergespann Elteren-Senioren-Kand awer iergendwéi sollt schifgoen? Wien ass beispillsweis responsabel, wann herno awer, laut Konventioun musse jo d'Elteren och dobäisi wann dat dote stattfënnt, mee wann awer an enger Situatioun op eemol d'Vertrauen esou besteet, dass awer op eemol d'Eltere soen: Hei ech gi schnell eng Kommissioun maachen an et geschitt eppes an där Zäit, wou de Senior aleng mam Kand ass? Ass dat d'ASBL, wou mer couvréiert sinn, par rapport zu deem Montant, dee mer bezuele pro Joer? Oder ass dat d'Gemeng, déi herno d'Responsabilitéit dréit?

Prinzipiell fanne mer dat do nach ëmmer eng super Saach. Dat Intergenerationellt ass ugeschwat ginn. Dee schoulesche Plang hunn ech och ugeschwat. Och déi sozial Staffelung, wou Elteren a prekäre Situatioune fir 5 Euro eng Nohëllefsstonn kënne kréien, wann ech mech richteg un de Verbatim vun der leschte Kéier erënneren, fanne mer ganz gutt. Et ass eis awer wichteg, op déi an eisen Ae wichteg Froen och Äntwerten ze kréien, iert mer dat heite ganz gäre wëlle matstëmmen, well mer d'Iddi dohannert nach ëmmer wierklech super fannen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. D'Motioun vun der CSV am Februar, déi hate mer jo och unanime gestëmmt. Well et ass jo och effektiv, et ass elo scho vu jidderengem ugeschwat ginn, e flotten intergenerationelle Projet, deen och op den éischte Bléck oder iwwerhaapt vill Virdeeler mat sech bréngt. An et ass awer elo esou, mir hunn dës Woch vill an eiser Sektioun driwwer diskutéiert. An do sinn eis och einfach nach e puer Froe komm. E gudden Deel dovunner sinn och elo scho beäntwert oder si schonn opkomm. Dat éischt war d'Timeline, déi krute mer elo schonn. Villmools merci, dat geet jo da wierklech och virun. Dann, wat elo och d'Suen ugaangen ass, wat och elo den Här Steffen gefrot huet. Mir hunn dat esou verstanen, dass déi eemoleg 27.000 Euro d'Installatioun, also voilà, eng Kéier d'Reklamm an d'Flyeren an déi ganz Installatioun bezuelen an duerno bezuele mer jo annuell 82 Cent pro Awunner, ech mengen ech hat mer dat ausgerechent, et sinn ëm déi 18.000 Euro ongeféier, an déi couvréieren dann all Joer d'Formatioun an alles wat do ronderëm leeft, wa mer dat richteg verstanen hunn, fir dass de Projet andauernd weiderleeft, well e jo och soll déi ganzen Zäite begleet sinn. Dat begréisse mer och, dat ass och scho gesot ginn, dass dat elo net einfach just esou an e Vide geheit gëtt, mee dass dee weider begleet gëtt.

Do hu mer eis einfach gefrot, déi Formatioun vun deene Senioren, wéi kann ee sech dat virstellen? A gëtt déi vun engem Pedagog gemaach? A wéi wäit geet dat an den Detail? Et ass och schued einfach, dass elo kee vun der ASBL do ass. Dat heescht, ech weess elo net, ob den Här Manderscheid op all d'Froe kann äntwerten. Mir haten eis nämlech och d'Fro mat der Responsabilitéit gestallt. Mir haten, zum Beispill am Pedibus hu mer éiweg déi Diskussiounen, an du hu mer eis och einfach gefrot, wann de Senior elo

um Wee fir dohinner an den Trape fält, ass dat dann einfach, bon, ech weess et net, einfach privat? Oder ass deen iergendwéi verséchert do? A mir hunn eis och d'Fro gestallt, ob d'Eltere mussen doheem sinn? Well et soll jo net esou quasi e ganz bëllege Babysitting ginn. Mee et soll jo schonn drëm goen, dass de Senior just kënnt, fir mat den Hausaufgaben ze hëllefen. Wéi ass et, wann, wou mer dovun ausginn, d'Demande, virun allem bei de SchülerInnen d'Demande méi grouss ass wéi d'Offer? Wien ass prioritär? A wien decidéiert dat? Mir ginn dovun aus, dass d'ASBL do den Tri mécht an dass et First come, first served ass, dass et do elo net eng Prozedur gëtt. Mee dat hätt eis interesséiert.

An dann ass d'Fro vum Präis fir d'Elteren. Dat steet och elo net an der Konventioun. Den Här Steffen huet elo vu 5 Euro geschwat. Mir haten eis déi Reportage op RTL nach eng Kéier ugekuckt. Dat huet esou geklong, wéi wann et 10 Euro wär pro Seance an dass een awer misst wéinstens e Package vun 10 Stonnen huelen. An dat ass natierlech fir eis e bëssen dee gréisste Bemol, dass d'Gemeng elo en Service bezilt, deen net sozial gestaffelt ass. Well dann 100 Euro pro Kand, déi muss een dann och emol hunn. Dat heescht, dat ass och elo net eppes fir jiddereen. Et ass natierlech op där anerer Säit, dat war e bëssen esou eise Problem. Okay, 100 Euro. Gläichzäiteg muss een natierlech och soen, d'Kanner, déi an der Maison relais zum Beispill sinn, ëm déi ass sech jo scho gekëmmert, déi hu jo eng gratis Hausaufgabenhëllef. Dat heescht, et ass scho fir eng ganz spezifesch Clientèle am Fong, wou d'Elteren doheem sinn a sech dat dote leeschte kënnen.

Mee de groussen Avantage vun dësem Projet ass natierlech einfach, dass fir d'Senioren ass et flott, déi kënnen hiert Wësse weiderginn. Et ass eng Valoriséierung. Et ass och eng Beschäftegung. An do gesi mer de ganz groussen Atout och vun dësem Projet. A soudass mer och decidéiert hunn, no laangen Diskussiounen awer effektiv iwwert déi sozial Staffelung do, de Projet matzestëmmen. A mir sinn da gespaant och einfach wéi elo an den nächste Méint sech erausstellt, wéi grouss de Succès ass, souwuel bei de Seniore wéi och op der Säit vun de Schüler. A wéi dat wäert oflafen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Ech mengen zu dësem Projet ass jo schonn zimmlech alles gesot ginn an och gefrot ginn. Ma ech hat awer just nach eng kleng Fro. An zwar steet an dëser Konventioun tëschent eeben der Gemeng Diddeleng an der MEC asbl, dass niewent den eemolege Käschte vu 26.900 Euro, an eeben herno den 82 Cent pro Awunner, gemäss Artikel nach weider Käschten ufalen. Ausgabe fir Reklamm ze maachen an nei Senioren ze rekrutéieren, wéi och Ausgabe fir Formatiounen a Coaching fir d'Senioren si Käschten, déi der Gemeng zousätzlech facturéiert ginn. Meng Fro heizou ass ob et elo scho méiglech ass dës extra Käschten ze chiffréieren an och ob déi eventuell herno gedeckelt ginn am Budget? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Ah, wat sinn ech esou frou. D'CSV gëtt am Februar eng Motioun eran. A wéi mer hei den Här Mannerscheid kennen a senger rapider Aart a Weis, gëtt dat dann och direkt ëmgesat. A mir sinn immens frou, dass mer och elo direkt hei mat Turbovitess déi Saach lancéieren. Mir soen awer och dem Schäfferot merci fir déi Flexibilitéit, déi budgetär Flexibilitéit de Projet elo schonn ulafen ze loossen, well dat war och erauskomm bei der Diskussioun mat de Responsabelen, wou ech och konnt dobäi sinn. Wéini loosse mer et ulafen? A si hunn effektiv och gesot, wéi den Här Steffen och gesot huet, sënnvoll ass et, dass de et am Hierscht ulafe léiss.Den Eloge vun dem Projet hat d'Madamm Kohn nach eng Kéier widderholl, genau sou wéi ech deemools am Februar voller Enthusiasmus de Projet virgestallt hunn. Voilà, d'Sënnhaftegkeet, déi ass fir jiddwereen heibanne kloer.

Et sinn iwwer 40 Gemenge mëttlerweil, déi dee Projet hei ënnerstëtzen, seng Senioren ënnerstëtzen a senge Kanner eng Hëllef ginn. Si hunn, dat war mol Stand, wéi mer am Mäerz mat der Madamm zesummekomm waren, hate se 60 Senioren an 250 Kanner, déi betreit gi sinn. Ech kann op e puer Saache schonn äntwere vu Froen, déi gestallt gi sinn. Mat de Präisser, et ass eng Staffelung do. Et ass 10 Euro fir d'Famillen, jo, déi dat kënne bezuelen. A wann awer Leit zum Beispill beim Office Social och virstelleg sinn oder esou, da kënne se eng Reduktioun op 5 Euro kréien. Dofir déi zwee verschidde Präisser. Et ass esou, dass effektiv e Package vun 10 Seancë soll ugaange ginn. An dat ass och sënnvoll. Si soen och, oft hëlleft et schonn de Kanner e puermol e bëssen eng Nohëllef ze ginn, et soll jo och méi eng punktuell Nohëllef sinn. An 10 Seancë fanne si ganz sënnvoll. Wat wichteg ass, dass effektiv och ëmmer e Feedback no deenen 10 Seancë vum Senior mat der Associatioun ass, mat de Responsabele, mat de Begleeder vun der Associatioun, fir ze kucke wéi leeft et. Ass et nach néideg, dass mer an där Famill bleiwen oder net? An dat ass, denken ech, och ganz wichteg.

A wat eeben den Atout ass hei vun dëser Hëllef vun de Senioren, dass Senioren och eng immens Flexibilitéit hunn. Et ass rieds gaangen, d'Madamm Kohn huet et erwäänt, vu Monoparentauxen, déi et net ëmmer esou einfach hunn.
Seniore sinn och heiansdo frou, fir samsdes Moies an eng Famill ze goen oder och emol owes. Dat ass eeben zum Beispill, wann s de eppes Institutionaliséiertes hues, wéi d'Stäip oder esou, déi hunn hir fix Horairen. Dat hei ass dann och an deem Sënn, kënnt dat de Famillen och zegutt. A wat och extreem wichteg ass vläicht awer och ze erwänen, dass eeben déi Relatioun sech och herno opbaut tëscht där Famill an dem Senior. Dat ass och, ech kenne wéi gesot, zwee Leit, déi dat maachen. An déi hu mer dat och gesot hunn: Du bass herno fir alles zoustänneg. Wann s de kënns, da läit de Courrier schonn do, wou d'Leit da verschidde Paperassen net verstinn. An esou hëllefs de dann och do e bësselche bei administrative klengen Demarchen.

Wat extreem wichteg ass, wat si och soen, dass effektiv d'Elteren ëmmer dobäi sinn. An déi ginn och net an de Cactus akafen, déi Zäit. Déi sinn do. Dat ass Flicht bei hinnen.
An, wéi gesot, de Matching. Wien elo bei wie passt? Jo, effektiv, dat gëtt dann an der Formatioun mat de Senioren. Do hues jo och Leit, déi, also ech géif och léiwer, mengen ech, Coursë ginn am éischten, zweete Schouljoer, och nach vläicht am drëtten. Mee Mathé am sechste Schouljoer wär ech och alt net méi grad esou fit, gell. Also do kanns de

dann och bëssen eraussichen. An dofir kucke si dann och wéi de Matching ass. Wéi gesot, d'Erfarung vun deene Leit weist, dass dat e Succès ass. A mir als CSV, déi déi Motioun hei erabruecht hunn, sinn net méi wéi begeeschtert, dass dat esou ratzfatz gaangen ass, fir dat ëmzesetzen. A mir si ganz frou a soen och eng Kéier dem Schäfferot dofir Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, d'Madamm Kayser huet am Fong och schonn d'Hallschent vu menger Interventioun gemaach. Ëmsou besser. Mee ech géif dann am Telegramm-Stil nach eng Kéier a verschidde Saachen äntweren. Et ass geschwat gi vu Verantwortung, Tri an och vu Präisser. D'Organisatioun vum Service, esou wéi mir se virgestallt kritt hunn, ass effektiv en Accompagnement mat Maximum 3 x 10 Seancen, dat ass vun der Theorie. Et ass och en Accompagnement au domicile vum Kand virgeleescht, eng Prestation payante fir d'Elteren, effektiv, et ass gesot ginn, 10 Séances tarif plein, respektiv Séances 5 Euro, mat engem Tarif réduit. An da gëtt och e Kontrakt gemaach tëschent den Elteren an dem MEC. An et gëtt eng Konventioun gemaach tëschent dem Senior selwer an dem MEC. Dat heescht d'Verantwortung ass ganz kloer, ech wëll net elo soe salopp, vun der Gemeng fort. Mee et ass awer esou, dass d'ASBL zesumme mat den Elteren a mam Senior d'Verantwortung wäert iwwerhuelen iwwert alles, wat dann an deem Kader wäert geschéien.

Et gëtt och esou gemaach, dass e reegelméissege Kontakt mat de Senioren envisagéiert ass, wou se och encadréiert ginn. An, wéi gesot, de Kontakt, dass ëmmer jiddweree weess vum MEC, wat lass ass. An da gëtt och eng Supervisioun vun deene Seniore gemaach. Dat heescht, et gëtt och, probéiert dann ëmmer do, hei schreiwen se „eng Création d'un esprit d'équipe" an esou weider. Jee, op jidde Fall si hu permanent Kontakt mat de Senioren, wa se gesinn, wou de Schung dréckt, dass se kënnen do intervenéieren.

D'Finanzen, effektiv, et ass net wéineg. Mee trotzdeem kënne mer eis dat roueg erlaben. Firwat soen ech dat? Wann ech kucken, dee Montant unique vu 26.900, wat beinhalt dat alles? Ma dat ass d'Koordinatioun, dat ass de Salaire vun der Coordinatrice, déi de Projet leet, dat sinn 10 Stonnen eleng d'Woch. Dann ass et de Recrutement vun de Senioren, dat ass den Depliant, dat ass d'Post, dat ass d'Promotioun vum Service, den Depliant fir d'Elteren, d'Konzeptioun an nach eng Kéier d'Post, dat alles beinhalt déi 26.900. Euro. An dann deen zweete Montant, dat ass dann déi 0,8 Euro pro Habitant, dat wär aktuell bei engem Habitant vun 22.043 Leit, déi hei wunnen, wären dat 17.634 Euro. An dat ass geduecht d'Couverture des Frais de fonctionnement, d'Coordinatioun de suivi intégrale par le MEC. Dat heescht alles d'Betreiung vun de Senioren an d'Betreiung vun der Kanner, d'Konventioun. An eng Collaboration promotionnelle respektiv Mise à disposition occasionnelle des soldes. Dat beinhalt alles dat mat deenen 0,8 Euro pro Habitant. Ech géif soen, dann hat ech bal alles beäntwert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Den Här Meyer hat nach gesot gehat, mir kriten all Joer dann d'Fraise vun deene Formatiounen. Dat ass net esou. Neen, neen. Voilà. Dat ass nach eng Kéier kloer ze soen. Also mir hunn net dann nach eng Kéier all Joer dass mer dann d'Formatioune musse bezuelen, well dat esou eriwwerkomm ass, wéi wann dat awer nach e Surplus vu Fraise kéint ginn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, da géif proposéieren, dass mer iwwert dës Konventioun ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools merci. An da wäerte mer natierlech och eebenfalls de Bilan, respektiv d'Evaluatioun maachen an och hei dat dann am Gemengerot presentéieren.

**4.3. Emprises – Approbatioun vun Actes de vente**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn eng ganz Rei Emprisen. Dat ass schonn e feste Punkt um Ordre du jour bei all Gemengerot, Emprisen, déi mer kafen. Wéi gesot, ech fänken un, ech huelen se zesummen duerch.

*4.3.1. Madamm Flora Piazzi – Rue de l'Indépendance a Rue Schiller*

*4.3.2. Bestuete Koppel Schmitt-De Jesus Rosa – Rue Lentz*

*4.3.3. Société Belvita SCI – Route de Zoufftgen*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Op 21, Rue de l'Indépendance, dat ass mat der Madamm Piazzi. Dat ass e Präis vun 140 Euro. Dat ass jo 700 Euro den Ar. Dat sinn 0,2 Ar. Dat ass d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

Da gi mer op 21, Rue Lentz. Dat ass zwëschent dem Här Schmitt an der Madamm De Jesus Rosa. Dat sinn 0,17 Ar. Dat sinn 112 Euro, wou mer kafen. An och dat, déi Parzell kafe mer fir d'Integratioun an d'Voirie publique, also e But d'Utilité publique, wou dat sech mécht.

An dann deen drëtten, dat ass, wéi gesot, 31, Rue du Commerce. D'Societéit Belvita verdrueden duerch den Här Lekar a Madamm Brochard. Dat sinn 91 Euro, wou mer ausginn, fir 0,13 Ar. Dat ass och dat d'Integratioun an d'Voirie publique. Also och hei d'Utilité publique. Voilà.

Ass de Gemengerot, okay, kloer sou? Kenne mer doriwwer ofstëmmen, déi dräi zesummen? ***Dat ass unanime***. Da soen ech Iech villmools merci.

**4.4. Provisoresch Approbatioun vum Compte administratif vum Exercice 2023 an Approbatioun vun der Prise de position vum Schäfferot zum Rapport de vérification du compte administratif vum Exercice 2023 duerch den Departement fir d'Kontroll vun der Gemengecomptabilitéit vum Ministère des Affaires de l'Intérieur**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass de Kont, de Compte administratif vum Joer 2023, dee vum Schäfferot opgestallt gëtt, respektiv de Compte de gestion vum Joer 2023, dee vum Receveur opgestallt gëtt. Et ass op verschidden Aart a Weisen opzestellen, mee am Endeffekt

mam selwechte Resultat. Ech géif vläicht hei vun der Geleeënheet profitéiere fir nach eng Kéier op d'Zuele vum Kont 2023 anzegoen. An dann awer och op d'Remarke vum Ministère de l'Interieur respektiv vum Service vum Contrôle vum Interieur, respektiv eis Stellungnam dozou. Dat ass jo all Joer och hei um Ordre du jour vum Gemengerot.

Den Exercice vum Joer 2023, fir Iech ze soen. Do hu mer am Kont, wéi gesot, vu Recetten 135.410.870 € am ordinäre Beräich. Vun Depensen 121.310.866 €. Mir hunn an de Recetten extraordinär 41.794.677 €. An den Depensën 46.900.200 €. Soudass mer am ordinärer Beräich e Boni maache vu 14,1 Milliou Euro. Mir huelen nach e Boni eriwwer vum Kont 2022 vu bal 2 Milliounen Euro, also 1.999.044 €. Sou dass mer generell e Boni hu vu 16 Milliounen Euro. Wann een do nach de Mali am Extraordinär ofleet, dat sinn 5,1 Milliounen Euro. Sou dass mer hei dann e Boni maachen, deen definitiv ass vun 10.991.625 €. Mir haten am Budget initial 2023 e Boni ausgewise vun 1,9 Milliounen Euro. Am Budget rectifié vun 3 Milliounen Euro. A lo am Kont 2023 da vu bal, wéi gesot, 11 Milliounen Euro. Dat nach eng Kéier awer zu den Zuelen.

Dann, par rapport zum Compte administratif, zu de Remarke vum Interieur. Déi éischt Remark ass par rapport zu der Taxe de raccordement wat de Réseau collectif d'assainissement des eaux usées ugeet. E seet, dass mer do keng hunn. E seet zum Schluss awer, dass mer säit dem 6. Dezember 2024 eis conforméiert hunn. A mir äntweren, dass mer jo natierlech de 6. Dezember 024 dat jo am Gemengerot haten, an effektiv déi Tax säit dem 1. Januar 2025 en vigueur ass. Da seet en, dass mer de Code administratif vum Joer 2023 ze spéit eragescheckt hätten. De 6. August 2024 statt den 30. Juni 2024. Jo, do äntwere mer, dass mer, wat déi numeresch Versioun vum Kont ugeet, deen hu mer mat Zäit eragescheckt, mee et ass d'Pabeierversioun, déi dann e bësse Retard hat.

Dann ass deen nächste Punkt, dat ass d'Mise à disposition vun den Induktiounsplacken. Déi si falsch comptabiliséiert ginn am Journal auxiliaire. Bon, do hu mer geäntwert, dass mer Instruktioune ginn hunn un eis Servicer, dass déi Ecritures comptables regulariséiert ginn. Dann hu se eis eng Remark gemaach zum Leasing financier mat der Societéit DSL Data Service Luxembourg, wou mer eng Locatioun mat enger Option d'achat getätegt hunn, respektiv wou mer do hätte missten aneschters higoen, par rapport zu der Prozedur, déi mer entaméiert hunn. Bon, do äntwere mer ganz kloer, dass mer hei an enger Situatioun sinn, éischter an enger Appreciatioun vun engem Leasing, wou mer, also wou net onbedéngt Leasing financier erkläert gouf. An dass mer effektiv an déi Richtung gaange sinn, dass mer den normale Leasing, well et effektiv ënnert 50.000 Euro war. Hei ware mer also deementspriechend driwwer. Dat war e bëssen eng aner Interpretatioun vun eise Servicer.
Dat ass effektiv gesi ginn. An dat hu mer och deementspriechend regulariséiert.

Dann ass de Contrat de bail mat BIL Lease, mat der regionaler Musekschoul, vu Remplacementer vu Pianoen. Bon, do hate mer eis drugehaangen un eng Procédure regroupée d'acquisition zesumme mam Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg a mat der regionaler Musekschoul vu Gréiwemaacher. An och do hate mer am Fong keng Kreditter. Mee mir hunn eis do deementspriechend och dru gehaange wat, wéi gesot, dee Kontrakt ugeet, et war den Achat eebe vu Material. A mir hunn awer och gesot, bon, dass et awer och do wichteg ass, juristesch gesinn, dass eng gewësse Vigilanz awer ass par rapport zu de nächste Leasing financiers, déi am Fong da gemaach ginn, mat enger Zomm, déi iwwert de Seuil vum Gesetz geet. Wéi gesot, d'Zuel vum Gesetz ass 50.000 Euro. Mir waren hei bei 59.000 Euro.

Dann deen nächste Punkt, Plan comptable par rapport au Plan budgetaire normalisé. Do si verschidde Code comptabelen, déi falsch ugewannt goufen. Mir hunn dat och, eis Servicer hunn dat och rektifiéiert a regulariséiert. Dann ass dee Volet vu Punkt 5 vun der Deliberatioun vun den Aarbechtsgruppen, Membere vun de Kommissiounen, do hu mer jo am leschte Gemengerot eis conforméiert par rapport zu der Annulation partielle, dass elo jidderee Member vun de Commissions consultatives ass, an dass mer keng Aarbechtsgruppen deementspriechend méi hunn. Dat hu mer och regulariséiert. Dat hu mer jo och geschriwwen an eiser Äntwert, dass mer eis do de 5. Mee also am leschte Gemengerot déi néideg Schrëtt ageleet hunn, fir dat och deementspriechend ze maachen. Dat war dozou.

Da war par rapport zu den Traitementer, do hu mer Remarke gemaach kritt, par rapport zu eisem Service Informatique, par rapport zu der Prime informatique, déi ausbezuelt gouf. Dass engersäits e Refus do géif virleien. An, wéi gesot, dass mer keng Prime informatique kéinten attribuéieren un effektiv 4 Mataarbechter. Wéi gesot, de Contrôle vum Interieur huet eis dat matgedeelt. Dat ass eng Prime informatique vu 36 Punkten. E war och der Meenung, dass mer déi sollten zréckbezuelen. Mir hunn dann d'Stellungnam engersäits geholl, dass mer, wat 3 Mataarbechter ugeet, dass mer dat opgehalen hu mat auszebezuelen, dass mer se awer net zréckfroen. An dass mer bei engem Dossier vun deenen dräi nach eng Kéier offiziell den Inneminister saiséiert hunn, fir dass hien nach eng Kéier den Dossier deementspriechend och iwwerpréift.

Dann, wat de Volet Marché public Computerland Lëtzebuerg SA, do geet et ëm Lizenze vun eisem Service informatique, op déi mer zréckgegraff hunn an déi mer gebraucht hunn och wärend der Covid-Kris. Bon, och do, well mer an engem Engpass waren, déi gebraucht hunn, an do mengen ech de Support vum SIGI net dee war, fir dass mer dat konnten deementspriechend maachen zu deem Zäitpunkt. Bon, entretemps huet de SIGI dat och iwwerholl. Wat jo och deementspriechend gutt ass. Ab Februar 2025, mengen ech, ass dat, gemaach ginn. Respektiv ass dat initial am Dezember 2024, wéi gesot, huet dat ugefaangen. Sou dass dat erëm deementspriechend an der Rei ass.

An dann dee leschte Punkt, dat ass de Centre culturel régional opderschmelz mam CNA, de Restaurant Amarcord an d'Musekschoul. Do ass am Fong d'Botzaarbechte mat der Dussmann Service SA, par rapport och do zu den Ausschreiwungen, déi gemaach goufen, an zum Marché. Effektiv, do soe se, dass mer do d'Aarbechte weidergefouert hunn a keen neie Marché gemaach hunn. Bon, dat ass

am Fong och weidergefouert ginn, gi mer och hei als Erklärung, well do Gemeng an de Staat zesumme gekuckt hunn. Et war also net nëmme Gemeng, mee och de Staat zesummen. Well den CNA ass jo en Service vum Ministère de la Culture. Dass mer dat weidergefouert hunn. Engersäits, well 2020 an 2021 ganz vill Evenementer waren. Well och 2022 Kulturhaaptstad war a well och natierlech säitens vum CNA eng Rei Ännerungen och personaltechnesch komm sinn, Reajustementer. Voilà. Mee säit ufanks des Joers hu mer do en neie Plan nettoyage mat engem Büro gemaach, wou mer dann och en neie Bordereau de soumission maachen.

An dann dee leschte Punkt Gas, Waasser a Kanalisatioun. Och do waren d'Aarbechten um Reseau. Do war och d'Remark, dass mer eis misste conforméieren. Dat hu mer jo och gemaach. Mir hunn eng Decisioun den 2. August 2024 geholl hei am Gemengerot wat d'Attributioun vun den Entretiensaarbechten ugeet, wat eis erméiglecht huet d'Situatioun ze regulariséieren. Dat sinn d'Erklärunge par rapport zu de Remarken, déi den Interieur hei gemaach huet. Voilà. Merci. An d'Diskussioun ass op. Madamm Thoma. An dann d'Madamm Kayser.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci fir d'Wuert. Also ech selwer si jo eréischt 2023 an de Gemengerot gewielt ginn. Dat heescht, et war déi zweete Kéier eréischt, wou mer dësen Exercice maachen. An d'lescht Joer war dat, jo, relativ easy. Do gouf gesot, eist Taxereglement wär net à jour, e puer Depensë wieren net richteg comptabiliséiert. An do hunn ech geduecht, okay, bon, dat ass jo elo éischter esou en administrativen, langweilegen Exercice. A wou ech dat dës Kéier duerchgelies hunn, hunn ech gemierkt, dass et awer guer net esou onspannend ass, heiansdo déi Saachen duerchzeliesen. Wann ee sech bis duerch déi éischt Punkten am Rapport hei duerchgelies huet, dann ass een awer e puer spannend Saache gefall.

Also zum enge gesi mer, dass d'Gemeng et net ëmmer ganz genau mam Marchés-publics-Gesetz hëlt. D'Erklärungen am Rapport, déi kënne mer zum Deel effektiv novollzéien. Virun allem mat de Lizenzen, dass dat einfach ëmmer méi ginn ass. An am Ufank war een ënnert dem Seuil an elo ass een iwwert dem Seuil. Dat kënnt vir, dat versti mer nach.
Mee mir fannen et awer e bësse schwiereg, wann een als véiertgréisst am Land seet, d'Ekipp am Centre culturel wier ze kleng fir Soumissiounen ze stemmen. Dat mag sinn. Also ech wëll deenen elo net méi Aarbecht opzwénge wéi se wëllen. Mee mir sinn awer déi véiertgréisst Gemeng am Land a mir mussen et awer fäerdegbréngen, do mat Zäiten eis un d'Marchés-publics-Gesetz ze halen an do déi Soumissiounsdossiere richteg erauszeginn. Dowéinst ass et vläicht novollzéibar. Mee et ass awer keng Excuse.

An deem Kader wëll ech dann och elo, dat sprengt elo e bëssen de Kader, mee ech wëll awer eng Kéier kuerz drop agoen, dass et problematesch ass, dass mir privat Botzfirmen hunn am Centre culturel, am CNA, an der Musekschoul. Déi hu ganz schlecht Aarbechtskonditiounen. Ech mengen dat misst jiddereen heibanne wëssen. Do gëtt et Leit, déi schwätze vu moderner Sklaverei. Et ass net nëmmen d'Gemeng. Et ass och den CNA an de Kulturministère. Mee mir géifen awer de Schäfferot invitéieren, fir do vläicht an Zukunft eng Léisung ze fannen, fir net méi mussen op privat Botzfirmen zréckzegräifen. Well dat ass awer problematesch.

An da kënnt den Haaptpunkt mat den Traitementer. An do wollt ech e klengt Gedankenexperiment maachen. Komm mir stellen eis emol vir, dass net elo déi lescht, allez, 80 Joer déi selwecht Partei eng absolut Majoritéit gehat hätt, mee dass virun 20 Joer eng aner Majoritéit hei gewiescht wier. Mir wären zum Beispill am Schäfferot gewiescht. Ma ech mengen da wär dee Punkt elo net esou einfach, kuerz wär de Buergermeeschter do driwwer gaangen, mee da wär et e bësse méi eng hefteg Diskussioun ginn. Well et ass net esou, dass mir elo gesot kruten, dass déi Primmen net accordéiert sinn. Mee 2002 huet den Inneministère déi Primme refuséiert. An do huet dann an eisem Gedankenexperiment dann den Oppositiounsschäfferot decidéiert, okay, unanime an enger Stellungnam, okay, den Inneministère huet déi Primme refuséiert. Eis ass dat egal, dat wäert elo déi nächst Zäit net méi gekuckt ginn, mir integréieren déi Suen elo einfach an d'Traitement. A 15 Joer drop hu mer déi Primm, déi mer scho refuséiert kruten, hu mer déi och nach un aner Fonctionnairen ausbezuelt. Obwuel mer wossten, dass se géife refuséiert ginn.

Sou. An elo hu mer dann deen neie Schäfferot, deen deemools déi Decisioun net geholl huet. A wat seet deen elo? Ma villmools merci. Elo hu mer de Misär. Well elo krute mer net nëmmen de béise Fanger gewisen, mee elo muss deen aarme Fonctionnaire, muss déi elo zréckbezuelen. Well de béise Schäfferot vu virdrun sech einfach iwwert den Inneministère ewechgesat huet, iwwert e Refus, deen et deemools gouf, ewechgesat huet. An de Fonctionnaire, dee ka jo net dofir. Ech hu mer de Règlement grand-ducal duerchgelies. Zum Gléck muss en net déi 23 Joer zréckbezuelen. Mee wann ech den RGD richteg verstanen hunn, sinn et nëmme 5 Joer, déi ee muss zréckbezuelen. Mee dat sinn awer 50.000 Euro. Dat heescht, mir hoffen elo natierlech dass Dir do nach mam Inneministère eens gitt an dass Der do kënnt déi Dispens iergendwéi awer ufroen. Well de Fonctionnaire, dee ka jo net dofir, dee kritt eng Primm vum Schäfferot. Bon, dee seet Merci. An deen ass awer elo gebeetscht, well de Schäfferot sech iwwert d'Decisioun vum Ministère eriwwergesat huet.

Also eiser Meenung no misst do eigentlech de fréiere Schäfferot an de Buergermeeschter, déi sech iwwert déi Decisioun wëssend gestallt hunn, perséinlech haftbar sinn, well den aarme Fonctionnaire, dee kann net dofir. Also mir fannen dat dote schonn awer e bësse problematesch, well et ass net esou, dass dat elo erauskomm ass, mee mir wësse säit 23 Joer, dass déi Primm refuséiert gouf, an elo soe mer, oh, ups, dat deet eis awer elo leed. Also ech fannen dat net ganz fair vis-à-vis vun deem Fonctionnaire. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Ma ech enchaînéiere genau do, wou d'Madamm Thoma opgehalen huet, genau dee Punkt, deen huet eis och interpelléiert. Effektiv, dass véier Fonctionnairen eng Prime informatique mensuelle kritt hunn. An effektiv, wat ganz dramatesch ass, dass deen éischte Fonctionnaire, deen de

scho säit 2002 kritt huet, op eng Decisioun vum, wéi laang e kritt huet wësse mer net, mee op jidde Fall 2002 krut de Schäfferot scho gesot, e soll se net méi ginn. An trotzdeem ass déi weiderbezuelt ginn. Natierlech, ergëtt sech och dorauser eng Fro: Firwat ass déi Primm iwwerhaapt ausbezuelt ginn. Wat bedeit dat? Dat si 36 Punkten, déi si jo och indexgebonnen, wann ech mech net ieren. Wéi vill mécht dat aus? Dat ass vläicht och interessant emol eng Kéier ze soen, vu wéi enger Zomm schwätze mer hei? Dat war deen éischte Fonctionnaire.

Dat war 2002, do krut de Schäfferot schonn de béise Fanger gewise vum Ministère a si hu sech driwwer ewechgesat, wéi d'Madamm Thoma et elo genau ausgefouert huet. En plus ass 2017 dunn deen zweete Fonctionnaire, och mat enger Primm, awer entre guillemets, „just“ vun zwielef Punkten, krut deen attribuéiert. An dann dat ganzt Kokasst hei am Text vum Ministère, do steet dann och nach « quant aux primes d'information payées aux agents, den Nummer 3 an de 4, il convient de noter que les services communaux n'ont pas été en mesure de présenter des pièces justificatives y relatives ». Dat fannen ech natierlech awer ganz dramatesch. Firwat gëtt et do keng Trace? Well bei deenen zwee éischten do steet wéinstens, dass eng Deliberatioun vum Schäfferot déi Primm festgesat huet. A bei deenen aneren zwee, do fanne se mol keng Tracen. Dat gesäit awer e bëssen aus, als wann een dat elo ganz béis wëllt gesinn, do gi sou e bësse Faveure gemaach. A wéi gesot, wuelwëssend, dass dat do absolut net korrekt ass. Well dat si Fonctionnairen, déi kréien eng Pai an déi brauche keen extra Supplement ze kréien.

Mir hunn herno e wichtege Punkt um Ordre du jour, wou et ëm grad esou Geschichte geet. Voilà. A mir fannen dat einfach och schockant. A virun allem, dass et mol keng Tracë gëtt. Dat ass dat eng Intransparenz, déi einfach net méi ze toleréieren ass.An dann eeben déi Geschicht mat: Et geet drëm fir d'Suen zréckzefroen, déi illegal ausbezuelt ginn, an da steet dann an der Äntwert vum Schäfferot, majo, dass se elo probéieren dat iergendwéi awer ze regulariséieren, dass deen entre guillemets „aarme Fonctionnaire“ dat net muss zréckbezuelen an dofir géif dann eeben de Collège échevinal nach eng Kéier mam Inneminister kucke fir deen Dossier duerchzekucken.

Bon, wat hätte mer da lo gär? Hätte mer lo gär, dass einfach gesot gëtt, allez hopp Diddeleng, et ass okay, et ass net esou schlëmm, ma loosst deem Jong déi Suen. Ech fannen, sou kann et awer och net sinn. An en plus steet dann och an deem Avis vun 2002, dass mer gebiede ginn, eng Augmentation de traitement ze maachen an doduerjer dann och keng Primm ze bezuelen. Dat war schonn 2002.
Elo ass natierlech och d'Fro, ass och eng Augmentation de Traitement gemaach ginn an d'Primm ass weider ausbezuelt ginn? Dat ass jo awer och eng pertinent Fro. Dann och genau wéi d'Madamm Thoma, hu mer dat och mat där Marchés-publics-Geschicht do mat der Botzfirma och net an der Rei fonnt. Et ergi sech doraus awer och nach zwou aner Froen. Et huet ëmmer geheescht, dat war schonn ëmmer wéi ech hei war, ech hat déi Fro och opgeworf, hei huet et ëmmer geheescht, ma neen, mir behalen de Botz-Service a kommunaler Hand.

An dunn hunn ech oh hei, wéi dann? Hat ech eng Kéier an enger Gemengerots-, an enger Budgetsdiskussiounssitzung gesot. Wéi dann hei, bezuele mer awer och Dussmann e Kontrakt? Jo, dat ass am CNA. Dat ass da vläicht en Deel vun der Äntwert un d'Madamm Thoma. Ma do ass och de Staat mat dran, an dat ass da schwiereg. An dofir huele mer dann eng extern Firma.

Bon, do gesi mer awer, dass dat alles net esou gelaf ass, wéi et hätt sollen. An en plus steet dann dee grousse Saz dran, depuis le début de l'année un nouveau plan de nettoyage a été élaboré et un bureau d'études- dee bezuele mer dann och nach extra - a été chargé de rédiger le bordereau de soumission. Ech huelen hunn, dass mer dee Bureau d'études net eleng bezuelen. Déi wäerte mer schéin deele prozentual, souwéi dat alles ass mat de Fraisen am Gebai vum Centre Opderschmelz an dem CNA. Bon, d'CSV hat, dat ass ganz kokass, ëmmer gefrot, dass mer e Plan de nettoyage sollen opstelle fir all eis Gemengegebaier. An elo ass dann eeben d'Fro, a wéi mer den Organigramm virgestallt kritt hunn, mat all eise Servicer, déi mer hunn, do hunn ech och nach eng Kéier gefrot, ma wéi ass dat dann? Dat hate mer ëmmer eng Kéier versprach kritt, e Plan de nettoyage net nëmme fir de Centre culturel, mee fir all eis Gebaier.

Do huet et geheescht, deen neie Responsabel vum Nettoyage, dee mer géife rekrutéieren, dat wär eng vu sengen éischten Tâchen. Well, wéi gesot, et ass och wichteg, dass een e bësse weess wéi eng Envergure a wéi eng Fraise kommen op eis duer mat all eise Gebaier, déi mer hunn? Wa mer d'Gebaier ausweiden, wéi eng Deierecht kënnt dann do och op eis duer, net nëmmen am Elektreschen an am Gas, mee awer och a Nettoyagefraisen?A wéi gesot, mir géifen et begréissen, dass mer net nëmmen e Plan de nettoyage fir de CCRD maachen, mee awer och e Plan de nettoyage, emol fir all eis Gemengen, dat ass eng Parenthèse, déi huet elo hei näischt domat ze dinn, mee wéi gesot, just dat nach eng Kéier mat op de Wee ze ginn. Well dat geet.

Et huet ëmmer geheescht, dat geet net, dat ass net esou einfach. Natierlech geet dat. A mir hu jo elo och hei e Bureau d'études fonnt, deen esou eppes mécht, deen dann esou e Bordereau de soumission kann ausschaffen. Ma da kéint een deen zum Beispill och chargéieren, dass deen och eis géif e Plan de nettoyage fir all eis Lokalitéiten déi ënnert der Responsabilitéit si vun der Gemeng. Mee wéi gesot, dat Allerschlëmmst ass déi Geschicht mat den Traitementer. Dat fanne mer och absolut net an der Rei, wéi dat gehandhaabt ass. A mir waarde mat Spannung op d'Äntwert vum Schäfferot.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech gesinn hei tëscht déi Lénk, der CSV an deene Gréngen, do ass a punkto Personalien esou e bëssen awer änlech Froen, déi sech gestallt hunn. Mir komme jo herno nach eng Kéier drop zréck. Mee hei deit et sech schonn un, well ech hat mer dat doten alles, wat meng Virriednerinne gesot hunn, éischter als Froen opgestallt. Dat Gedankenexperiment vun der Madamm Thoma war exzellent. Respekt op dëser Plaz derfir, well et verdäitlecht, mengen ech, effektiv ganz gutt de Problem, deen ech do erausgelies hunn, wou ech elo dann net weider drop aginn, well alleguerten d'Froen elo,

wéi gesot, scho gestallt gi sinn. Mir ass et änlech gaange wéi der Madamm Thoma. Et ass elo fir d'zweet, dass ech deen heiten Exercice gemaach hunn. Ech si mer nach eng Kéier dat ulauschtere gaange vum leschte Joer, dat wat mer do gesot hunn. Do war och am Gemengerot, krute mer eng Ouverture gemaach, dass, wa mer am Virfeld zum Gemengerot eng Finanzkommissioun eventuell kéinten hunn, dat war meng Fro deemools, do krut ech als Äntwert, dass mer dat ganz gäre kucke kéinten, wann d'Remarke kommen an d'Servicer Stellung geholl hätten.

Ech stelle fest, dass de Rapport de 4. Abréll komm ass, de Schäfferot de 16. Mee Stellung geholl huet a mir den 13. Juni am Gemengerot diskutéieren. Et géif mech nämlech interesséieren, firwat dës Kéier keng Finanzkommissioun tëscht dem 16. Mee an haut konnt stattfannen, well et ass ëmmerhin awer knapps e Mount. An et hätt och gehollef do, fir verschidde Froen nach eng Kéier opzewerfen. Op deen anere Punkt vum Marché public si mer agaangen. D'Botzfirmen hate mer och. Déi Primm ass och en long et large gefrot ginn. Voilà, d'lescht Joer hate mer deen heite Punkt matgestëmmt, well mer fonnt hunn, dass nom Retour vum Service des contrôles an eisen Aen d'Gestioun korrekt war. Mee, wéi gesot, déi dote Punkten, déi eis elo haut opfalen an och déi feelend Finanzkommissioun, déi wäerten eis dëst Joer zu engem anere Vott awer iergendwéi beweegen. Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Nach wieder Stellungnamen? Net. Da géif vläicht de Bausch Patrick op méi reglementaresch Punkten agoen, technesch Punkten, d'Règlement Grand-Ducauxen, an da ginn ech och op e puer Punkten an.

PATRICK BAUSCH, GEMENGESEKRETÄR: Jo, ech ka vläicht eng kleng Explikatioun gi par rapport zu de Primmen am Informatesche Service. Et ass esou, dass véier Agenten do Primmen ausbezuelt kritt hunn, déi u sech, wou de Ministère de l'Interieur eebe bemängelt, dass déi onrechtméisseg ausbezuelt gi sinn. Dräi vun deenen Agenten, déi kann de Schäfferot u sech dispenséiere vun enger Réckbezuelung iwwert d'Reglement vun 2006, wat dat effektiv virgesäit. An do ass awer een Agent, wou e Refus d'approbation do war, deen u sech net ënnert dat Reglement géif falen, wat awer an deem Sënn an eisen Aen oder och an den Aen vum Ministère de l'Intérieur, mat deenen ech telefonéiert hunn, eng relativ grouss Ongerechtegkeet wär ënnereneen. Déi eng, déi hunn, et sinn alle véier déiselwecht Fäll, si hunn alle véier d'Primme bezuelt kritt. Déi eng dräi kann een dispenséieren an dee véierte kéint een net dispenséieren. Dat wär am Fong e bëssen ongerecht. Dofir huet de Ministère eis och u sech un d'Häerz geluecht, maacht eng Saisine officielle vum Minister. Dann analyséiere mer den Dossier au vu de tous les faits. An da kucke mer, dass mer do probéieren zesummen eng Léisung ze fannen. Dat ass u sech d'Explikatioun zu dem Service Informatique. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Da ginn ech vläicht op déi zwee Punkten an. Ech fänke vläicht mat deem leschte Punkt un. D'Finanzkommissioun, effektiv, dat hat ech d'leschte Kéier gesot, dat ass mer souguer agefall, wéi ech effektiv d'Presentatioun gemaach hunn, dass ech gesot hat, dass mer eng Finanzkommissioun sollte maachen. Mee wéi gesot, dat kann een d'nächst Joer ganz gären nohuelen. Mee just dat heiten op en Ordre du jour ze setze vun enger Finanzkommissioun, dat wär jo just ee Punkt, well mer soss keng aner Punkten hätten. Do muss een och e bëssen d'Ekonomie maachen, et muss een also kucken, wéi ee Modus dass ee fënnt.

Ech wëll vläicht op dee Volet agoe mat Marché public, respektiv virun allem mat de Primmen, wou lo de Bausche Patrick gesot huet. Also ech kann Iech soen, als Buergermeeschter respektiv Schäfferot, mir waren net amused, wéi mer déi doter Remarke gemaach krute vum Interieur, dass dat säit 2002 esou gemaach gëtt. Mengt net, dass ee frou ass wann ee mierkt, dass effektiv sech driwwer ewechgesat gouf. Ech wousst et dee Moment net. Mir hunn och d'Instruktioun ginn ze kucken, sinn net aner Situatiounen, déi änlech gelagert wären? Do hu mer och d'Réckmeldung kritt, dass dat net de Fall ass. An ech mengen dass et och do d'Instruktioun gëtt, nach eng Kéier duerchzekämmen. Also voilà, ce n'est pas une partie de plaisir, wann ee esou eng Remark kritt, dat soen ech Iech hei ganz, ganz éierlech als Buergermeeschter. Ech fannen dat net gutt. A bon, lo hu mer se awer, an da kucke mer natierlech och wéi mer dat kënnen esou gutt wéi méiglech regulariséieren am Interêt vun deene véier Fonctionnairen.

Ech mengen et ass dat d'Engagement, dat mer och deementspriechend hei huelen an och deelweis scho geholl hunn. An dofir war et fir eis evident, dass och wa säit 2002 dat dote leeft, an et ass net engersäits d'Augmentatioun vum Traitement an d'Primm, wou d'Madamm Kayser gefrot huet, dat huet net stattfonnt, dass mer engersäits dat regulariséieren, andeems mer awer der Meenung sinn, dass eng Dispens soll stattfannen. An dat anert eeben nach e Courrier gemaach hunn un den Interieur, fir do nach eng Kéier am Interêt vum Fonctionnaire kënnen ze intervenéieren. Ech mengen et ass dat Engagement, dat den aktuelle Schäfferot sech gëtt.

Dann, par rapport zum Centre culturel an zu, Opderschmelz, respektiv CNA. Do war vun Ufank un jo déi Aart a Weis, wéi mer erugaange sinn, et ass een Deel, wou d'Gemeng stellt vum Botzpersonal, wat méi seng Lokalitéiten ugeet. An dann ass et natierlech e ganz aneren Deel, an do ass och, wéi gesot, de Staat mat dran. Den CNA, dee gräift elo net op d'Gemengepersonal zréck, dee mécht d'Soumission publique, well et ass e staatleche Service. An do ass et am Fong en Deel vu senge Gebailechkeeten, wou en drop zréckgräift, fir effektiv déi privat Firma. An da sinn natierlech d'Communen, déi ee sech deelt, déi och effektiv hei ofgedeckt ginn, mee wou mer dann deementspriechend och zesumme sinn. Ech mengen och déi Remark ze kréien, fannen ech och net gutt. An och do hu mer ganz kloer, an dat wäerte mer sécherlech an engem nächsten, mir haten et schonn an deem leschten, a mir wäerten et an deem nächste Comité mixte dee mer hunn als Gemeng mat de staatleche Vertrieder och nach eng Kéier ganz kloer deementspriechend thematiséieren. Well do natierlech och Vertrieder vum Kulturministère do sëtzen, nieft dem Direkter vum CNA respektiv dann och d'Gemengeservicer.

Voilà, dat par rapport mengen ech zu de Stellungnamen, déi hei kommen. A wéi gesot, wéi och bei deenen anere Remarken hei och d'Instruktioune ginn hunn, an dat schéngt mer wichteg ze sinn, dass eis d'Servicer, dat dote méi nopréiwen an och effektiv déi legal Dispositiounen och deementspriechend esou gutt wéi méiglech anhalen. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. De Mea culpa, deen ass ukomm, dat fanne mer och ganz gutt esou. Ech mengen dat do geet einfach net. Zweetens, ech hunn awer nach trotzdeem eng Fro, et ass awer vläicht net oninteressant ze wësse vu wéi engen Zomme schwätze mer? Dir hutt gesot, 2002 krut deen ee Fonctionnaire déi Primm attestéiert. Wat e bësse kokass ass, den 30. Juni 2017, dat war just virun de Wale, just éiert Dir Buergermeeschter gi sidd krut deen zweete seng Primm accordéiert. An da wollt ech awer och nach froen, wéi gesot, vu wéi enger Zomm schwätze mer? Jo, an dann, wat ass mat deenen zwee aneren Agenten? Il convient de noter, n'ont pas été en mesure de présenter des pièces justificatives y relatives. Wéi laang kruten déi dann, a wéini ass dat dann decidéiert ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also, wéi gesot, dass keng Pièccen do sinn ass net gutt. Dat hunn ech och virdru gesot, dat ass net gutt. De Montant weess ech net, Patrick hues Du?

PATRICK BAUSCH, GEMENGESEKRETÄR: Jo, d'Montante sinn, also et sinn dräi verschidden Zorte Primmen. Déi eng ass 36 Punkten, dat mécht 876 Euro brutto de Mount aus. 24 Punkten, dat sinn zwee Agenten, maache 584 Euro brutto de Mount aus. An dann 12 Punkte fir een Agent, dat sinn 292 Euro brutto de Mount.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, ech mengen dann hutt Der och déi dote Zuelen, déi dote Chifferen. Da wäre mer zum Schluss vun der Diskussioun ukomm. Da géife mer elo zum Vott iwwergoen. Dat eent ass dann de Compte administratif, vum Schäfferot opgestallt, natierlech mat den Äntwerte par rapport zum Rapport de vérification. Wien ass mam Compte administratif averstanen? Stëmme vun der LSAP. Wien enthält sech? Dat ass den ADR. Wien ass dergéint? Dat ass dann déi Gréng, d'DP, déi Lénk an d'CSV. Voilà. D'Fabienne ass raus, da maache mer de Vott nach eng Kéier.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da muss een dat awer da vläicht awer festhalen am Verbatim, dass mer de Vott hu misse repetéieren, well soss wär en net ugeholl ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass majoritär nach ëmmer gutt. D'Madamm Dimmer ass do. Mir huelen de Vott frësch. Mir setzen et an de Verbatim.

De ***Compte administratif***, wien ass domat averstanen? ***D'Stëmme vun der LSAP. Wien enthält sech? D'Stëmme vum ADR. Wien ass dergéint? Wéi gesot, déi Gréng, d'DP, déi Lénk an d'CSV.***

Dann deen nächsten ass de ***Compte de gestion***. Wien ass mat deem averstanen? Dat ass de Compte de gestion vum Receveur. ***Dat ass unanime.*** Gutt, dann hätte mer dee Punkt ofgehaakt.

### 4.6. Allocatioun vun extraordinäre Subside fir lokal Clibb an Associatiounen

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op d'ordinär Subsiden un d'Sportsveräiner. Da ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif alleguerten, voilà, alle Jahre immer wieder déi ordinär Subsiden, déi mer hei proposéieren, auszebezuelen. De System ass mëttlerweil, mengen ech, bekannt. Dat hei ass och, ech erënneren dat och ganz gären, een Deel vun der Gemengenënnerstëtzung par rapport zu den Associatiounen a Veräiner, déi mer brauchen an och immens frou sinn, dass se hiert Engagement, dat am Benevolat stattfënnt, och all Joers erëm esou eescht huelen. Hei geet et drëm, fir déi ordinär Subside vum Joer 2024 auszebezuelen. An dat leeft natierlech iwwert den Article budgétaire vun 2025. Dir kënnt Iech erënneren, mir hunn dat probéiert e bëssen opzedeelen.

Dat heescht, mir hunn engersäits Divers, Sport, Scoutisme, Soziales, Educatioun oder eeben d'Memoire, dann d'Konscht, d'Natur an Ëmwelt an awer och de Loisirs tout court. Fir eeben déi Subsiden auszedeele ginn d'Veräiner alleguerten ugeschriwwen. Déi mussen dann en Dossier erareechen, deen Der jo och an Ären Dossiere vum Gemengerot erëmfannt. An dann hu mer se nach eng Kéier, sou wéi dat deemools vun deem Aarbechtsgrupp och proposéiert gouf, opgedeelt a primär Associatiounen, déi och dann aktiv sinn. An awer och Associatiouns secondaires, wéi mer dat genannt hunn, déi e bësse méi am Hannergrond schaffen. Déi éischter esou e supportative Element fir de Veräin eeben hunn. An da gëtt eeben, nieft deene verschiddene Basis Subsiden, déi een huet, bezéiungsweis de Plaffong, deen dat e bësse reglementéiert, gi verschidden Elementer gekuckt an deenen Dossieren.

Dat sinn déi aktiv Memberen, d'Jugend Lizenzen, ënner 18 Joer, d'Encadranten gi gekuckt. Wéi sinn déi verschidde Strukturen a Gruppen encadréiert? Maache se mat beim Cortège vum Virowend vum Nationalfeierdag, dee jo virun der Dier steet? An och soss, wat hu se vun Organisatiounen a Manifestatiounen ze presentéieren iwwert d'Joer gehat? A wa mer deen Dossier dann analyséieren an duerch eis Formule geheien, da späizt déi déi spannend Chifferen eraus, déi Der och an Ärem Dossier gesitt. Dir wësst och nach, dass mer do ëmmer plus oder minus 20 % als Maximum vun Derogatioun vum Joer virdru virgesinn. Aus där Iddi eraus, fir dass d'Veräiner awer och eng e bësse Planungsssécherheet hunn an net do op eemol iwwerrascht ginn, wann de Subsid an déi eng oder aner Richtung vläicht ze vill frappant ausfält. Voilà.

Dat, wéi gesot, hu mer dann esou gemaach wéi mer dat eeben elo hei kuerz erkläert hunn. Da sinn déi Subsiden dobäi dann erauskomm. Déi mir och dann deementsprie-

chend, wéi ee sou schéi seet a voller Transparenz, wéi een dat kann hei novollzéien, ausbezuelt hunn un eis Veräiner. Mir maachen dat och elo ëmmer e bëssen ëm dës Zäit. Well dat eng Zäit ass, wou verschidde Veräiner e bëssen an e Creux, an e Lach falen, a wou se da ganz frou si wa se déi dote Sue kréie fir awer kënne weider ze fonctionéieren. Et fält Iech vläicht op, dass dräi Stéck dëst Joer net dobäi sinn, déi vläicht d'lescht Joer nach dobäi waren. Dat ass engersäits d'Société avicole, d'Société Colombophile an awer och de Cine Camera 75. Déi hu sech opgeléist. Déi aner zwee hu kee Retour ginn op d'Demande an och op den Dossier, och net op Nofro. Deementspriechend kënne mer hinnen dann näischt ginn.

Nei dobäi sinn dëst Joer de Keeleclub, de KC68, den Amici Vespa, d'Diddelenger Geschäftsfrënn an deem Sënn, dat waren eebe virdrun d'Amis du Mont-Saint-Jean, Wild Ducks sinn dëst Joer fir d'éischt dobäi an och d'Amis des Brigades Internationales hu sech erëm manifestéiert, deementspriechend kréie si dann och hire verdéngte Subsid.
Ech wëll vläicht och nach op dëser Plaz erënneren, dass mer och eng Rei vu Subside fest ausbezuelen. Och déi kennt Der, déi si vum Gemengerot ofgeseent ginn. An déi Subside ginn och mat deem heite Subsid dann ufanks nächste Mount ausbezuelt. Hei schwätze mer am grousse Ganze vun 58.000 Euro, wou mer dann un eis Veräiner an Associatiounen zu Diddeleng ausbezuelen. Voilà. Ech hoffen, dass Der dat doten alles deementspriechend ënnerstëtzt an och mam Vott, dass een dat mat engem positive Vott kann duerno androen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert an och merci fir d'Dokumentatioun zu dësem Punkt. Ech hat mir heizou och nach emol meng Notten duerchgekuckt vum leschte Joer. An ech stelle fest, dass mat den Tabloen an den Demandë vun de Clibb, dat Ganzt awer a mengen Ae ganz transparent war, elo wéi d'Subside verdeelt gi sinn. Wann een d'Demanden esou duerchkuckt an och nach eemol esou den Iwwerbléck vun de Manifestatiounen op de Rapport d'activitéen esou gesäit, déi d'Clibb da bei déi Demande derbäileeën, da kann ee just de Clibb op dëser Plaz e grousse Merci ausschwätzen, fir dat wat si leeschten. Si sinn dat wat Diddeleng ausmécht an dat gesäit een zwar och wann ee weekends doruechter ënnerwee ass, mee awer och ganz impressionnant hei an där Dokumentatioun.

Wou ech meng Notizen da gekuckt hunn, hat ech mer opgeschriwwen, dass den Här Spina d'lescht Joer gesot hat, punkto Verdeelungsschlëssel hätt een nach net déi honnertprozenteg Formule fonnt, och wann ee géif reegelméisseg do Upassungen treffen. An do wollt ech awer nach mol nofroen, ob ugeduecht ass, nach emol déi interfraktionell Reunioun no fënnef Joer eng Kéier driwwer ze kucken a sech zesummen eng Kéier Gedanken doriwwer ze maachen. Dee Saz, deen ass mer e bëssen hänke bliwwen, mir wäerten dat doten awer op jidde Fall a ganzer Freed matstëmmen, déi Subsiden. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Natierlech si mer och frou, dass mer vill dynamesch Clibb hei zu Diddeleng hunn. An natierlech si mer och frou, dass se Subsid kréien. A mir waren och frou, wéi mer dann déi 79 Dossiere kritt hunn. Mee, mee Dir kennt mech, ech hunn déi Dossieren duerchgekuckt an dann net all, awer iwwert d'Hallschent. An dann, da gëss de awer schonn erëm queesch, wann dann hei steet, wéi dann déi Dénger verdeelt ginn, wéi vill s de pro Membre actif kriss, wéi vill s de kriss, wann s de op enger Aktivitéit deelhëls an da rechens de dat dann no. An da si Feeler dran. An dann ass zum Beispill ee Club, zum Beispill, e ganz frappant Beispill, den Taekwondo, dee kritt da just 430 Euro. Déi hunn awer 45 Memberen, mol 7,5 Euro, dat géif schonn 337 Euro ginn, 38 ënner 18 Joer an esou weider, Encadrant an esou weider. Dat passt hannen a vir net. Also aus där normaler Rechnung komme 747 Euro raus. Si kréie 430 Euro. De Gaart an Heem, dee kritt dann och amplaz déi him zoustoend 530 Euro, 480 Euro just zougestan, well de Basissubsid, deen ass falsch berechent ginn. Well bei Natur steet, dass der als Basissubsid 250 Euro kriss. Bei hinnen sinn awer nëmmen 200 Euro zougerechent ginn. Dann hu mer nach den Amici Vespa. Déi hunn dann och vill méi Memberen, souguer wann een déi nëmmen als Membre inactif ugesäit. Déi kréien 200 Euro Subsid. Aus eiser Berechnung 526,5 Euro hätte se misse kréien. Voilà.

Dat gesot, firwat soen ech dat? Well mer zënter Jore soen, firwat maache mer dat net an iergendenger Subsidekommissioun? Mir hunn zum Beispill d'Subsidekommissioun vun de Studenten. Do kéint een zum Beispill soen, firwat kritt den Amici Vespa nëmmen 200 Euro a keng 526Euro? A firwat kritt den Taekwondo, Académie Diddeleng nëmme just 430 Euro amplaz 747 Euro? A soulaang dat alles net gekläert ass, fanne mir dat einfach och, éischtens emol net an der Rei, dass mer dat e bëssen awer mat Gutdünken da verdeelen. An zweetens, wat mech och rose mécht, dat ass dat wat ech och all Joer soen, hei ginn d'Clibb gefrot, ech schwätze lo haaptsächlech vun de Sportsclibb, wéi vill Encadranten dass se hunn, Encadrant diplômé, breveté, Encadrante diplômé, breveté au Niveau 1 oder 2. Déi fëllen dat hei ganz akribesch aus. An dat gëtt net consideréiert.
En Encadrant ass en Encadrant. Ob dat een ass, dee beim Keelespillen hëlleft oder ob dat en Encadrant ass mat engem Brevet 2, wou wierklech och ganz vill Invest vum Entraîneur viraussetzt.

Also mir sinn nach ëmmer net zefridden an nach ëmmer net frou. A wannechgelift, wann Der eis schonn déi Dossiere gitt, da kontrolléiert se och. Well dat kann nach net sinn, ech hunn der 20 gekuckt, ech hat herno d'Flemm, do hat ech der schonn 8 fonnt, wou Feeler dra waren, wou s de net no konnts vollzéien, ech hu wierklech alles sechs Mol nogekuckt, mat de Membres actifs, Membres non-actifs, mat de Plaffongen, mat den Domaine de base, mat dem Subsid de base. Et ass einfach Gewurschtels. A mir sinn nach ëmmer net zefridden. An dofir ass et wéi all Joer. Ma mir kënnen dat hei net droen. An et geet guer net géint d'Veräiner, dat soen ech nach eng Kéier, well soss heescht et, mir géifen de Benevolat net ënnerstëtzen. Absolutt net. Mee et geet einfach ëm eng ongenau Berechnung. An an eisen Aen, dat hei ass nach méi schlëmm, well mer elo nach d'Dossiere kritt hunn an et sinn nach Feeler dran. Fréier huet et ëmmer geheiert, jo, mee dat ass dann eeben, hei huet e vläicht e puer Membere méi, e puer Membere manner. Also ech ka se all nokucken an ech kann Iech e Listing

maachen. Mee et ass net an der Rei, dass wann s de der 20 kucken, an du hues der scho 6 fonnt déi falsch sinn, dann hues de schonn d'Flemm.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Bon, ech sinn elo e bëssen domm drun, well ech wollt eigentlech soen, villmools merci fir dee Listing, fir déi Transparenz, dat begréisse mer. Ech hu souguer och zwou Stéchprouwe gemaach an déi hu gepasst, mee ech hat dann net esou vill Zäit wéi d'Madamm Kayser, da soen ech hier villmools Merci, bis dräi Auer an der Nuecht. Mir wollte souguer begréissen, et gëtt eng liicht Steigerung, zum Beispill bei de Manifestatiounen, fir d'Sportsveräiner ass et elo vu 40 op 50 Euro eropgaangen, dat begréisse mer och. Ech hat am Fong just eng Fro, well bei de Museken, do geet de Fix erop an do steet awer net fir wien oder wat dat ass. Dat ass just een Tablo, wou Musique a Subside fixe steet an dee geet vun 12.000 op 15.000 erop. Vläicht kënnt Der eis just soen, wien dat ass, well dat konnte mer elo net novollzéien.

Mee, jo, soudass mer dat wollten, déi ganz Transparenz do begréissen. Mee, ech weess natierlech elo net, wat ech soll maachen, wann ech hei héieren, dass anscheinend Ongerechtegkeeten a Rechefeeler dra sinn, da kënne mer et schwéier matstëmmen. An dowéinst iwwerleeë mer eis dat elo nach. Mee wa mer eis enthalen, dann ass et op alle Fall och net, well mer d'Subsiden net wëllen ausbezuelen. A mir si frou a mir wëssen dass aner Gemenge vill méi Subside ginn, och vill méi cibléiert, par rapport zu Encadranten, zu Diplomer zum Beispill. Méi cibléiert, wat maachen déi Veräiner konkreet. Do gëtt et nach vill méi Moyenen. Mee mir wëssen och, dass eng Stad wéi Diddeleng, déi enorm vill Veräiner huet an déi vill gutt Infrastrukturen huet an déi natierlech och vill logistesch Hëllef gëtt, dass déi vläicht net kann op deem Niveau sinn, wéi aner méi kleng Gemenge mat vläicht just enger Dose Veräiner. Vläicht stëmme mer et mat, mee eigentlech kënne mer bal lo net, a mir wäerten eis warscheinlech enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gitt nach eng Kéier an Iech.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, ech sinn an där selwechter Situatioun wéi och dann d'Madamm Thoma. Mäin éischte Saz war eigentlech: Mir fannen et selbstverständlech gutt, dass dës Primmen un eis Veräiner an engem ganz transparente System verdeelt ginn. Leider huet sech elo erausgestallt, dass do awer Montanten dobäisinn, déi dann net esou ganz richteg sinn. Soit, eis Veräiner maachen eng wäertvoll Aarbecht an et ass zu engem groussen Deel och hinnen ze verdanken, dass den Zesummenhalt ënnert den Diddelenger esou grouss ass wéi en ass. Well an eise Veräiner léieren d'Kanner an och déi méi grouss Kanner sech kennen, wuessen zesummen a fir mech ass dat aleng schonn de Grond, wéisou si och sollen déi néideg Ënnerstëtzung kréien déi si och absolutt brauchen. Ma wann esou vill Feeler awer nach bei deene Montante sinn, da géife mir eis dann ausnamsweis emol eng Kéier der Kolleegin vun déi Lénk uschléissen an eis och bei dësem Punkt dann enthalen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. D'Madamm Kayser bréngt mech dann och an déi Situatioun, dass ech a mengem Elan vu virdrun, ech hu geduecht, an Zäite vu KI vu Computere wier et net méi dran, sech dann ze verrechne bei deenen Dénger. An zum Gléck hu mer d'Madamm Kayser, déi all Computer an den Eck stellt an dat doten dann nach duerchrechent. Et bréngt eis an déi änlech Situatioun wéi d'Madamm Thoma an den Här Meyer elo just, well mer dat dote wierklech ganz gäre géife matstëmmen, virun allem dass et sou séier kéint virugoen. Ass et eng Méiglechkeet, dass een dat dote vläicht eng Kéier einfach nei berechent an eng Kéier upasst an eis dat do nach eng Kéier virleet am Juli, wann et prett ass an ouni Feeler ass? Dass mer da kënnen driwwer ofstëmmen iwwert déi richteg Montanten. Dat wier jo dann u sech, wa Rechefeeler dra wieren, da wier jo de Problem jo da geléist. A mech och e bëssen aus mengem Dilemma erausbruecht vun deem wat ech virdru gesot hunn a vun deem wat ech elo soen. Merci op alle Fall.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Goergen. Bon, elo war ech frou, dass ech e Brëll hunn dass ech ka liesen. Mee ech menge, bon, d'Situatioun ass och elo fir mech net einfach. Ech menge fir d'sozial Kohäsioun an enger Stad héichzehale sinn d'Veräiner an d'Associatiounen e wichtege Faktor. Duerch hir Aktivitéiten droe se jo och dozou bäi, datt eng Stad lieft. Mir hu Gott sei Dank vill Veräiner hei zu Diddeleng an déi fonctionéieren haaptsächlech duerch de Benevolat. An de Benevolat, deen an eiser haiteger Gesellschaft net méi deen ass wéi fréier an oder wéi e mol eng Kéier war. Dofir ass et ëmsou méi wichteg hinnen déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn. D'Subside sinn niewent dem Zurverfügungsstelle vun Infrastrukturen, wéi och aner Ënnerstëtzunge vu Gemengeservicer, en Deel fir d'Unerkennung vun der viller Aarbecht, déi an de Veräiner geleescht gëtt. Bon, d'Situatioun wéi se elo ass, ech menge bon, ech soen och Mea Culpa. Ech hunn och déi Dénger do net all nogerechent. Jo, et ass richteg. Mee ech stelle mer einfach d'Fro, ob et effektiv d'Méiglechkeet gëtt, dat nach eng Kéier nei ze berechnen an nach eng Kéier nei an de Gemengerot ze bréngen? Dat wär dee beschte Volet déi mer do kéinte maachen. A kucken, dass mer dat awer och relativ schnell iwwert d'Bün kréien. Well ech mengen d'Veräiner brauchen d'Suen. An et wär wichteg, dass mer déi Suen awer séier op den Terrain géife kréien. A voilà. Ech soen Iech Merci fir d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci dann och fir Äre Retour. Ech hat mech effektiv och op e bësse méi Positives agestallt. War jo och grosso modo esou. Ech mengen engersäits si mer frou, dass mer vill aktiv Veräiner hunn. Ech mengen do si mer eis eens, a mir probéiere se och beschtméiglech vum Gemengerot aus ze ënnerstëtzen. Vläicht direkt dat mat de Calcullen. Also et ass jo effektiv esou, d'Sekretariat rekrutéiert déi Dossieren an da ginn se dat weider un eis Kontabilitéit an déi rechnen dann dat deementspriechend aus. Ech selwer hunn och e puer Stéchprouwe gemaach, déi waren awer alleguerte korrekt. Ech weess och net, ech war net dobäi, wou Der dat verbessert a kontrolléiert hutt, ob Der ëmmer den Typ 1, Typ 2, op déi Saache richteg am A hat. Dat kann heiansdo eng Erklärung sinn, wat d'Memberen ubelaangt. Mee well mer eis awer do selwer alleguerten elo net hei sécher

sinn, fannen ech déi Propos, déi jo vu verschidde Plazen do gemaach ginn ass, dass mer dat nach eng Kéier zréckhuelen, zréckginn an eis Comptabilitéit an déi dat dann nach eng Kéier iwwerpréiwen. Bezéiungsweis wär ech da frou, wa mer dann dee Listing géife kréien, wéi eng Fäll konkret net hei géifen iwwerenee stëmme mat deem, wat mir hei erausfonnt hunn, da kënne si och vläicht dat nach eng Kéier nei ausrechnen, bezéiungsweis confirméieren, dass déi enger oder déi anerer Säit richteg gerechent huet. An da géife mer dat dem nächste Gemengerot hei presentéieren, eventuell och a Präsenz da vum Här Poull, deen dann do un der Spëtzt vun deem Ganze steet, deen och vläicht dat een oder dat anert direkt kann erklären. Dat emol, mengen ech, wat deen dote Volet ubelaangt.

Dann awer och, fir op déi aner Froen anzegoen. Also mir haten net wëlles, nach un dee Berechnungsschlëssel ze goen, Här Steffen, well deen ass wierklech laang diskutéiert ginn, vun uewen no ënne gedréit ginn. An, wéi gesot, perfekt, gëtt et de perfekte Schlëssel, wou een déi verschidden Aktivitéiten honnertprozenteg mateneen ofgläiche kann, weess ech net. Bezéiungsweis bréngt dat mech dann op dat, wat d'Madamm Thoma gesot huet. Dann hues hannendru vläicht awer e ganze Rateschwanz vun Analysen, wou s de muss maachen, déi mer bei där heiter Envergure am Endeffekt bei deene Montanten, déi dann erauskommen, vläicht dann awer ze vill ass fir eng Gemeng wéi Diddeleng, déi esou aktiv Associatiounen huet. Dofir mengen ech net, dass mer sollten op dee Wee goen an dat nach eng Kéier a Fro stellen.

Et kënnt en neie Moment bei deem Ganzen. Dat hat ech jo och an der Budgetsdebatt ugedeit, wann de Sportsministère de Qualité plus reforméiert a relancéiert, da kënnt sécherlech och en neie Moment, wat eis Subsides ordinairen ubelaangt. Mee esou wäit si mer nach net. Do wäerte mer se dann a gegeebener Zäit nach eng Kéier hei doriwwer ënnerhalen. D'Harmonien, voilà, dat ass dat, déi hunn eis dat eraginn. Dat sinn ëmmer eis Harmonien, déi Museken, déi Der do fest erëmfannt, dat sinn dann hir Fraisen, déi si dann hunn, fir den Dirigent haaptsächlech ze bezuelen. An dorobberhi baséiere mer dann deementspriechend eise Subsid, dee mer dann och ausbezuelen. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat mat den Harmonien, dat ass net esou, Loris, dat war einfach esou, d'lescht Joer war e falsche Montant dran. Dëst Joer ass dee richtege Montant dran. Dorobber hat ech drop higewisen. Neen, deen hate mer schonn e puer Joer, déi 18.700 fir d'HMD an déi 15.000. Majo, mee d'lescht Joer ware se falsch. Dofir huet d'Carole, well dunn hues De zouginn, dass et falsch war. An dofir huet hat verglach mat deem Falsche vum leschte Joer. An elo ass et dee richtegen, voilà.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Ech hat verstanen, wat ass dat fir e Montant, wéi entsteet deen? Dat hat ech verstanen. Mee et ass effektiv dann, mat deem doten Zousaz, mee et ass fir den Dirigent ze finanzéieren, ze bezuelen.
DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Okay, dann ech menge kënne mer unanime decidéieren, deen heite Punkt op den 18. Juli ze vertagen, den nächste Gemengerot, wou mer dann deementspriechend dat doten nach eng Kéier an eisem Service d'Comptabilitéit iwwerpréiwe loossen. Dir kënnt jo da bei deene Stéchprouwen, déi Der gemaach hutt, et si jo eng Rei Stéchprouwen, déi ware richteg, eng Rei Stéchprouwen dann net. Also net schwaarz oder wäiss, wéi gesot. Dann, wann Der déi hutt, kënnt Der eis déi gäre weiderginn. A mir ginn och nach d'Instruktioun un eis Comptabilitéit dat nach eng Kéier duerchzerechnen, dass mer dann och, wa mer den 18. heihinner kommen, den 18. Juli, déi richteg Zuele komplett och deementspriechend hei virleien hunn.

Ass de Gemengerot mat dësem Report, mir mussen eng Kéier e klenge formelle Vott maachen awer, mat dësem Report op den 18. averstanen? ***Dat ass unanime.*** Gutt. Ech soen ech Iech villmools Merci.

**4.7. Allocatioun vu Subsides extraordinaires**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir bleiwe bei de Subsiden. An dat si Subsides extraordinaires. Do hu mer den éischte Subsid vun 1.720,51 Euro un eise Scoutsveräin, d'Peaux-Rouges, déi effektiv Diere mussen ersetzen. Si hunn och do den Accord kritt, Dir wësst jo, dass mer eis ëmmer un den Accord vum Educatiounsministère uleenen an dass dat ëmmer 50 % ass vum Subsid, deen den Educatiounsministère deementspriechend gëtt. Den Accord vum Educatiounsministère, dat ass eng Ziffer vu 6.882,03. De Ministère hëlt 3.441,02 Euro en charge. A mir huelen da 50 % vun deenen 3.441 Euro en charge. Dat sinn der wéi gesot déi 1.720,51 Euro. Dann, fir d'Association nationale des victimes de la route 150 Euro. An dann, wat och schonn am Budget steet, mee wou mer all Kéiers eng Deliberatioun mussen huelen, de Subsid fir Diddeleng Hëlleft vun 30.000 Euro.

Ass de Gemengerot mat deene Subsiden do averstanen, extraordinärer Natur? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 5. RÈGLEMENT D'ORDRE INTÉRIEUR VUM GEMENGEROT

**Approbatioun vun de Changementer vum Règlement d'ordre intérieur vum Gemengerot vum 16. Mäerz 2018**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer iwwer op den nächste Punkt. Dat ass de Règlement d'ordre intérieur vun eisem Gemengerot. Also e bëssen d'Aart a Weis wéi mer eis Aarbechten hei strukturéieren.
Dir wësst, dass et 2018, also no de Gemengewalen 2017, eeben am Mäerz 2018 mer hei en éischte Règlement d'ordre intérieur ugeholl hunn. Dat war, wéi gesot, de 16. Mäerz. A mir hunn deen e bëssen iwwerschafft. Mir haten och an deem Kader jo den 23. Abrëll 2025 eng Interfraktionell, wou mer zesummen duerchgaange sinn, wou mer och déi Proposen, wéi gesot, duergeluecht hunn. Hunn och geschter och vun der Oppositioun eng Rei Réckmeldunge kritt, wat nach aner Punkten ugeet, well mer aus der interfraktioneller Reunioun jo erausgaange sinn, och e bësse mat

Messagen un déi verschidde Fraktiounen: Kuckt e bëssen, ob der mat de Proposen averstane sidd respektiv gitt eis e Retour.

Ech ginn elo wierklech net an all Detail. Mee, wéi gesot, wat mer engersäits gemaach hunn, ass, par rapport zu där aler Mouture, en Toilettage vu Gesetzer, déi, wéi gesot, net méi en vigueur sinn, wou mer effektiv deementspriechend adaptéiert hunn. Ob dat d'Asetze vum Gemengerot ugeet. Ob dat de Serment, deen ee muss maachen, laut der neier Verfassung. Et huet awer och mam Lokal ze dinn, wou de Gemengerot sech kann ofhalen. Dat muss jo net méi am Gemengenhaus sinn. Ech mengen dat ass jo eng Léier aus der Covidkris. Dat kann de Gemengerot selwer decidéieren. D'Procuratioun, d'Delegation de vote, mengen ech, ass och en neie Moment. Wat mengen ech och dobäi komm ass am Laf vun deene leschten zwee Joren, dat ass d'Administration transparente et ouverte. Dass souwuel, wéi gesot, d'Biergerinnen an d'Bierger, respektiv d'Press jo och dobaussen an den Dossier vum Gemengerot an d'Deliberatioune kann Asiicht kréien op engem speziellen Onglet vun eisem Internetsite.

Dann hate mer och e bëssen d'Diskussioun ronderëm, ech mengen dat war den éischte Punkt vun de Motiounen, respektiv ronderëm d'Motiounen. Ech mengen, dass Motiounen, Amendementer kënnen eragereecht ginn, schrëftlech an ënnerschriwwe vun den Auteuren. Dass dat entweeder virum Gemengerot ass, also déi Delaien, déi mer eis jo ginn, méindes ëm 17:00, wa freides de Gemengerot ass, oder, wéi gesot, séance tenante, wou se dann och deementspriechend schrëftlech an och ënnerschriwwen ass.
An, bon, d'Fro war e bëssen Interpretatiounsspillraum. Ënnerschriwwen heescht dat, dass dann och de Krop muss do sinn, oder geet et duer, wann den Numm do ass? Mir loossen eis déi Flexibilitéit, wéi gesot, dass een och ouni Ënnerschrëft kann deementspriechend eraginn. Mee ech mengen, wat net de Fall soll sinn, dass, wann ee se eragëtt, séance tenante, da soll ee se och direkt, wéi gesot, physesch eraginn, respektiv per Mail. Well et mécht herno d'Aarbecht och vill méi einfach, grad eebe wann et séance tenante och ass.

An eng Diskussioun, déi ech och nach mam Här Steffen hat, dass mer och net op dee Wee ginn, an ech mengen dat war e bëssen och eng Interpretatioun, déi mer hate vun der Approche vun der Oppositioun, dass mer eis eens sinn, dass een net wärend enger Diskussioun eng Motioun eragëtt. Dass een op eemol ufänkt eng Motioun wärend der Diskussioun ze redigéieren an déi eragëtt. Ech mengen, se gëtt séance tenante, gi mer se eran. An et ass net en cours vun den Diskussiounen. Well dat gëtt op aner Plazen och net gemaach. Voilà, dat war e bëssen d'Iwwerleeung. Dat war dat.

Dann den Temps de parole. Do hate mer jo ee Moment gemengt, fir, haut ass jo och ee vun de Beispiller awer, bon, quitte dass mer haut awer, mengen ech, eis awer un d'Zäite gehalen hunn. Et war fir dass mer e bëssen d'Interventioune straffen, andeems awer jidderee e gewëssenen Zäitkader huet, wou e sech fräi artikuléiere kann, ob en Oppositiounsmember ass oder net. Da hate mer gesot,



bon, komm mir ginn, de Moment hate mer 20 Minutten, komme mir ginn op 15 Minutten erof pro Punkt. Ech hunn hei d'Echoe kritt säitens vun der Oppositioun, dass se awer léiwer sollt beim Status quo bleiwen, bei deenen 20 Minutte pro Punkt. Wéi gesot, och kee Problem deem och Rechnung ze droen. An dann, all aner Member huet zousätzlech dann zwou Minutten. Ech mengen, wa mer dee Kader wahren, a mir sinn oft drënner, ass dat, mengen ech, absolutt kee Problem. Bei de Budgeten, do bleift et jo bei 40 a bei 10. A mir hu bäigesat, dass d'Fraktiounen, d'politesch Fraktiounen de Maximum vum Temps de parole, wa se deen ausnotzen, ënnert sech opdeele kënnen. Ech mengen dat ass e Modus vivendi, wou mer eis mengen ech hei ouni Problem jo dann och eens ginn, et och deelweis jo och scho sou gemaach gëtt.

Da kommen ech par rapport zum Rapport analytique. Do hu mer zwou Saachen. Eng Saach, déi mir als Schäfferot erabruecht hunn, respektiv eng Saach vun enger Prezisioun vun der Oppositioun, wou mer och e bëssen ëmformuléiere par rapport awer am ROI, dass mer awer kënnen dat weisen, den Artikel 19. Et ass jo esou, mir hu jo ëmmer e Verbatim vum Gemengerot, also e Rapport analytique. Do hate mer drageschriwwen, dass eise Service Communication et Relations Presse en Delai fixéiert, wou Der am Fong e Retour musst gi par rapport zum Verbatim. All Conseiller ka jo hei iwwert de Verbatim op seng Interventioun kucken an effektiv dat ofstëmmen, mam mëndlechen Deel, wou och hei opgeholl gouf.

Et ass esou, dass eise Service Communicatioun intern sech ëmmer en Delai gëtt, well mir maache jo och e bëssen e Retroplanning. Dat eent ass Korrektioun, da gëtt de Layout, gemaach, da geet et an den Drock an da gëtt et an all Haushalter, wéi gesot, ausgedeelt. Also do si schonn effektiv Timingen. Sn deementspriechend si mer eis hei eens ginn, dass mer Delai à fixer par celui-ci, dass mer dat, soen, an engem Delai raisonnable. Mir hunn och scho Récksprooch geholl mat eisem Service Comm. De Moment war den Delai eng Woch. Mir géife proposéieren op zwou Wochen ze goen. Ech mengen dat léisst Iech gutt Zäit, Är Interventiounen duerchzekucken. Mee da géif ech awer och bieden, Iech dann och un déi zwou Wochen ze halen. Well, wéi gesot, hannendrun ass natierlech eng ganz Chaîne vun Aarbechten, déi nach eise Service Communikation a Relations Presse muss, wéi gesot, deementspriechend noginn.

Dann nach eng Prezisioun, déi mer erabruecht hunn, well och dat awer Erfarungswäerter ware säit de leschte Gemengewalen, dass am Fong, wann ee Rektifikatioune mécht par rapport zum Verbatim am Schrëftlechen, dass dat am Fong

just, wann elo Feeler sinn an den Texter, dass dat ka gemaach ginn, dat ass just op dat limitéiert. An et ass net wéi mer scho Situatiounen haten, eise Service Relations Presse huet déi dann och kritt, an huet eis och do als Schäfferot de Retour ginn, dass carrement Sätz geännert goufen am Verbatim, soudass am Fong de Contenu vum Saz net méi dee selwechte war, wéi dat wat geschwat gouf, respektiv Modifikatiounen oder komplett reformuléiert gouf. Dat ass mengen ech ganz kloer en No-Go. Dat geet net. Et muss ee sech un dat halen, wat mëndlech gesot gouf. Et kann ee vläicht e Punkt oder Komma, also et kann een och e Saz trennen, wann dann dat, mengen ech, déi Logik bleift. Mee et kann een net ufänken, eng Textkorrektur ze maachen, fir dass herno de Sens vum Text en aneren ass, wéi dat wat hei gesot gëtt an och wat hei opgezeechent gouf. An dofir hu mer dat nach eng Kéier hei deementspriechend dragesat, well dat net geet.

Da par rapport zu de Commissions consultatives. Och dat hu mer och den Toilettage gemaach, respektiv déi néideg Remarken och hei erageholl no der leschter Decisioun, déi mer am Gemengerot geholl hunn. Mir haten och eng Remark kritt par rapport zu den obligatoresche Kommissiounen. Dat hu mer och erausgeholl, dass déi vum Enseignement musical net méi obligatoresch ass, laut deem neie Gesetz. Dat war eis och erugedroe ginn. Da war nach de Volet vun den Avisen a wat d'Commission consultativen ugeet. Dass och Avis minoritaires solle kënnen opgelëscht ginn an de Rapporten. Ech mengen, dass dat kee Problem ass, wann do verschidden Avise sinn, dass een dat soll kënnen opléschten, wann d'Kommissioun hir Aarbecht mécht. An dat ass dat eent. A wann dann dee Rapport fäerdeg ass, dass natierlech en och op d'Plattform Sharepoint soll kommen. Ech mengen do gi mer och nach eng Kéier e Message weider un eis Servicer, respektiv un eis Sekretären, Presidenten. Dass soubal de Rapport ugeholl gouf, dass en dann och deementspriechend op deen Onglet kënnt, dass een och dann eng Vue huet op d'Rapporte vun de Kommissiounen.

An ech mengen dann hätt ech bal alles, jo, ech mengen da wär ech op déi verschidde Punkten, déi mir erabruecht hunn als Schäfferot, Diskussiounspunkte respektiv déi, wou Dir elo nach als Oppositiounsparteien eis gëschter zoukomme gelooss hutt, ech mengen, dass dat zimmlech sech iwwerdeckt. Här Gangler, kommt elo net mat neie Proposen. Maacht deen Deckel net op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dann dierf ech awer meng Bedenken ausdrécken, och wann et keng nei Propos gëtt, d'Kiercheklack schléit grad 12:00, mir si bei Punkt 5. Mir haten a leschter Zäit scho Gemengeréit, déi hu gedauert, vun 8:00 bis mëttes 16:00, ouni Paus. Ech fannen dat einfach asozial. An ech froe mech, hätt een net missen an de Règlement interne och eppes drasetzen, wann et ausgesäit, dass e Gemengerot e ganzen Dag dauert, beim Budget maache mer et och esou, dass een eng kleng Mëttespaus kéint maachen an duerno erëm nei ufänken. D'Produktivitéit, géif ech scho soen, ech si jo scho keng 60 méi, mee d'Produktivitéit vun engem gewëssen Zäitpunkt un no 8 Stonne Sitzung, déi ass gläich 0. An et deet mer dann ëmmer leed fir déi Decisiounen, déi zum Schluss vum Gemengerot geholl ginn, wou et just nëmme muss séier derduerch goen a wou kee méi richteg weess, wat en nach stëmmt a wat net. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, ma ech wëll fir d'éischt e grousse Merci soen och dass d'Diskussioun ugefaange gouf an där interfraktioneller Sitzung, wou mer wierklech ganz oppen diskutéiert hunn. Et war iergendwéi, mir haten net esou ganz realiséiert, dass do mir nach sollten direkt eis Remarken eraginn. Dat wär vläicht méi einfach gewiescht, mee dofir awer merci, fir dee spontanen Echange dann nach gëschter, fir dass awer elo jidderengem seng Bedenken do konnten agebaut ginn, zumindest zum gréissten Deel dann.

Ech wollt awer nach op e puer Punkte just agoen, wat nämlech net diskutéiert gi war an der interfraktioneller Sitzung. Ech wollt et uschwätzen, ech hu geduecht, dat ass ze vill Aarbecht. Ech sinn awer elo ganz frou, dass de generesche Maskulinum erausgeholl gouf an dass mer elo effektiv dat Ganzt gegendert hunn. Ech hunn et net ugeschwat, well ech geduecht hunn, dat ass vill Aarbecht fir dat ze schreiwen. Mee elo ass et gemaach. An dat begréisse mer awer ausdrécklech. Fir de Rescht, wéi gesot, et si vill Moderniséierungen, Aktualiséierungen. Op der Fro vun de Froen hate mer jo wierklech eng oppen Diskussioun, wou Virschléi gemaach goufen, wou dann eis Retoure gemaach goufen. Ech mengen do si mer eis jo och eens ginn.

Mat der Motioun hat ech elo just nach eng Fro, well ech dat elo net ganz verstanen hunn. D'Motioun, déi séance tenante kann eragi ginn, awer net wärend der Diskussioun. Mee séance tenante si mer jo wärend der Diskussioun. Also hu mir d'Méiglechkeet, wann e Punkt um Ordre du jour amgaangen ass diskutéiert ze ginn? Da musse mer jo kënne wärend der Diskussioun awer eng Motioun eraginn? Ech hunn dat just elo net esou ganz verstanen. Mee gréisstendeels si mer frou, dass dat klarifizéiert ginn ass am ROI an dass mer wierklech och schrëftlech festhalen, dass dat nach ëmmer e Recht ass vun de Gemengeréit. Ech mengen dat ass ganz wichteg. An da si mir ganz frou, dass beim Temps de parole, dass mer do bei 20 Minutte bleiwen, dass dat och ka fir déi Fraktiounen, déi zu méi sinn, dass déi sech dat kënnen opdeelen. Dat begréisse mer och, och wa mir elo net direkt dovunner profitéieren. Mee eis war et scho wichteg, awer do déi Zäit ze loossen. Mir mengen och, dass dat elo net den Impakt huet op d'Dauer vun enger Gemengerotssitzung. Déi 20 Minutten, déi gi jo seelen awer ausgenotzt. Do sinn et éischter Presentatiounen, déi laang daueren. Mee och do fänke mer jo schonn un, méi technesch Reuniounen am Virfeld ze maachen, fir dass een do kann d'Froe stellen. An ech mengen da kann een do vläicht schonn e bësse kierzen.

Awer just eng Remark. Ech soen dann och net méi, wien et war. Mee eng Fraktioun aus der Oppositioun hat virgeschloen, d'Riedezäit vun de Gemengeréit op 5 Minutten ze limitéieren. An do sinn ech awer frou, dass do keen drop agaangen ass. Well vläicht huet déi Fraktioun net ëmmer vill ze soen. Mee déi aner, déi eppes ze soen hunn, déi mussen awer schonn an hirer Riednerfräiheet net ze vill ageschränkt ginn. An dowéinst si mer do ganz frou. A mir

wäerten dat doten dann och esou matdroen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, elo hunn ech e bëssen déi blöd Kaart gezunn, dass ech no der Madamm Thoma hirer Remark vun deene fënnef Minutte schwätzen. Ech war et net. Ech hunn de Modus, wéi mer iwwert dat Dokument hei elo geschafft hunn an och wéi mer nach spontan elo, well mer do effektiv laanschtenee geschwat haten, ma gi mer nach e Retour oder net? Wéi mer do drop reagéiert konnten nach gëschter. Dat hunn ech wierklech cool fonnt. Esou en ROI ass e liewegt Dokument. Ech hu berufflech vill mat ROIen ze dinn. An et ass elo déi lescht Kéieren all Kéiers am Hannerkapp gelaf. Wa mer Gemengerot haten, hunn ech mer all Kéiers esou d'Fro gestallt, okay, wat sinn d'Repercussiounen ob sou en ROI? A wat bréngt dat elo mat sech, muss een do eppes festhalen oder net? An do sinn ech frou, dass mer verschidde Saache wierklech konnten dra festhalen, virun allem dat mat de Séance-tenante-Motiounen, wou mer effektiv heiansdo am Fall waren, dass mer op den Opfuerderunge vum Schäfferot nach eng Kéier konnten en Hallefsaz wärend Ärer Erklärung erausхuelen, well dat soss Widderhuelunge gewiescht wieren, dass mer eis déi Flexibilitéit da ginn, dat fannen ech och nach ëmmer super.

Dat mat der Paus, hunn ech mer effektiv och déi lescht Kéieren elo ëmmer erëm gestallt. Ech hunn awer perséinlech och fonnt, dass et ze fréi wier, fir esou eppes festzehalen, well mer eréischt ugefaangen hunn, déi Gemengeréit dertëscht, déi méi technesch sinn, ze maachen, wou effektiv ganz zäitspuerend, ma haut ass elo vläicht e méi gefëllten Ordre du jour, mee mol ganz zäitspuerend elo an der leschter Zäit waren. Mee dat kann ee jo um Schierm behale fir déi nächst Iwweraarbechtung, well et ass jo ni wierklech a Stee gemeesselt, well et jo au fur et à mesure ëmmer erëm ugepasst gëtt. Och merci der Ekipp vun der Kommunikatioun fir d'Rapport analytiquen. Dat vereinfacht engem wierklech d'Aarbecht no enger Woch, wou ee sech an der ganzer Fräizäit kann ëm de Gemengerot këmmeren, d'Madamm Kayser souz bis dräi Auer do, ech souz just bis eng Auer do, ass et wierklech flott wann een dann e bësse kann de Weekend duerchootmen an da sech d'Woch drop réischt sech owes dohinnersetzen an nach eng Kéier lauschteren, wat een alles gesot huet, wat effektiv vill Zäit ewechhëlt, wann ee vill schwätzt. Op jidde Fall stëmme mer dat heite ganz gäre mat a villmools merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, de Jemp huet schonn eng Intro gemaach vun engem Punkt, dee wichteg ass. Mee mir wollten awer och nach als CSV Merci soen, fir déi Ouverture, fir déi Iwwerschaffung, fir déi flott Reunioun, déi mer haten an och nach eng Kéier dem Yves villmools merci, well hien hat gëschter nach, an dem Här Buergermeeschter, dass si sech zesummegelinkt hunn an dann nach Saache formuléiert. Dass mer elo net hei iwwert all Wuert an all Saz musse schwätzen, dat mécht och, dass dës Reunioun méi kuerz gëtt. Ech betounen awer nach eng Kéier, Dir wäert Iech guer net wonneren, dass mer nach ëmmer ee gudde Saz am Artikel 23 erëmfannen, bei de Kommissiounen, dat ass «le conseil communal nomme les présidents des commissions qui doivent faire partie du conseil communal.» Punkt, Punkt, Punkt. Voilà. Dir wësst, wat ech domadder wëll soen. Et muss net dee sinn « qui doit faire partie du parti majoritaire ». Mee « qui doit faire partie du conseil communal ». Voilà, dat nach eng Kéier gesot, wann éiren een eng Kéier keng Loscht méi huet an enger Presidence oder net méi weess wat e sollt soen a senger Presidence. Also mir sinn hei Leit nach, déi Loscht hätten, do vläicht awer konstruktiv och eng Presidence ze iwwerhuelen. Et ass just gesot. Mee ech si scho frou, dass nach ëmmer d'Possibilitéit besteet. Ech hätt mech natierlech och vehement gewiert, wann dorunner gefréckelt gi wier.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir si jo do beim Status quo bliwwen an der Formulatioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Absolut. Mee ech soen et all Kéiers, et weess ee jo ni. Iergendwann eng Kéier, ech soen ëmmer elo d'Caritaskommissioun, dat huet och elo en Oppositiouns-, e President aus der Oppositioun an der Chamber, also vläicht deet sech och eppes hei zu Diddeleng. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Jo, mee wéi gesot, mir fannen et och ganz gutt, dass mer eis am Virfeld gesinn haten, fir iwwert dat Gemengereglement ze diskutéieren. Et war natierlech nach e Punkt do, déi 5 Deeg am Virfeld, vun deene mer den Ordre du jour ëmmer zougeschéckt kréien, wann natierlech deen op 5 Jours ouvrables gesat gi wär, dat wär natierlech ze schéi gewiescht. Nichtdestotrotz, dem Yves och vu menger Säit nach e Merci, dass en eeben nach nodréiglech weider Ännerungen zesummegefaasst huet an déi erageschéckt huet an déi dann och dann hei esou vun der Majoritéit, esou wéi et schéngt, dann ugeholl goufen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech hale mech ganz, ganz kuerz. Et sinn elo vill Mercie gefall. An ech soen nach eng Kéier Merci fir de Merci, a virun allem, fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht an där Interfraktionell. Ech mengen et ass schonn e puermol ugeschwat ginn, et ass mengen ech dee richtege Kader fir ganz oppen, transparent sou en Echange ze maachen, wou ee kann all seng Iddie mol op den Dësch leeën an zesummen eng Léisung fënnt. An dat war e ganz flotten Austausch. An dofir och vun eiser Säit nach eng Kéier e Merci un alleguer déi, déi heibanne sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kohn. Ech gi vläicht op e puer Punkten an, awer och ganz, ganz kuerz. Jo, effektiv ware mer jo aus der Interfraktioneller erausgaangen, dass all Fraktioun eis am Fong sollt säi Retour ginn. Bon, dat ass net geschitt. Dofir mer och déi Propos sou gemaach, sou wéi se um Ordre du jour war vum Gemengerot. Mee dass mer et fäerdegbruecht huet hunn och innerhalb vun engem Dag, voilà, déi verschidde Modifikatiounen eranzehuelen, mengen ech, ass jo och en Zeeche vun enger gewëssener Flexibilitéit, déi mer hei walte loossen. Wat jo och gutt ass an och net ze rigide sinn. An ech mengen et hei soll jo och en Dokument sinn, wann et grad iwwert de Fonctionnement vum Gemengerot geet, deen och unanime soll deementsprechend gestëmmt ginn. Dat ass op alle Fall déi Vue, déi ech

par rapport zu dësem ROI och deementspriechend hunn. Ech hat effektiv vergiess ze soen, et war ganz vill Aarbecht fir dat Ganzt och ze genderen. Effektiv merci, Madamm Thoma, dass Der ons drun erënnert huet. Eise Service huet dat och gemaach. Dofir och nach eng Kéier Merci, wéi gesot, dofir.

Par rapport zum Här Gangler, bon, mir kënnen ëmmer selwer decidéiere wéi laang dass de Gemengerot geet. Mir haten déi eng oder aner Kéier, wou en effektiv méi laang gedauert huet. An der Lescht hu mer eis awer ëmmer, bis 13:30 – 14:00, heiansdo ware mer och scho virun 12:00 fäerdeg. Ech mengen an deene leschte Gemengeréit ass et vill besser gaangen. Dat hat awer och domadder ze dinn, dass mer och Virbereedungssitzungen haten. Wéi gesot, ech mengen, bis 14:00 goen, ass plus minus awer e Kader vu mueres 8:00 un, dee mer awer och hale kënnen.

Par rapport zu de Motiounen, jo, entweeder e schéckt d'Motioun méindes eran, par rapport zu der Ausféierung vun der Madamm Thoma, oder si gëtt den Dag selwer wärend der Diskussioun schrëftlech schéckt Der se eran, entweeder physesch, op Pabeier, wou se da kopéiert gëtt a verdeelt gëtt oder dann eebe per Mail un de Gemengesekretär, dee se da ka kopéieren. Ech mengen et ass dee Modus, dee bleift. An da loosse mer eis natierlech hei an der Diskussioun d'Flexibilitéit, d'Motioun ze amendéieren, säitens vun der Majoritéit, vun der Oppositioun. Ech mengen dat ass jo eng Fakultéit, déi da bleift, éier mer dann zum Vott deementspriechend iwwerginn.
Dëst gesot, mengen ech, wier ech op déi verschidde Punkten agaangen. Da géife mer proposéieren zum Vott iwwerzegoen. Ass de Gemengerot mam Règlement d'Ordre intérieur vum Gemengerot selwer averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 6. GEMENGEKOMMISSIOUNEN

**Approbatioun vun de Changementer an der Zesummesetzung vun de Gemengekommissiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer iwwerginn op d'Commissions consultatives. Dat Dokument hunn ech elo net direkt bei Hand, mee dat kënne mer vläicht aspillen, dass ech och do ka soe, wie wie wou ersetzt. An der Commission de la circulation et de la mobilité, do ersetzt fir d'LSAP den Tiago Flores d'Martine Kohn. An der Kommissioun vum Jumelage an Tourismus, do ersetzt fir d'LSAP de Yannick Schumacher de Jean-Paul Gauthier. An der Subsidkommissioun ersetzt fir d'LSAP den Tom Streff de Gledis Kryeziu. An an der Ëmweltkommissioun ersetzt de Gledis Kryeziu, de Max Di Bartolomeo fir d'LSAP. An an der Jugendkommissioun ersetzt de François Venturini d'Daniela Aranda och fir d'LSAP. An dann an der Drëtt-Alterskommissioun ersetzt fir déi Lénk d'Elisabeth Lefèvre d'Michèle Petesch.
Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 7. PERSONAL

**7.1. Konversioun vun engem vakante Vollzäitposte aus dem Groupe de Traitement B1, technique an e Vollzäitposte vun engem Gemengenemployé aus dem Groupe d'indemnité B1, technique (Gestion et maintien du partimoine, Entretien bâtiments)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op d'Personal iwwer. Do hu mer dräi Saachen an der ëffentlecher Sitzung. Dat Eent ass d'Konversioun vun engem Poste vum Fonctionnaire communal, Groupe de traitement B1 am Centre culturel, also Centre Sportif René Hartmann an am Centre national de l'audiovisuel, respektiv am Centre culturel Opderschmelz. Do ass et jo sou, dass mer dee Posten hei geschafen haten am Gemengerot fir dass mer een hunn, dee sech e bësse méi ëm den technesche Volet soll bekëmmeren.
Mir haten dee Posten zweemol ausgeschriwwen. Zweemol hate mer hei am Gemengerot keng treffend Persoun fonnt. Dat hu mer jo och an der Seance am Huis clos festgehalen. An duerfir musse mer elo hei eng Conversion de Poste maache vum Fonctionnaire communal an den Employé communal, an der Hoffnung, wa mer dann elo ausschreiwen, dass mer do méi Chance hunn. Voilà.

Ass de Gemengerot mat där Konversioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen Iech villmools merci.
**7.2. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten aus dem Groupe de Traitement B1, administratif, en surnombre a Suppressioun vum Gemengenemployésposten vun därselwechter Kategorie wou déi aktuell Titulaire an d'Pensioun gaangen ass**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann d'Kreatioun vun engem Posten, d'Groupe de traitement B1, am Administrativen a Gestion et maintien du patrimoine, am Sekretariat, an awer och dann en surnombre. An dann herno gëtt en ofgeschaaft. Hei geet et ëm eng Mataarbechterin, déi elo am Laf vum Mount September an d'Pensioun geet, a fir effektiv do eng Transmissioun kënnen ze garantéiere vun der Aarbecht, déi si mécht an déi Expertise. Dofir ass einfach d'Iddi, dee Posten hei ze kreéieren, auszeschreiwen, ze rekrutéieren, dass déi Persoun dann och kann do sinn, och nach ka kuerz ugeléiert ginn, éier dann d'Madamm am September an d'Pensioun geet. Voilà, et ass einfach. An da gëtt jo och de Posten automatesch ofgeschaaft.

Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**7.3. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten aus dem Groupe de Traitement B1, administratif, en surnombre a Suppressioun vum Gemengefonctionnairesposten vun därselwechter Kategorie wou den aktuellen Titulaire an d'Pensioun gaangen ass**



DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An dann ass d'Questioun vun engem Posten als Fonctionnaire communal och an der B1-Carrière, och en surnombre, a gëtt herno ofgeschaaft. Och do hu mer ee vun eise Mataarbechter, deen am Service Maintien du patrimoine an der Facturatioun schafft, wat och zimmlech technesch ass an der Facturatiounsunitéit. Deen och iwwert d'Joren, wéi gesot, och do seng Connaissancen och hat. Dee geet och deemnächst an d'Pensioun. An och do ass et, fir sou gutt wéi méiglech déi Transmissioun kënnen ze garantéieren, fir do e Posten ze schafen, d'Persoun als Fonctionnaire communal ze rekrutéieren. A wann déi Persoun an d'Pensioun geet, dann och de Posten deementspriechend ofzeschafen. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 8. KORRUPTIOUNSAFFÄR

**Froen déi vun de Fraktiounen Déi Gréng, CSV an Déi Lénk op den Ordre du jour gesat goufen**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass e Point à l'ordre du jour par rapport zu der rezenter Verurteelung vun engem fréiere Gemengebeamten. Do hunn déi Gréng, d'CSV an déi Lénk, dee Punkt op den Ordre du jour gesat, mat enger ganz Rei Froen, och par rapport zu engem Presseartikel, dee koum. Wiem ginn ech fir d'éischt d'Wuert? Ech mengen, dass mer un Iech vläicht dann dat ze exposéieren. An da kënne mir Stellung dozou huelen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech wéilt am Numm vun deenen dräi Fraktioune vun déi Lénk der CSV, Déi Gréng de Kader kuerz setze vun eiser Interventioun haut. No de rezenten Artikelen an der Press, wou et ëm eng Korruptiounsaffär gaangen ass vun engem Beamten, deen hei op der Gemeng agestallt war, do sinn eis parteiiwwergräifend Froe komm an an eisem Rôle vum Gemengerot, deen d'Aarbecht vum Schäfferot kontrolléiere soll, hu mir eis Froe gebündelt an an engem Dokument, wat mir Iech am Virfeld geschéckt hunn, gesammelt. Och wann dat bei engem Punkt um Ordre du jour als Solches net néideg gewiescht wier, schéngt et eis wichteg zur Preparatioun op dës Diskussioun. De Punkt um Ordre du jour erméiglecht eis am Géigenzuch eventuell Positioun ze huelen, respektiv fraktiounsiwwergräifend eventuell Onkloerheeten opzegräifen, wou dee ganzen Outil vun de Froe wëll manner appropriéiert gewiescht wier. Dofir hei e bëssen de Mix vun deenen zwee politeschen Outilen, deen eis, denken ech, alleguerten heibannen arrangéiert.

D'Deliberatioun op dëse Punkt vum Ordre du jour wäert deemno keng Motioun oder Änleches sinn, ma einfach d'Äntwerten op d'Froen, déi am Raum stinn. An esou geet aus dem Artikel vum 26. Mee 2025 vu Reporter.lu ervir, ech hunn de Link an d'Annex gesat, dass e Gemengebeamte sech tëscht 1999 an 2017 nieft sengem Beruff als Gemengebeamte mat Revenuen an Avantagen am ganzen iwwer 700.000 Euro mat der Berodung vu Gemengen am Kontext vun der Gestioun vun der Restauration collective vun de Primärschoule verschaf huet. Hien ass och heifir zu 18 Méint Prisong integral op Sursis an enger Geldstrof vu 65.000 Euro verurteelt ginn.

Am Artikel ass e Listing ze fanne vun de betraffene Gemengen déi esou Servicer bezuelt hunn. D'Gemeng Diddeleng geet och an deem Listing opgefouert. Och wa mer net an der Top Ten stinn, gesitt Der am Graphique ënnendrënner, do ass Diddeleng opgeléscht. Eis Froen heizou wiere folgend: A wéi en Zäitraum falen déi Servicer, fir déi d'Diddelenger Gemeng bezuelt huet, wëssend, dass de Beamten tëscht 2004 an 2017 fir d'Gemeng geschafft huet? Wéi eng Servicer huet den accuséierte Beamten der Gemeng Diddeleng an dësem Kontext an nieft senger eigentlecher Aarbecht geleescht? Reporter.lu chiffréiert déi bezuelten Indemnitéite vun den zéng Gemengen, déi am meeschte bezuelt hunn. Wéi vill huet déi Diddelenger Gemeng an dësem Kontext bezuelt? Wéi eng Leeschtungen huet den accuséierte Beamten heifir erbruecht?

Falls dës Servicer bezuelt goufen, wärend de Beamte schonn zu Diddeleng agestallt war, wéi kann et sinn, dass dës Duebelfunktioun dem Schäfferot zu dësem Zäitpunkt net opgefall ass? Wëssend, dass den Agent laut Presseartikel bis 2017 de Poste vum Chef de service vun de Ressources humaines besat huet? Do muss ee sech jo da virstellen, wann een dat esou liest, dass e Chef de service vun de Ressources humaines an der eegener Gemeng nach an enger anerer Roll optrëtt a remuneréiert gëtt, ouni dass ee sech Froe gestallt sollt hunn. A wann awer sech ee Fro gestallt sollt hunn, wisou deem am Artikel beschriwwene Virgoen awer weider no konnt gaange ginn? An deem Kontext wéilte mir dës Froe beäntwert hunn an ech géif proposéieren, dass d'Madamm Kayser op déi nächst Elementer kann agoen an ech soe merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci och fir d'Wuert. Weider gëtt am Artikel erkläert, dass de Beamten tëscht 2011 an 2017 zu Diddeleng 17400 Stonne pointéiert huet, laut Schätzung vun der Police. Mir schwätzen hei vun enger Valeur vu 17400 Stonnen, vun engem Stonneloun tëscht 52 a 66 Euro. Dat mécht entweeder 904.800 Euro aus oder 1,148 Milliounen. An deem selwechten Intervall hätt e 24312 Stonne fir déi aner Gemenge geschafft. Sou referéiert sech de Reporter.lu op seng Affaires disciplinaires aus sengem penalen Dossier, wou et heescht, den Agent hätt seng Niewenaktivitéite camoufléiert als Formateur beim INAP, als Member vun der Examenskommissioun an notamment Absencë liéiert u seng Aktivitéit, dass systematesch seng Entréeën a Sortien am System vum Horaire mobile manipuléiert gi sinn.

« En pratique, ma mission auprès des autres administrations était identique à celle exercée en tant que membre de la commission relative à la Maison relais au sein de la Ville de Dudelange. » Dat ass en Zitat aus dem Urteel. Et ass eeben d'Fro, och den Här Steffen huet et scho gesot gehat, ob dat och deen Optrag ass, deen e kritt huet vun der Gemeng, wou en dann och nach extra remuneréiert gi sollt sinn. Bon, d'Manipulatioun vun dem Horaire mobile, dat ass ganz dramatesch, dat nennt een och eng Concussion, dat ass « le fait de manipuler le système de pointage est qualifié de concussion », dat ass esou, dass hie konnt seng Horairë manipuléieren, andeem e gesot huet, ech si present, mee e war awer net do.

« Il a intentionnellement procédé à une manipulation du système informatique de pointage de l'horaire mobile de l'Administration communale de Dudelange, en ayant simulé sa présence au poste de travail, en entrant son code personnel dans le système en question, de sorte qu'il pouvait bénéficier d'une absence non-justifiée et non-comptabilisée ». An dat soll kengem opgefall sinn? Fragezeichen. Wëssend, dass de Buergermeeschter a Schäfferot laut Gemengegesetz sech ëm d'Commandë bei den Entreprisen no de Prozedure vum Marché public këmmert an och deen deegleche Suivi vun den Aarbechten ze maachen huet. Wëssend och, dass de Collège échevinal fir d'Surveillance vun de Gemengeservicer an dem Personal zoustänneg ass als Supérieur hiérarchique vum Gemengepersonal, hätte mer och follgend Froen : Wéi konnt de concernéierte Beamten 3 Joer ënnert dem aktuelle Buergermeeschter an 3 Joer ënnert deem sengem LSAP-Virgänger dës Manipulatiounen ënnert deem Ausmooss virhuelen, ouni dass dëst opgefall wier? A wéi eng Konsequenzen zitt de Schäfferot aus dëser Affär? Mir si gespaant op d'Äntwerten an ech ginn d'Wuert weider un d'Carole Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. A merci, Madamm Kayser, fir d'Wuert. De genannte Presseartikel schreift schlussendlech och nach, dass den Här Buergermeeschter 2017 eng Procédure disciplinaire initiéiert hätt. Vu dass de Beamten am September 2017 demissionéiert huet, wier dës Prozedur dunn awer ofgebrach ginn. Grouss Frustratioun wier, laut Presseartikel, bei der Gemeng opkomm, mir ginn dovunner aus, dass domat d'Gemengepersonal gemengt ass, well den Employeur, also de Schäffen- a Gemengerot, net an Appell gaangen ass. Doraus ergi sech da schlussendlech och nach follgend Froen: Ass et richteg, dass déi Disziplinarprozedur lancéiert an dunn automatesch ofgebrach gouf, wéi de Beamten demissionéiert huet? War sech de Schäfferot dëser Konsequenz am Virfeld bewosst an hätt en déi net kënnen am Fong verhënneren, andeems en d'Demissioun vum Beamten net accordéiert hätt? Hat, sou wéi et aus dem Artikel ervirgeet, den Employeur d'Méiglechkeet an Appell ze goen an huet de Schäfferot, de Gemengerot iwwer dës Méiglechkeet a Kenntnis gesat? Wëssend, dass d'Gemeng Diddeleng iwwer Joren duebel beduckst gouf, Bezuele vu Leeschtunge fir Servicer, déi am Fong net hätten dierfe bezuelt ginn, op där enger Säit a Manipulatioun vun der Pointeuse op där anerer Säit, firwat gouf schlussendlech decidéiert dann net an Appell ze goen?

Zum Schluss wollt ech nach e puer lescht Erklärunge ginn. Mir hunn eis als dräi Fraktiounen zesummegesat. A well mer och dräi thematesch Bléck haten, huet dat do gutt gepasst, fir et esou opzedeelen. A Wierklechkeet hu mer awer all zesummen, all dës Froen zesummegestallt. Eis Interventioune sinn awer elo net komplett ofgeschwat. Mir wëllen och net, dass elo dës Affär an Zukunft genotzt gëtt fir Gemengepersonal ënner Generalverdacht ze stellen oder elo all Schratt ze kontrolléieren. Mir hu schonn oft op dëser Plaz gesot, dass eist Personal e gudde Service um Bierger leescht an eist Vertrauen huet. Mee grad dowéinst ass et schued, dass bei esou Affären ëmmer nees e schlecht Licht op dat ganzt Personal fält. An dowéinst gesi mer och eise Rôle als Gemengerot, fir esou Affären esou gutt an transparent wéi méiglech opzeschaffen. Eng ofgeschlossen Disziplinarprozedur hätt do natierlech och kéinten dozou bäidroen. Dowéinst schéngen eis dës Froen awer wichteg, virun allem wann et stëmmt, dass duerch d'Ofbrieche vun der Prozedur Frustratioun beim Personal opkomm ass, wat ee jo och ka verstoen. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools merci dann deenen dräi Parteien, respektiv dann dräi Fraktiounen, dräi Auteuren, déi dat heite virgedroen hunn. Et ass jo e Point à l'ordre du jour. Elo kënnen och nach déi aner Parteien, déi, wéi gesot, dat doten elo net ënnerschriwwen hunn och eppes dozou soen, gell? Ech mengen, dat hei ass eng Diskussioun. An da wäert och de Schäfferot, respektiv de Buergermeeschter eppes soen. Dat heescht, wann elo een hei wëllt d'Wuert ergräifen, dee kann dat ganz gäre maachen. Här Meyer.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Da fänken ech un. Ma als éischt wëll ech deenen dräi Fraktioune Merci soen, dass si dëse Punkt op den Ordre du jour sëtze gelooss hunn an ech stinn och voll a ganz hannert hire Froen. Ech muss soen, ech war ëmmer der Meenung, dass eigentlech de Chef vum Personal soll wëssе wou seng Leit drusinn. Natierlech kann een net verlaangen, dass de Buergermeeschter, dee jo de Chef vum Personal ass, soll wësse wou sech ronn 800 Persounen, zu deem Zäitpunkt eventuell souguer 700 Persoune just, déi fir d'Gemeng schaffen, befannen. Well dofir ginn et jo Chef de servicer, Chef d'équippen an esou weider. Ma ech denken awer, dass awer mindestens muss gewosst sinn, wou déi puer vum Personal déi Schlësselpositioune bekleeden, wéi zum Beispill de Gemengesekretär, den Ingenieur de la Ville oder wéi an dësem Fall de Chef de service vun de Ressources humaines dru sinn.

Natierlech ass gewosst, dass och e Fonctionnaire, wann hien dann déi néideg Autorisatioun huet, a senger Fräizäit Niewenaktivitéite kann nogoen. An, et steet jo och am Artikel dran, dass hien dat alles camoufléiert huet de ganzen Zäit, well hien huet jo da gesot, hie géif Formatiounen hale goen, an esou weider. Ma wann ech liesen, wéi vill Stonne geschafft gi si niewelaanscht. Dass de Beamten, vun deem mir hei schwätzen, enger Aarbecht nogaangen ass, an do nämlech ganzer 24.312 Stonnen tëschent 2011 a 2017 wat, wann een dës Zuel duerch aacht Stonne pro Dag géif deelen, ronn 3039 Schaffdeeg sinn, da wonnert et mech, dass kengem opgefall ass, dass hei eppes schifgelaf ass. Bei esou vill Stonne ka kee mir zielen, dass déi all camoufléiert

waren. Bei esou vill Stonne war hien nämlech entweeder ni hei an der Gemeng unzetreffen, huet déi Niewenaarbecht hei gemaach an hat a senger Haaptfunktioun einfach guer näischt ze schaffen. Oder fir de Fall, dass hien déi Stonnen oder de Gros dovunner niewent senger Haaptaarbecht hei an der Gemeng absolvéiert hat, kann hin hei an der Gemeng ni vill ëmgerappt hunn, well de Mann muss jo dann zimmlech erschëpft gewiescht sinn. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir sinn och der Meenung, datt déi Korruptiounsaffär opgekläert soll ginn. Mir stellen eis och d'Fro, wéi et méiglech war, datt de Beamte vun der Gemeng Diddeleng sou laang seng privat Geschäfteger konnte maachen a virun allem wéi et méiglech war, wéi hie seng Horairë gefälscht huet. Mir denken, datt et néideg ass, datt d'Gemeng Mesuren ergräift, fir datt esou Fäll an Zukunft net méi méiglech sinn. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech wëll elo hei der Stellungnam vum Schäfferot elo net virgräifen, mee ech wollt nach just eng Kéier drop hiweisen. Ech hu mer natierlech dee ganzen Dossier och ugekuckt an haaptsächlech och d'Conclusioun vun engem Jugement, wat, ech weess och net méi genee, mee ëm déi 350 Säiten huet. Also dat ass schonn eppes, wou een elo net ka soen, datt ee sech hei d'Saach liicht gemaach huet. A mir sinn och frou doriwwer, dat heescht, datt déi Affär hei bis an dee leschten Detail gekuckt ginn ass vun der Justice an dat do sech ganz, ganz vill Méi gemaach ginn ass, fir zu Conclusiounen ze kommen. Zréckbehale ginn ass dann du schlussendlech, datt et Verstéiss gi géint d'Gesetz vum 2. September 2011 iwwert den Zougang zu eenzel Beruffer. Zweetens, datt eng Konkussioun a keng Korruptioun stattfonnt huet. Dofir ass och déi Terminologie net ganz korrekt, déi de Moment ronderëm geet. Dat ass nämlech e klengen awer feinen Ënnerscheed tëschent deenen zwee. Konkussioun ass festgestallt ginn. Artikel 243 vum Code pénal. Drëttens, informatesch Strofdot ass festgestallt ginn, dat ass den Artikel 509-3 vum Code pénal. A véiertens, en Trafic d'influence, Artikel 248 vum Code pénal.

Dat heescht, jo, et ass net esou einfach, och heibannen, mengen ech, ausser vläicht de Buergermeeschter selwer, mee ech mengen, mir doen eis vläicht alleguer schwéier mat juristesche Feinheeten, an och dat ëmmer ze verstoen. Dofir ass et jo och gutt, wa mer Froe stellen. Et ass och gutt, datt mer haut Äntwerte kréien do drop. Mee mir beweegen eis an engem juristesche Kader. An do hätte mer och léiwer heiansdo, et géif anescht lafen oder mir hunn dat Bewosstsinn, datt Gerechtegkeet vläicht e bëssen anescht ausgesäit. Mee mir sinn awer frou, datt mer an engem Rechtsstaat sinn an datt et do d'Justice ass, déi dat hei préift, mat ganz vill Gewëssenhaftegkeet an Detail. An dat ass dat, wat zréckbehale ginn ass. Dat heescht, do sinn och Saachen dobäi, déi waren eeben net ze beweise schlussendlech, och wa mer et gär gehat hätten. Mee, dat ass leider Gottes herno, dat sinn déi véier Punkten, déi elo zréckbehale gi sinn.

An, dat wollt ech nach just eng Kéier soen, ech stéiere mech e bëssen un deem Ausdrock, et gouf eng Korruptiounsaffär. Also do, jo, dach, et ass elo schonn eng Kéier hei gesot ginn, an der Korruptiounsaffär, net vun Iech vläicht, d'Madamm Kayser, Dir huet et net gesot, neen. Mee et gëtt oft als dat vereinfacht duergestallt. Mer mussen awer eis alleguer d'Méi maachen an e bësse méi genee do kucken, an dat och da respektéiere wat d'Justice hei festgestallt huet. An och nach eng Kéier, datt mir als Gemengerot, mengen ech, ganz transparent hei en cours de route informéiert waren, souwuel iwwert d'Demissioun vun deem Här, nach iwwert verschidden Etappen an där ganzer Affär.

An elo, jo, musse mer kucken, wéi et weidergeet. An ech wëll elo och deem net virgräifen. Ech mengen eise Buergermeeschter geet elo do op d'Detailer an. Ech wollt nach just eng Kéier, just dorop hiweisen, datt ee muss oppassen, wat een och dobausse seet a wéi een et duerstellt. An datt mir heibannen alleguerte mat vill Responsabilitéit un déi Saachen eruginn an dat mat enger Sachlechkeet sollen ugoen, déi der Saach an och, mengen ech, dem Vertrauen, dat d'Leit an d'Institutiounen hunn, net solle schueden. Dat heescht, mir musse Vertrauen hunn an d'Justice. Déi hunn hei enorm vill sech Aarbecht gemaach fir do an dee ganzen Detail ze goen, a fir datt dat net dobaussen den Uschäi gëtt, datt hei iergendeppes net esou leeft, wéi et soll. Mir hätte vläicht léiwer gehat, datt mer méi hätte kéinte beweisen herno, datt d'Justice och hätt kéinte soen: Hei, elo kënne mer him dat noweisen an elo kënne mer eppes an deem Sënn maachen.

Jo, zu der Kontroll. Ëmmer erëm deet et mir wéi als Kommunalpolitikerin. Mir schaffen hei all fir d'Gemeng Diddeleng. An ob mir elo hei am Gemengerot sëtzen oder als Fonctionnaire oder Employé schaffen. A wat een natierlech méi Responsabilitéit huet, wat een och méi Vertraue genéisst. A mir mussen eis och kënnen als Kommunalpolitiker op dat Vertraue verloossen. Mir haten där Fäll schonn heibannen. Kriminell Energie ass ganz schwéier an et deet och wéi herno, wann een zréckkuckt an et seet een, okay, do war ee ganz professionell a ganz exakt amgaang eist Vertrauen ze mëssbrauchen. Wann s de, soe mer mol am Volleksmond, déi selwecht Persoun de Bock an de Gäertner ass, dann, a sech selwer kontrolléiert, an dat seng Aufgab ass, fir sech, fir d'Leit ze kontrolléieren. Hie steet dann un der Spëtzt vun där Pyramid an hie mëssbraucht dat, dann ass dat e schwéiere Vertrauensverloscht. An dat ass och net einfach, muss ech éierlech soen, och als Gemengepolitikerin dat ze gesinn. An och, mir wëlle jo och net, mir kënne mol guer net, mir kënnen net dohigoen a jiddweree kontrolléieren, mir mussen eis do einfach och dorobber verloossen, datt jiddwereen d'Deontologie och vu Fonctionnaire, dat wat e geschwuer huet als Fonctionnaire, respektéiert. An dat ass hei net passéiert. Bon, ech wollt dat just als Bedenke matginn an ech ginn da gäre fir déi juristesch Detailer d'Wuert un de Buergermeeschter, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kohn. Bon, virop emol Merci der Oppositioun, dass se déi Initiativ da geholl huet, fir dat heiten op den Ordre du jour ze setzen, och mat de Froen, do mengen ech, kloer an Ärem Rôle vun der Kontrollfunktioun. Ech mengen, dass dat ganz, ganz normal ass an och ganz, ganz richteg ass. Merci och, voilà, generell fir déi Stellungnamen déi hei am Gemengerot gemaach goufen. Ech wäert pro-

béieren op verschidde Punkten anzegoen, an da kënnen herno och ganz gären hei d'Kolleegen aus dem Schäfferot och nach Punkten erwänen oder Stellung huelen.

Mee generell muss ee soen, vun Ufank un, et concernéiert eng Persoun an nëmmen eng Persoun. An ech sinn do ganz bei Iech, et ass net opportun, dat ganzt Gemengepersonal a Generalverdacht ze stellen. Ech mengen do sinn ech ganz, ganz bei Iech. Dir hutt Är Froe gestallt, mee ech fänke vläicht mat e bësse méi generell Consideratiounen un. Ech menge wann een oppen iwwert den Dossier hei soll kënne schwätzen, well jo och elo eng Rei Saache virleien. Also deen Dossier huet am Fong zwee Voleten. Dir hutt e penalen Dossier, deen 2017 entaméiert gouf an 2025, 8 Joer duerno, zum Ofschloss komm ass. Dir hutt de Volet disciplinaire, deen de Schäfferot entaméiert huet, deen ass 2017 ugefaangen an ass 2019 ofgeschloss ginn. Also en Dossier, deen zwee Voleten huet, dee gläichzäiteg gestart ass, mee deen duerno zwou Temporalitéiten eebe kritt huet, well zwou verschidden Instanzen eeben halt drop geschafft hunn, disziplinaresch a penal.

An ech muss Iech ganz éierlech soen, ech war engersäits selwer iwwerrascht, dass no 8 Joer e Jugement komm ass, well et denkt ee jo net all Dag un deen doten Dossier. An och nodeems, an ech wäert nach eng Kéier drop agoen, 2019 de Conseil de discipline seng Decisioun par rapport zum besoten Här ausgesat huet. Ech ginn herno nach eng Kéier e bëssen effektiv drop an. An ech war och iwwerrascht, well mir ware jo och, an dat ass jo och Partie intégrante vum Jugement sur accord, ware jo och Membere vum aktuellen a vum viregten, also Schäfferot, waren 2021 bei der Police judiciaire, also wéi gesot gutt 4 Joer hier. A mir waren och net um leschte Stand vun der Affär, déi de Ministère public, respektiv de Parquet eebe behandelt huet. Duerfir soen ech, ech war schonn iwwerrascht, dass no 8 Joer dat kënnt. Mee dat ass gutt, dass d'Jugement do ass, well et bréngt ganz kloer en Ofschloss zu där ganzer Affär, quoi que, do kënne mer herno weider driwwer diskutéieren. Well mir hunn eng Verurteelung virleien a mir hunn och eng Diskussioun hei am Gemengerot.

Wéi gesot, an dass de ganze Schäfferot 2017, an et ass net de Buergermeeschter eleng deen d'Procédure disciplinaire ass, et ass de ganze Schäfferot, dee jo déi Procédure disciplinaire entaméiert huet. A wann een déi Prozedur ufänkt, et ass jo am Fong en Aboutissement vu Faiten, déi mer festgestallt hunn no enger ganzer Rei Recadragë mëndlecher an och schrëftlecher Natur am Verlaf vun de Joren. A mir waren do als Schäfferot net inaktiv. Mir hunn eis Responsabilitéit geholl am Kader vun deene Recadrage respektiv och d'Responsabilitéit geholl deementspriechend eng Procédure judiciaire anzeleeden. A wéi gesot, parallel ass jo dann déi Denonciatioun komm. An och dat ass mengen ech Bestanddeel vum Jugement sur accord. An et fënnt ee jo och am Déngen erëm an och am besoten Artikel, dass jo eng Denonciatioun war vum deemolegen Inneminister un de Parquet. Mir haten am Fong an der Prozedur, d'Affaire disciplinaire war ëm déi 460 Säiten, a mir haten am Fong de 14. Juli 2017 de Gemengerot informéiert, dass mer géifen eng Procédure disciplinaire vis-à-vis vum besote Beamten entaméieren. Mir haten och hei am Gemengerot, de 15. September 2017 huet de Gemengerot unanime d'Demissioun dem besoten Agent accordéiert, mat der Mention expresse, géif ech soen, dass d'Procédure disciplinaire weiderleeft.

Déi besote Persoun ass säit dem 1. August 2018 an der Pensioun. An d'Decisioun vum Conseil de discipline, déi war de 4. Abrëll 2019. A mir haten am Fong d'Decisioun vum Conseil de discipline hei am Gemengerot, am Huis clos, de 7. Juni 2019. A voilà, de Conseil de discipline, et ass net datt se d'Schäfferot d'Prozedur ofgebrach huet, mee de Conseil de discipline, par rapport zu deenen Decisiounen, déi en huele kann, par rapport zu Sanktiounen, déi en huele kann, huet keng geholl, well en einfach d'Decisioun vun der Sanktioun ausgesat huet. En huet am Fong d'Affaire klasséiert. Dat heescht, en huet keng Decisioun geholl. Effektiv dann och, an do hu mer eis och berode gelooss, deemools hate mer jo och hei beschwat, och vun eisem Jurist, dass et schwiereg ass, wann eng Affär ausgesat gëtt, Recours dogéint ze maachen.

Wéi gesot, mir haten dat hei de 7. Juni 2019 beschwat. A mir hunn och mengen ech hei d'Meenung gehat, dass et effektiv an där Constellatioun et wéineg Sënn mécht an Appell ze goe well juristesch, do gëtt och keng Jurisprudenz, ass et wierklech ganz, ganz schwiereg, well ee keng Decisioun virleien huet vun enger Sanktioun, wou souwuel de Beamte wéi dann och de Schäfferot ka Recours maachen, respektiv duerno de Gemengerot. Sou dass mer dat effektiv esou aktéiert hunn. Sou dass am Fong déi Affaire disciplinaire 2 Joer gedauert huet. A wéi gesot, déi penal Affaire 8 Joer. An ech mengen et ass jo och en Dossier vun 372 Säiten. A voilà, ech mengen deen huet et jo och deementspriechend a sech. An do gesäit ee wat d'Envergure vun där ganzer Geschicht ass. De Gemengerot, dee war jo 2017 en possessioun vun der Decisioun vum Conseil de discipline. An Dir hutt och an de leschte Méint de Jugement sur accord kritt, fir och do Transparenz ze hunn. Well mer jo woussten, dass deen doten Dossier dann deementspriechend zu engem Enn kënnt. Dat waren e bësse méi déi generell Considératiounen, déi ech hei wollt ze ginn, éier ech elo dann op Är Froen och deementspriechend aginn.

Ech wëll hei soen, dass de besote Beamte keng Prestation de consultance fir d'Stad Diddeleng gemaach huet, en huet keng extra Servicer bezuelt kritt. Dat ass och alles iwwerpréift ginn. Déi Montanten, déi effektiv hei gefrot ginn, dat sinn am Fong, hie war Member, respektiv Sekretär vu Gemengekommissiounen. An Dir frot hei effektiv: Wat war de Montant, wou ausbezuelt gouf? Dee Montant, dee fënnt een am Jugement sur accord. An dat si Montante vun der Period 2004 bis 2016. An dat si 15.524,31 Euro, wou d'Stad Diddeleng him ausbezuelt huet. An dat waren dann exklusiv eebe Gemengekommissiounen, wou en entweeder Member respektiv Sekretär oder Expert war. Dat heescht, dass keng zousätzlech Saache vu Prestatiounen dobäikoumen, wat d'Stad Diddeleng betrëfft. Dat ass emol eng éischt Äntwert op Är Fro. Dat sinn am Fong da Jetonen, déi ausbezuelt goufen. A wéi gesot, de Montant, dee steet am Jugement sur accord, par rapport zu deem wat alles opgeläscht gouf vun Interventiounen op anere Gemengen.

Ech hat virdru gesot, dass et vun 2015 un eng ganz Rei Recadragë gouf, wéi gesot, mëndlech an och schrëftlech, déi progressiv zougeholl hunn, well mer hei mat engem Beamten ze dinn haten, deen eng wichteg Positioun hat, wou een och e Vertrauen huet a wou mer och ganz kloer gesot hunn, dass eng Rei Saache musse geännert ginn. A well dat och net stattfonnt huet, hu mer méi hardi Justifikatioune gefrot. Dofir sot ech, d'Procédure disciplinaire, déi 2017 entaméiert gouf, fousst jo op Demarchen, déi mer am Virfeld gemaach hunn, wou mer aktiv goufen. A vu dass mer déi Justifikatiounen net kritt hunn, ass et eis e gewëssene Moment duergaangen an hunn, wéi gesot, och do formell verbueden, all weider Aktivitéiten ze maachen, wou en eis erugedroe goufen, respektiv och decidéiert, déi Procédure disciplinaire ze entaméieren. Wéi gesot, 2017 ass et deementspriechend och lassgaangen.

Dann eebe par rapport zu deene Froen, par rapport zu der Kontroll. Also et ass net, dass mer keng Kontroll gemaach hunn. Wéi gesot, mir hate Momenter, Entretienen, respektiv Courrieren. An déi Courriere gi jo och ënner anerem am Jugement sur accord opgefouert an och zitéiert. Dat weist also, dass mer, wéi gesot, och aktiv waren. Do hu mer och opgefuerdert, déi Prozeduren opzeleeën. Do ass et duergaangen. Wéi gesot, dat ass net gemaach ginn, an do hu mer do déi Procédure disciplinaire och deementspriechend entaméiert. Et ass och déi Fro: Wéi war dat méiglech? Ben, normalerweis ass et esou, dass d'Chef de servicen, d'Supérieur hiérarchiquen de Pointage bei sech selwer maachen. Et ass gefrot ginn : Wat ass, wéi ass d'Situatioun elo? Natierlech, no där ganzer Affär do gëtt en zousätzleche Contrôle agefouert. Mir hunn och en neie Pointage-System. Wann e Beamte seng Iwwerstonnen andréit, dass si och vum Supérieur hiérarchique musse validéiert ginn, respektiv gëtt dat och nach eng Kéier um Niveau vun de Chefs d'administration deementspriechend iwwerpréift. An ech kann och soen dass, bon, dat ass zwar elo eng aner Fro, déi kënnt, mee jo, dass op alle Fall keng weider Fäll vun Abusen eis bekannt sinn, ausser, wéi gesot, deen doten.

Dann, par rapport zur Fro zu der Disziplinarprozedur. Also et ass net richteg, dass elo de Schäfferot decidéiert huet d'Disziplinarprozedur ofzebriechen. Et ass, wéi ech erklärt hunn, an dat stoung jo och am Jugement vum Conseil de discipline, dat dem Gemengerot zur Verfügung stoung, 2019, dass de Conseil de discipline seng Decisioun ausgesat huet mam Constat net nëmmen, dass de besote Beamten demissionéiert huet, mee och, dass e säit 2018 an der Pensioun ass. An ech mengen dat waren d'Grënn, dass se hien net méi kënne belaangen, och wa se hätte kënnen theoreetesch eng Decisioun huelen. Bon, et ass eng Decisioun vun engem Organe indépendant vun der Justiz. An och mat den Diskussiounen, déi mer do hate mat eisem Jurist, wéi gesot, et ass ganz schwéier géint eng Net-Decisioun Recours ze huelen. An ech hat jo virdrun ugangs gesot, e bëssen de generelle Kader, dofir ass et jo och herno an de Gemengerot komm, do hate mer och dann hei eng Diskussioun wat d'Decisioun vum Conseil de discipline och deementspriechend ugeet.

Da war d'Fro, ob eis Membere virun der Demissioun der Situatioun bewosst waren? Ben, wéi gesot, mir hunn d'Demissioun jo hei am Gemengerot gestëmmt. De Gemengerot huet dat unanime och matgedroen. A mir waren zu deem Zäitpunkt jo och alleguerten der Meenung, dofir hu mer jo och unanime d'Demissioun gestëmmt, dass et am Interêt vun der Gemeng wär a vun all de Servicer, dass déi Persoun demissionéiert gëtt, quitte dass d'Procédure disciplinaire weidergefouert gëtt, wéi effektiv dann och Kloerheet ze schafen um Niveau vun der Affaire disciplinaire. Wéi gesot, déi ofzebriechen, dat wier also juristesch schwiereg gewiescht, well, wéi gesot, de Conseil de discipline formal keng Decisioun geholl och huet. Voilà, an deen Austausch hate mer jo dann och hei zesummen.

Dann d'Fro : War en Appell an d'Affaire disciplinaire méiglech? Wéi gesot, schwéier méiglech, vu dass keng Decisioun geholl gouf. Bon, elo si mer awer, an dat wëll ech hei soen, an der Situatioun, dass, wann de Conseil de discipline op där enger Säit seng Decisioun ausgesat huet, hu mer hei awer e Jugement sur accord, deen an enger offizieller Audience vum Geriicht aktéiert gouf, deen also am Fong an Applikatioun ass. Wou natierlech do eng Prisongsstrof op Sursis geschwat gouf an och eng Amende. Mir hunn awer elo e Jugement virleien. Dofir hunn ech virdru gesot, ass et engersäits gutt, dass d'Prozedur zum Schluss kënnt, och wann déi laang Delaie waren, an dass de Jugement sur accord och esou ausgeluecht gouf, wéi en ausgeluecht gouf, dat huet jo och mat den Delaien ze sinn. An dat kann ee jo och am Jugement sur accord noliesen an der Argumentatioun vum Parquet, vum Ministère public. Mee elo, wou mer effektiv virleien hunn, dass eng Culpabilitéit do ass, vu dass mer och elo schwaarz op wäiss virleien hunn, dass eng Manipulatioun vun de Pointagë gemaach gouf, kann ee mengen ech ganz kloer envisagéieren, quitte dass mer och dat schonn ofgekläert hu mat eisem Jurist, ob mer net e Schratt méi wäit ginn an och Schuedenersatz froen. Dat gëtt net einfach, well Schuedenersatz froen, da muss een och Preuven hunn, deementspriechend wat, dat ass jo monetäre Charakter, dat muss een och kënne chiffréieren. Dat hu mer eng Kéier duerchgeschwat. Dat gëtt net einfach. Mee ech mengen elo, wou mer awer och schwaarz op wäiss e Jugement virleien hunn, kënne mer op alle Fall mol probéieren, fir deementspriechend deen dote Wee anzeleeden, fir Dommages et intérêts ze froen.

Wa mer déi Richtung ginn, brauche mer natierlech och eng Autorisation d'ester en justice hei vum Gemengerot. Mee ech mengen, dass dat dee Wee ass, deen ech mer als Buergermeeschter, respektiv de Schäfferot sech kéint virstellen, fir, och wann den Dossier um Penalen zum Ofschloss komm ass, dass mer awer zivilrechtlech deementspriechend virginn. Wat d'Issue dovunner wäert sinn, bon, dat wësse mer net. Dat hunn dann aner Acteuren an der Hand wéi mir. Dat ass dann eng Affaire vun der Justiz. An, mengen ech, och wann et net evident wäert ginn, soll dat eis awer net mol ofhalen, dat als nächst Schrëtt ze envisagéieren. Voilà. Dat war, wat ech elo hei wollt vu menger Säit aus soen. An ech mengen ech hat probéiert, op alleguerten d'Froen anzegoen. A wéi gesot, wann elo hei d'Kolleegen aus dem Schäfferot nach gäre wëlle Stellung huelen, kënne se dat och nach gäre maachen. Dat ass net de Fall, dann ass d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, virun allem och fir déi ganz kloer Wierder. Et ass effektiv virun allem, éischtens emol, et ass eng kriminell Aktivitéit, déi mer hei feststellen. An Dir hutt am Fong d'Äntwert ginn op eng Fro, déi ech Iech wollt stellen. Et war nämlech d'Fro : Wéi ass et gaangen, dass mer eeben déi Affaire disciplinaire net weider suivéiert hunn? Dir hutt dat ganz gutt ausgefouert. Ech war nämlech souwuel an där Sitzung dran, wou mer den Här an d'Pensioun geschéckt hunn, wou mer explizitt nach dra geschriwwen haten an der Deliberatioun, Dir hutt et och scho gesot gehat, dass mer déi Demissioun accordéiere « sous la réserve expresse de la poursuite de la procédure disciplinaire entamée ». An ech war och an där Sitzung dran am Juli 2019. Ech konnt mech do elo net méi erënneren, wéini dat genau war. Mee ech ka mech awer nach erënneren, dass mer rieds haten, dass mer mam Jurist eis ofgeschwat hunn, dass mer mer dee Moment net kënnen an Appell goe well déi Affaire souzesoe rout, ausgesat gouf, wat onglécklech ass. An ech sinn absolutt mat Iech, wann Der elo sot, hei elo hu mer en Urteel, dass mer effektiv entweeder en Dedommagement froen oder nees opgräifen. Ech weess net wéi dat méiglech wär, ob dat geet, och vun där Affaire disciplinaire, déi einfach ausgesat gouf, well jo awer elo e ganz neie Moment ass. A wann en neie Moment ass, bon, wéi gesot, Dir wësst dat besser, Dir sidd Jurist.

Awer, wéi gesot, mir fannen et och grad och an der Optik, dass vill Leit hei am Haus onzefridde ware mat deem Klassement oder Leit och dobaussen. Jiddwereen deen am Fong éierlech ass, war onzefridden, dass dat einfach klasséiert gi war an ad acta geluecht ginn ass. An dat wär, denken ech, vun eiser Säit op jidde Fall ze begréissen, dass mer do awer weider eng Prozedur maachen, fir en Dedommagement ze kréien. A wann et nëmmen een Euro ass. Dass einfach och e Message no baussen ass: Hei lauschter, dat do geet net, Du kanns net eng Gemeng esou beducksen, déi däi Patron ass. Wou mer e bëssen e Geschmäckle hunn, dat ass, wann Der eis sot, dass Der scho säit 2015 probéiert hutt, den Här ze recadréieren an em de béise Fanger gewisen hutt, a warscheinlech alleguer déi Avertissementer an esou weider, wat een alles muss sammelen, éier een eng Prozedur ugeet. Mir wëssen, dass dat net evident ass, dat och Pièces à l'appui ze hunn, fir kënnen en Dossier disciplinaire opzemaachen.

Mee den Zäitpunkt vun der Prozedur, hm, et war jo awer och esou, dass grad an deem Zäitpunkt och den Innenminister e bëssen ënner Drock geroden ass, well eeben eng Firma sech schlecht behandelt gefillt huet an de Soumissiounen. An dunn ass déi ganz Saach jo och um nationale Plang e bëssen erauskomm. An dunn huet den Interieur missen eng Plainte maachen. An zoufälleg hu mir och grad an deene Méint eis Prozedur entaméiert. Dat huet e bëssen e Geschmäckle. Mee bon, loosse mer dat emol esou am Raum stoen, firwat net éischter eppes geschitt ass. Well 2015 bis 2017 ass jo awer laang. An et schéngt jo awer net, wéi wann de Verurteelten do iergendwéi eng Reue gewisen hätt oder e bësse geduecht hätt, oh, ech schécke mech elo. Mee hien huet sécher gesot, bon, déi kucken duerch d'Fangeren a mir wäert schonn näischt geschéien.

Et muss ee vläicht awer och nach eng Kéier, fir den Dossier komplett ze gesinn, och vläicht eng Kéier soen, dass déi Persoun, déi mer 2004 agestallt hunn, wou och eng CSV-Conseillère sech zum Beispill och enthalen hat bei der Astellung, well bekannt war, an dat steet och am Avis, also am Geriichtsurteel, dass se scho bekannt war op enger anerer Plaz, dass en och déi selwecht Geschäfter scho gemaach huet. An do och, lo hunn ech meng Zitatsziedel hei verluer. Voilà, de Commissaire du Gouvernement adjoint, de Chargé de l'instruction disciplinaire, huet gesot : « Je vous informe que monsieur a fait l'objet d'une instruction disciplinaire pour des reproches similaires en 2004. Cette instruction a uniquement dû être abandonnée en raison de la démission de monsieur de son poste de fonctionnaire d'Etat » am Ministère.

Dat heescht, dat war bekannt 2004, dass do schonn eng Procédure en route wär, an dass en do déi selwecht Reproche gemaach huet. An duerno 2004 ass den Här, de Fonctionnaire du bei eis an d'Gemeng komm. Also ech mengen et war jo net wéi wann do keen iergendwéi eppes virdru scho gewosst hätt, well dat war awer bekannt. An dass et do net scho vun Ufank un en A drop geworf ginn ass op déi Geschäfter, déi genau dunn en continu weidergefouert gi sinn hei op der Gemeng, do kann ee bëssen eng Negligence awer trotzdeem dem deemolege Schäfferot dann awer vläicht ukräiden. Voilà. Also mir wäre frou, dass mer géifen do déi disziplinaresch, also déi Prozedure kënnen entaméieren, déi mer kënnen entaméieren. Well d'Gemeng gouf beduckst, Dir hutt et elo gesot gehat, en huet Jetone kritt, well en a verschiddene Kommissiounen dra war. Bon, ob dat legitim ass, wann s de an all Sitzung, wou s de bass och nach Jeton kriss, dat sief dann dohinner gestallt. Deemools war et och nach vläicht eng aner Gesetzgeebung.

D'Zomm, hutt Der gesot, dat ass richteg. Mee et sinn net nëmmen déi 15.524 Euro, mee et sinn awer och de Manipulatiounssystem vum Pointage, do ginn d'Evaluatioune vum Schued, deen d'Gemeng kritt huet, vun 904.000 Euro op 1,1 Milliounen. An, wat een awer och net däerf vergiessen, dat ass och nach e klenge mini Punkt, deen awer och nach Fraisen entaméiert huet fir d'Gemeng. Mir hunn den Här missten ersetzen. An do hate mer dann en anere Beamten, deen huet dunn och nach eng Charge extraordinaire vun der Aarbecht gehat an deen huet eis dunn och doropshin, am Gemengerot, hu mer deem och votéiert, dass dee 50 Punkten extra kritt huet. Dat war deen Här, deen d'Aarbecht huet missen iwwerhuelen, vun deem Här, deen du gaangen ass. Dat heescht, och do, dat sinn och nach Fraisen, déi d'Gemeng och nach zousätzlech hat aus där ganzer Affär. Bon, wéi gesot, mir soe Merci fir déi éierlech Äntwerten, déi och ganz komplett waren. A mir hoffen, dass mer hei net einfach soen, bon, bref, dat war et. An ech denken, am Numm vun eiser Fraktioun, mir géifen dat schonn awer gutt fannen, wa mer elo awer nach géifen d'Méiglechkeete préiwen, déi mir hätten, fir do nach weider en Dossier opzemaachen, fir vläicht awer och als, jo, wéi soll ee soen, als Geschiedegten awer nach ze froen, ob mer nach eppes kënne kréien. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wéilt mech deem uschléissen. Ech soen och Merci fir déi Äntwerten do. Ech wollt awer och ganz kuerz drop agoen, do stoung elo am Raum, dass mer Korruptioun, dass mir dat an de Raum geheit hätten. Mir hunn eis déi ganz Fro iwwer op en Artikel baséiert, wou mer och d'Quell derzou uginn hunn, dat vläicht just richtegkeetshalber, wat elo e bëssen an där klenger Léierstonn iwwert de Justizsystem vun der LSAP-Spriecherin da vläicht awer ënnergaangen ass. Ech hunn et gutt fonnt, dass mer awer aus deem juristeschen Terminologiedeel du séier d'Kéier kritt hunn, an dass de Buergermeeschter eis awer konnt kloer erklären, wéi d'Siicht op d'Saachen ass an och wat d'Méiglechkeete sinn. Do bleiwe mer dann allerdéngs nach e puer Froen, déi ech ganz gäre wéilt stellen. An zwar koum als Äntwert, dass en als Expert a Kommissiounen dann täteg war an dofir seng Jetone kritt huet.

Mech géif interesséieren an als wat en Expert war, dat heescht eng Expertise a wat hat en, fir bei deene Kommissioune mat derbäi ze sinn? Well a sengem Posten ass jo eigentlech elo, fält mer elo spontan keng Kommissioun an, wou se da kéints als Expert iergendwéi mat derbäi sinn. Respektiv wann den Expertentum drop baséiert bei deem wat am Artikel steet, vu wou en déi Expertise dann hätt kënne kréien, wann een näischt gewosst gehat hätt. Et ass immens vill Conditionnel dran, Dir mierkt. De Schuedenersatz fir d'Gemeng, dat begréisse mer och, dass dat doten eng Optioun ka sinn, déi gepréift gëtt. Ech denken dat geet jo dann eng Kéier an de Gemengerot, dass mer doriwwer diskutéieren. An dat wieren dann déi nächst Schrëtt. Op jidde Fall si mer do och bei der Madamm Kayser hirer Ausso, dass mer dat géifen ënnerstëtzen. Well ech mengen et ass wéi d'Madamm Thoma virdru gesot huet. Et geet drëms fir engersäits d'Gemeng, anerersäits och d'Diddelenger an awer och eis iergendwéi do net op der Nues ronderëm danzen ze loosse vun deem heite Fall. Well dat ass awer trotzdeem e bëssen dat wat zirkuléiert. An ech mengen dofir hu mer déi Froen do och gestallt, fir déi Kloerheeten do och fir d'Leit dobaussen ze hunn an och fir d'Gemengenugestellten, déi awer dagdeeglech eng gutt Aarbecht hei maachen. Ech mengen dat ware meng Froen. Ech soe Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, da ganz kuerz och vun eiser Säit nach eng Kéier Merci fir déi detailléiert Äntwerten. Jo, et kann ee lo iwwert d'Terminologien diskutéieren. Korruptioun ass net dat selwecht wéi Konkussioun. Et ännert awer absolutt näischt un dëser Affär an un eise Froen. Dowéinst interesséiert eis dat lo e bësse manner. Dir hutt gesot dass, d'Madamm Kayser ass och schonn drop agaangen, dass scho Jore mëndlech a schrëftlech e Recadrage gemaach gouf. Well mir verstinn och, dass musse Beweiser gesammelt ginn. Mee grad bei der Manipulatioun vun der Pointeuse, wat jo da schéngt den Haaptproblem gewiescht ze sinn, wann dat anert Jetone fir Kommissioune sinn, och wann do nach d'Fro effektiv mat den Experten op ass.

D'Manipulatioun vun der Pointeuse, déi ass awer relativ einfach ze beweisen. Also mir kenne jo alleguerten dee System vun eiser Pointeuse. Do zitt een de Relevé eraus an da gesäit ee wéi vill Stonne manipuléiert goufen. Also do froe mer eis dann och firwat et dann awer nach relativ laang gedauert huet. An et steet jo och am Artikel, dass et de Minister ass, deen eeben do d'Justiz eigentlech, also bei der Justiz denoncéiert huet. Do bleift eis dann effektiv och d'Fro, et huet relativ laang gedauert. A wann déi aner Saach net opgeflu wier, wéi laang hätt et dann nach gedauert? Mee nichtsdestotrotz si mer da frou, dass et elo esou wäit opgeschafft gouf, wéi et eeben opgeschafft konnt ginn. An wann de Schäfferot op de Wee geet, fir do nach weider zivilrechtlech oder anescht där Affär nozegoen, dann huet en op alle Fall och d'Ënnerstëtzung vun der lénker Fraktioun, well mir mengen, dass dat wierklech wichteg wier als Zeechen no baussen an och als Zeechen un déi Leit, déi deemools hei geschafft hunn oder nach ëmmer hei schaffen a vläicht och e bëssen dat Ongerechtegkeetsgefill do hunn, dass mer awer zumindest elo alles maachen, wat mer kënnen, fir dat opzeschaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools merci. Nach weider Stellungnamen? Okay, da géif ech och vläicht op e puer verschidde Punkten agoen. Merci och nach eng Kéier fir Är Froen. Ech géif einfach vläicht eng Kéier kuerz op d'Affaire disciplinaire agoen, also par rapport zu der Net-Decisioun respektiv zur Decisioun, dass et ausgesat gouf. Normalerweis, wann een e Conseil de discipline huet, wa mer am Administrative sinn, do huet een Delaie fir Recours, dat sinn 3 Méint, dat ass dat wat d'Gesetz virgesäit. Hei si mer wäit dovunner ewech. Dat heescht, disziplinaresch kënne mer an deem Sënn näischt méi maachen. An en plus, wéi gesot, et ass jo keng Decisioun geholl ginn. Si ass ausgesat gi juristesch gesinn, mat enger Argumentatioun effektiv, déi de Conseil de discipline virgefouert huet. Bon, also ech mengen déi Prozedur ass awer zäitgläich plus minus, op quelques écarts, mat Ënnerscheed vun engem Mount entaméiert ginn, de part et d'autre, souwuel dat Disziplinarescht wéi och dat Penaalt.
A mir waren dee Moment, dat muss ech awer scho soen, prett fir, onofhängeg vun deem penale Volet, disziplinaresch ze leeden, well mer schonn eng ganz Rei Saachen ugesammelt haten.

Grad mat sou engem Beamten, do huet ee jo natierlech e gewëssent Vertrauen. A wann dat effektiv ofhëlt oder wann ee Recadragë mécht, dann natierlech mierkt een, dass, wann d'Vertrauen ofhëlt, een op eemol keent méi huet. Da fänkt een och un, Saachen awer ze kontrolléieren, domadder ze confrontéieren. Ech mengen dat ass eng ganz Dynamik, e ganze Prozess. Da kritt een dorobber Äntwerten. Da si vläicht Saachen, déi sech änneren, am Positiven oder net änneren oder verschidde Saachen, dat ass jo eng gewëssen Dynamik, déi entsteet. Dat heescht mir sinn ëmmer do awer als Schäfferot um Ball bliwwen an hunn zesumme mat eise Servicer awer och eng ganz Rei Saachen iwwerpréift, déi eis effektiv dann 2017 dozou gefouert hunn, eng ganz Rei Elementer an Dokumenter ze hu fir d'Affaire disciplinaire, fir déi kënnen ze entaméieren. Well wa mer de Commissaire à l'instruction disciplinaire saiséieren, dee kënne mer net einfach esou saiséieren. Do musse mer schonn Dokumenter hunn, fir dass deen eng Procédure disciplinaire iwwerhaapt deementspriechend ufänkt.

An da kann ee jo souwisou nach eng Rei Saachen nofroen. An dat huet en och méi wéi eng Kéier gemaach. An do ass de Volume vum Dossier, deen ass wéi en ass. Dat seet jo deementspriechend och schonn och genuch aus. Ech weess elo net méi genau, Här Steffen, wat iwwerall seng Fonctioune waren. Ech weess einfach insgesamt, et waren dräi Fonctiounen, wou en och vun der Gemeng Diddeleng Jetone kritt hunn, wat dee Montant do ausmécht a wou effektiv dann och duerch de Gemengerot gaangen ass. Dat kann ee sécher nach eng Kéier nokucken an den Deliberatiounen, an den Archiven, wat dat deementspriechend alles war.

Mee, wéi gesot, elo ganz genau kann ech Iech et net soen. Jo, mir sinn dann och frou ze héieren, dass awer hei de Schäfferot den néidege Secours dann och huet, fir déi nächst Schrëtt dann ze entaméieren, fir dann de Schuedenersatz. Do muss natierlech och sécherlech gekuckt ginn oder vläicht och eng Expertis gemaach ginn, kucke wat kënne mer alles an dee Montant vum Schuedenersatz mat eranhuelen. Sief dat, wéi gesot, déi Pointagen. Sief dat awer och dat, wat mer en Surplus hu missen astellen. Ech mengen dat si Saachen, déi wäerte mer elo dann och méi am Detail mat eisem Jurist, mat eisem Affekot klären. An dann och do déi néideg Schrëtt. A wéi gesot, vläicht dat wat mir elo maachen, vläicht sinn och nach aner Acteuren, déi wëllen nozéien, wat ech net weess. Mee op all Fall mengen ech si mir hei an der Responsabilitéit dat doten emol esou ze proposéieren an och dann déi néideg Schrëtt ze huelen. Voilà. Gutt, da soen ech Iech villmools Merci fir déi sachlech Diskussioun.

# 9. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech op den zweete Punkt iwwergoen. Dat ass eng Fro vun der DP, wat d'Personalpolitik ugeet. Ech géif Är Fro resüméiere mat och mat Äre Froen, déi Der stellt an Iech dann och eng Äntwert ginn. D'DP notéiert dass d'Personalpolitik vun der Gemeng Diddeleng an de leschte Méint direkt e puermol an de Medien thematiséiert ginn ass. Et war jeeweils vu Mataarbechter rieds, déi an d'Disziplinarverfaren verwéckelt waren. Dofir d'Fro: Gëtt et, sou wéi de Statut et virgesäit, bei Disziplinarprozeduren en Ordre de justification un d'Beamte geschéckt? Ginn Auditioune mat de Beamte gemaach? Ass ee vun der Personaldelegatioun dobäi? A gëtt e Rapport disciplinaire verfaasst? A wa jo, wien huet alles Zougang zu dësem Rapport? Dat wär deen ee Volet vun der Fro.

An deen anere Volet vun der Fro ass, dass Der gär wësse wéilt, wat am Joer 2023, 2024 an 2025 vun disziplinaresch Prozeduren un de Kommissär weidergeleet gouf a wéi vill dass der am Moment nach am Lafe sinn a wat d'Grënn ware vun deenen Dossieren. Da sot Der, dass een noliese kann an engem Artikel vu Reporter.lu, dass dee Pointage manipuléiert gouf an dass et jo och net déi éischte Kéier ass, dass Pointage-Manipulatiounen an der Diddelenger Gemeng virgeholl goufen. An Dir wëllt do gäre wëssen: Wéi ginn d'Aarbechtszäiten dokumentéiert? Wéi vill Onreegelméissegkeete goufen an de leschte 36 Méint festgestallt? Sinn op Suitte vu vergaangene Verstéiss, bekannte Verstéiss, Moossname geholl ginn? A ginn all Servicer op déi selwecht Manéier kontrolléiert? Ech mengen hat probéiert Är Froen ze resüméieren. Ech hunn et am Fong ganz gelies. Da géif ech probéieren, och déi néideg Äntwerten ze ginn. Also, mir ass just vun enger Affär bekannt, déi e puermol an de Medie war an deene leschte Méint. Et sinn net e puer Affären, mee et ass eng Affär, an dat war déi vun eisem Service Informatique. Wéi gesot, dass se e puer mol an de Medie thematiséiert gouf wéinst Disziplinarverfahren. Also et ass just eng Affär ronderëm eise Service Informatique. Also et ass just am Fong een Dossier, deen e puermol an der Press war.

Dann, par rapport zu Feelverhale bei Prozeduren. Ben, et gi mengen ech jo verschidde Prozeduren. Et gi Prozedure bei de Beamten, bei de Fonctionnaires communaux, bei den Employés communaux an déi bei de Salariéen. Bei deenen engen do spillen d'Dispositioune vun der Procédure disciplinaire sou wéi d'Gesetz et virgesäit. A bei de Salariéen, do hu mer de Kollektivvertrag. A mir halen eis do natierlech un déi Prozeduren, engersäits vum Gesetz, respektiv déi vum Kollektivvertrag. Ech wäert elo net alles oplëschten. Mee voilà, do sinn eng Rei Prozeduren, déi ee muss anhalen. Et muss een och normalerweis d'Procédure administrative non-contentieuse och anhalen. D'PANC-Gesetz kann een eng Enquête préliminaire maachen. Et kann een och en Ordre de justification ausschwätzen, wann een effektiv Mataarbechter an e Gespréich rifft kënne se sech och begleede loosse vun engem Beamten oder engem Vertrieder vun der Delegatioun, vun hirem Choix. Ech mengen dat ass dat och schonn emol gemaach gouf, déi Méiglechkeet gëtt et.

An dann natierlech, wéi gesot, wann ee wëll eng Instruction disciplinaire maachen, bon do ass de Schäfferot jo net dofir kompetent, hie gëtt et weider un de Commissaire à l'instruction disciplinaire. An de Commissaire, dee kuckt dann a sengen Attributiounen deen Dossier deementspriechend weider ze dreiwen an deem Sënn, dass e weider enquêtéiert à charge et à décharge. An dann herno och dann entweeder den Dossier weider gëtt un de Conseil de discipline oder awer eng vun deenen éischten dräi Sanktiounen, souwéi d'Gesetz et virgesäit, och deementspriechend ka schwätzen. Well och déi Fakultéit huet en. Also de Commissaire à l'instruction disciplinaire kann en Avertissement ausschwätzen, eng Reprimande an eng Amende. An alles dat anert, dat muss en da weiderginn un de Conseil de discipline, deen alleguerten d'Strofe kann, wéi gesot, ausschwätzen. Voilà, ech mengen dat ass e bësse par rapport dozou.

Dann d'Fro : Wéi vill Disziplinaraffäre goufen et 2023, 2024 a 2025 ? Also wéi gesot, 2023 hate mer keng Affaire disciplinaire. 2024 hate mer 1 Affaire disciplinaire, dat war ee Mataarbechter, do wou mer kierzlech och hei am Huis clos de Gemengerot den Dossier och och haten, eng méi kleng Affaire. A wéi gesot, 2025 hu mer bis elo keng Affaire disciplinaire. An ech hoffen, dass dat och esou bleift. Voilà. Dann, wéi vill Dossiere goufe bei de Conseil de discipline? Also wéi gesot, dann 1, wéi gesot, 2024. A hei ass et virun allem ëm net adequat Verhale gaange vun engem Mataarbechter, dofir hu mer et do weiderginn. A wéi gesot, mir haten et jo an engem vun eise leschte Gemengeréit, wou mer jo och d'Sanktioun appliziéiert hunn, déi de Conseil de discipline och proposéiert huet.

Da sot Der hei, jo, dass et net déi éischte Kéier ass, dass Pointage-Manipulatiounen an der Diddelenger Gemeng virgeholl goufen. Also ech muss Iech soen, dass de Schäfferot an déi ganz Ekipp am Personalbüro, weess just vun enger Pointage-Manipulatioun Bescheed. An dat ass jo dee besote Fall iwwert dee mer elo geschwat hunn, also vun engem Beamten. An all aner Manipulatioune sinn eis net bekannt. Dat heescht, wann hei an der Fro d'Behaaptung kënnt, dass nach aner Pointage-Manipulatioune stattfonnt hätten, da misste mer dat jo da gesot kréien, wann Dir do och e Verdacht schöpft, dass mer dat natierlech och kënne weiderginn. Op alle Fall dem Schäfferot an dem ganze Personalbüro si keng Pointage-Manipulatiounen, déi ee Charactère pénal dann hätten, well mir hate jo elo grad en Dossier, bekannt, an och disziplinarescher Natur.

Dann awer d'Fro, wéi ginn d'Aarbechtszäiten dokumentéiert? Ech mengen déi Froen hutt Der gestallt. Also, wéi gesot, alles gëtt dokumentéiert iwwert den neie Pointage-System, dee mer hu säit 2019. Dat ass eng Lëtzebuerger Firma, déi eis deen zur Verfügung gestallt huet. An all Pointage muss natierlech online ugefrot ginn an och vum Supérieur hiérarchique validéiert ginn, fir dass en och en compte geholl gëtt, en consideratioun geholl gëtt. A wéi gesot, dat ass am Fong fir all Mataarbechter, wéi gesot, deen dat muss maachen. An ech betounen hei nach eng Kéier, et sinn eis weider keng Abuse bekannt vu weideren an anere Pointage-Manipulatiounen. Voilà. Ech mengen ech hat probéiert am Detail op Är Froen ze äntweren. Also



Dir kënnt nach eng Prezisiounsfro stellen, gell? Sou wéi den ROI et virgesäit. Mir maachen elo keng Diskussioun op. Wéi gesot, eng Prezisiounsfro kënnt Der ganz gäre stellen oder eppes richtegstellen. Dat ass kee Problem.

MARC MEYER (DP): Voilà, da probéieren ech et als Fro ze dréinen, wéi Der gesot hutt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Et gëtt eng nei Fro?

MARC MEYER (DP): Zu deem, wat am Text steet, selbstverständlech. Okay. Dass eebe just eemol eppes an de Medie war. Also wann ech dat elo richteg verstanen hunn, an Dir kënnt mech do natierlech selbstverständlech korrigéieren, war eeben de Fall vun den Informatiker, eent, an de Fall vun deem mer virdru geschwat hunn, zwee, also da sinn et der schonn zwee, dat ass jo dann e puer. A wat dann d'Saach ugeet vun de Manipulatiounsfrauden, dat ass jo dann och bei den Informatiker, war jo e Kandidat dobäi, wann ech mech net ieren, eent. An elo vun deem Theema, wou mer virdru geschwat hunn, och zwee, also och hei erëm méi an net en Eenzelfall, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech hunn elo d'Fro net verstanen.

MARC MEYER (DP): D'Fro ass, ass dann net awer dat richteg, wat am Text hei steet, deen Der do virleien hutt vun eis?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mee bon, ech mengen Dir hutt Iech beruff op d'Joer 2023, 2024, 2025. Do ass elo näischt wat de Fall ass. An dat anert ass mengen ech en aneren Dossier, an ech wëll elo net hei op den Dossier agoe vun den Informatiker, well do gouf et e Validatiounsprozess par rapport zu de Pointagen, wëll ech soen, vum Supérieur hiérarchique. Do ware mer an där Logik vun der Äntwert, déi ech Iech hei ginn hunn. Do ass dat zwar scrupuleusement agehale ginn. Also ass et 1. Voilà. Ma neen, ech mengen, et war eng Fro an ech ginn hei eng kloer Äntwert, dass d'Prozedur do agehale gouf, sou wéi mer se virgesinn hunn. Voilà, dann hat ech och op déi dote Fro geäntwert an da wäre mer zum Schluss vun der Séance publique ukomm an da géif ech proposéieren, dass mer an den Huis clos géifen iwwergoen. •

# Poesie am Park

## 14.8.

**17:00-23:00**
Fräien Entreé

## Park Emile Mayrisch
## Diddeleng



**Liesunge fir Grouss a Kleng • Musek • Iessen & Gedréinks**

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Commission de la Culture